14.
MÄERZ
2025

# Gemengebuet



**#LIEWENZUESCH**

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
↻ = Procuratioun

14.
# MÄERZ
2025

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**14. Mäerz 2025**

*Réunion à huis clos*

## 1.1 Questions de personnel ; décision

## 1.2. Office social ; questions de personnel ; décision

*Réunion publique*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis iwwer déi verschidde Medie vläicht grad zougeschalt sinn an eis suivéieren, ech begréissen Iech dann an der haiteger Gemengerotssëtzung.

Entschëllegt sinn de Schäffe Knaff, deen awer wäert en cours de route nach bäikommen, an d'Conseillière Braz. Déi entspriechend Procuratiounen, déi sinn ofginn.

Par rapport zum Ordre du jour, do koume keng Demanden eran, fir Punkte bäizesetzen oder erofzehuelen. Dir krut just gëschter d'Informatioun, dass fir d'Rue des Acacias, dass mer do mussen och nach de passende Crédit spécial zu deem Devis, dee mer souwisou sollte stëmmen, och nach de Crédit spécial dozou musse stëmmen.

Dat ass eng finanztechnesch Aktioun, well eeben en Artikel am Budget geännert gëtt, mee den Devis war jo souwisou um Ordre du jour, sou dass mer dat do kënne mathuelen. Ausser natierlech, et géife Bedenke ginn, mee ech mengen, dat ass net de Fall.

## 2. Projet d'Aménagement Particulier NQ « Sainte Elisabeth » ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Bon, mir hunn e gutt gefëllten Ordre du jour, dowéinst starte mer direkt mat dem neie PAP. An do ginn ech dem Här Sehovic d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Och vu menger Säit Moien alleguerten.

De virleiende PAP Nouveau Quartier huet zum Objet, en Haaptgebai ze transforméieren an zwee annex Haiser ofzerappen an nei ze bauen. An dat am Optrag vun Elisabeth, fir e Projet vu betreitem Wunne fir Kanner a Jonker. Mir sinn an der Rue des Franciscains am Quartier Bruch.

D'Decisioun, zwee vun den dräi Haiser ze demoléieren an nei opzebauen, gëtt vun den Auteuren als bescht Optioun ugesinn, opgrond vun de Besoine vun Elisabeth op der enger Säit, an och op der anerer Säit opgrond vun de villen Normen an Ufuerderungen, déi en vigueur sinn.

De PAP Nouveau Quartier huet als Haaptzil, eng gutt Integratioun vun de Gebaier an hiert Ëmfeld ze garantéieren. Dëst gëtt duerch harmoniséiert Bauvolumen erreecht, déi un d'Nopeschgebaier ugepasst an natierlech mam Terrain ofgestëmmt sinn. Domadder füügt sech de Projet relativ gutt an de bestoende Quartier an.

De PAP koum de 25. November 2024 an d'Prozedur. D'Publikatioun ass vum 27. November bis de 27. Dezember gelaf. Wärend där Period ass keng Reklamatioun erakomm. Den Avis vun der Cellule d'évaluation gouf de 27. Dezember ausgestallt.

Déi verschidde Punkten aus eisem Avis, deen och dem Conseil communal virläit, wäert elo d'Cheffin vun der Division du Développement urbain, Daisy Wagner, Iech méi am Detail presentéieren.

Fir all eenzele Punkt gouf eng Fiche ausgeschafft, an där mer eis Positioun erklären. Och dës Fichë ginn haut zum Vott gestallt. An domadder géing ech gären d'Wuert weiderginn, Här Buergermeeschter, un d'Madamm Daisy Wagner.

*(Technesch Problemer)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech weess net, firwat de Mikro net geet. Ech froen d'Technik, oder ob d'Madamm en Handmikro ka kréien.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Oder vläicht dem Här Schmit säi Mikro huelen.

**Mme Daisy Wagner**

Da maache mer dat esou.

Merci fir déi aleedend Wierder.

Wéi gesot, ech ginn eeben op déi verschidde Punkten och a vun der Cellule d'évaluation. Virdru weisen ech awer mol kuerz, ëm wat et geet.

Also fir eis an de Kontext ze setzen, hunn ech eemol déi dräi Vuen och dragesat aus de verschiddene Stroossen. Hei d'Vue aus der Rue des Franciscains. Do gesäit een eeben de Bestand, sou wéi et haut op der Plaz och ass. Mat der Bebauung, déi eeben och geschützt ass.

Hei vun der anerer Säit, nach eemol aus der Rue Léon Jouhaux. An och eng Kéier d'Vue aus der Rue St. Henri.

Am PAG ass de ganze Site sou klasséiert, dass en an enger Zone Bâtiment équipement public sech befënnt. Et läit en Hachurage driwwer, dee beseet, dass et en Nouveau quartier ass. Dat heescht, all baulech Virkéierung, déi geholl gëtt, do muss een eeben e PAP ausschaffen. Dofir hu mer och elo haut de PAP dann hei virleien. Dee PAP baséiert sech op e Schéma directeur, deen och kuerz herno weisen.

Da gesäit een, dass op där Zon och nach sou e getëppelten Hachurage driwwer läit. Dat beseet eeben, dass dee Site an engem Secteur sauvegardé läit, deementspriechend eeben och deene Preskriptiounen ënnerläit.

Da gesäit een hei e kuerzen Extrait, wéi eng Densitéiten definéiert sinn. Déi sinn am Schéma directeur definéiert. Den COS vun 0,5, CUS vun 1,5, eng Densité de logement vun 10, CSS, dat ass eeben d'Surface de cellement, déi läit da bei 0,7.

Hei ass de Visuell vum Schéma directeur, wéi mer e säit der Refonte och an eisem PAG mat dra leien hunn. E Schéma directeur definéiert grob eeben, wéi eng Funktioune kënne realiséiert ginn. Blo steet fir ëffentlech Ariichtung an déi orange Hachure, déi nach drënner läit, steet fir Wunnen.

An dann dat rout gestréchelt bedeit eigentlech just, dass dat e Gebai ass, wat eeben e kommunale Schutz huet an eeben ze halen ass.

Dann d'Partie graphique, sou wéi mer se erageschéckt kritt hunn. Et gesäit een, mir hunn eigentlech dräi Loten, déi de PAP definéiert. Dovunner sinn zwee Loten, déi praktesch à l'identique sinn. Dat ass, wou eng Neibebauung virgesi ka ginn.

Dann hu mer e Lous, wou een e roude Punkt drop gesäit. Deen nërdlechen. An dat ass eeben dat Gebai, wat geschützt ass. De roude Punkt seet aus, dass et e Gebai ass mat engem kommunale Schutz.

De Lous 1 an 2, do gesäit een och am viregte Beräich – dozou si Parkplazen definéiert. Dat heescht, nieft dem Baufënster, wat hei duergestallt ass, huet een och Parkplazen. Et huet ee mat indiquéiert, dass Hecke-strukture ronderëm solle realiséiert ginn. A bei dem geschützte Gebai gesäit een op de Mauerstrukturen och jeeweils rout Punkten, wat eeben och bedeit, dass déi Mauerstrukturen hei ze erhale sinn.

Da liest een aus der Partie graphique och eraus déi verschidde Wäerter: d'Densitéiten, d'Surfacen, déi kënne realiséiert ginn. Ech hunn awer och mol hei rout, wat eeben de PAG un Densitéite virgesäit a wat eeben am PAP elo definéiert ass. An et gesäit een, dass mer mat deenen Densitéitwäerter ëmmer drënner leien, sou dass mer do absolutt konform sinn.

An de Couppe gesäit een dann, vu wéi vill Stéck datt mer schwätzen. Also dat gëtt souwuel an der Representation graphique an der Tabell duergestallt wéi awer och ... mat de Parties graphiques gehéiert och d'Couppen dozou.

An hei gesäit een dann och, beim geschützte Gebai ass eng Annex méiglech. Déi Annex ass fir d'Erschléissung vum Gebai. Dat heescht, do hu mer en Trapenhaus a mir hunn awer och d'Realisatioun vun enger PMR-gerechter Accessibilitéit, eeben eng Liftstruktur, déi do kann an déi Annex mat eran. An et gesäit een och, dass de Sous-sol och soll erweidert gi vun deem historesche Gebai.

Dann de Lous 1 an 2, dat sinn eeben Neibebauungen, déi méiglech sinn. Dat sinn dann dräi Stäck, plus ee Comble. Dat ass awer kee ganz exploitabele Comble, mee dat ass éischter Späicher, ënner dem Daach, sou dass et eigentlech voll dräi Stäck sinn, déi bewunnbar sinn. An et gesäit een och, dass de Gabarit sech eigentlech alignéiert un dat bestoent Gebai, wat eebe geschützt ass.

Et gesäit een och, dass de Lous 1 an 2 jeeweils e Sous-sol mat definéiert.

An hei nach eemol d'Coupë vun der Säit, wou een och dann d'Pontë vun den Daachstrukturen dran erëmfënnt.

An de ganze PAP war eeben am November an d'Prozedur gaangen. Wéi dee verschéckt ginn ass, hu mer och vun eiser Säit schonn divers Remarke mat weiderginn. Mir hunn u sech jo d'Aufgab, ze préiwen, ass dee PAP konform zum PAG.

Mee mir hunn awer och d'Méiglechkeet, divers Remarke mat un d'Cellule d'évaluation ze schécken. Dat waren haaptsächlech och Remarke par rapport zu enger besserer Integratioun vun deem Projet an de Bestand. Dat sinn och Remarken, déi mer am Avis herno och erëmfannen.

Den Avis ass ëmmer eng ganz textuell Ausféierung. Mir transposéieren déi divers Punkten dann an eng Fiche. An an där Fiche gesäit een dann och zu all Punkt eis Reaktioun, Proposition de modification, déi dann och haut eeben zum Vott mat virleien.

Den éischte Punkt eeben d'Konformitéit vum PAG. Do liest een dann och erschreckend am Avis, dass mer net konform wären. Mir hätten eng Non-Conformité. Dat ass awer dohier, well an enger Preskriptioun an der Partie écrite och stoung, dass beispillsweis, wann et Diskordenze géife gi vun enger Coupe, d'Duerstellung an der Coupe par rapport zur Partie graphique.

Wann et do Diskordenze géife ginn, dann ass et de Plang, dee géif priméieren. Mee sou eppes ass net rechtens, dat kënne mer sou net an der Partie écrite stoen hunn. Well all Element aus dem PAP ass gläichberechtegt. Dat heescht, déi ergänze sech een deen aneren.

Et ass net, dass eng Partie écrite elo géif iwwerweie par rapport zu enger Partie graphique oder Änleches. Sou Aussoe kënnen net an engem PAP drastoen. An dofir war dunn déi Non-Conformité, déi een eeben am Avis vun der Cellule och dran erëmfënnt.

Dann ass awer e klenge Risque de non-conformité mat dra gewiescht. Dat ass haaptsächlech eebe par rapport zur Integratioun an de Bestand. Well et e Secteur sauvegardé ass, hu mer déi Preskriptioun, déi och ganz streng ass. An dofir sinn och do Adaptatiounen ze maachen um Projet, fir dat nach besser ze maachen. An dat sinn eeben op dësem Slide eigentlech resuméiert déi Punkten.

D'Cellule seet richtegerweis, et soll ee virgesinn, dass et keng véier Volumetrië sinn. Also mir schwätzen hei haaptsächlech vun der Volumetrie elo. Mee dass et zwou grouss Volumetrië sinn, propper Volumetrien, déi mer hei sollen definéieren.

Dann ass et och d'Ënnerbriechung zum Beispill an der Fassad vir, also mat Vir- a Réckspréng, dass net iwwer eng Längt méi wéi siwe Meter ka méiglech sinn. An dass och sou Vir- a Réckspréng just ganz limitéiert sinn. Maximal zwee Meter, wou sou en Element kann no vir sprangen.

Et ass alles ugeleent, déi Aussoen, eigentlech un deem, wat virdrun eeben och Bestand hat um Site, esou wéi mer et elo och kennen. Dofir hunn ech lech och déi Biller eemol gewise vun de Volumetrien, wéi se elo aktuell och do stinn.

An d'Aussoe ginn ëmmer erëm un Uleenung un dat, wat eeben am Moment och um Site eebe steet.

Dann ass et eeben een Element, wat ganz markant ass. Dat ass eeben och d'Daachstruktur. Dofir ginn ech nach eemol kuerz hei an d'Loftbild eran.

Et gesäit ee ronderëm, et sinn ëmmer Daachstrukture mat véier Versanten, also véier Schrägen. Dat ass also och eppes, wat mer hei erëm sou sollen definéieren am PAP. Dat ass, mengen ech, e wichtegt Element, a wat ganz sécher garantéiert d'Integratioun eeben an de Bestand vun dem Quartier ronderëm.

Dat ass och en Element, wat zweemol respektiv e puermol och am Avis ze liesen ass. Déi Struktur vun der Daachstruktur.

An hei gesäit een eeben d'Visualisatioun. Lénks, dat ass dat Bild, wat mat am PAP dobäi loung, wéi en an d'Prozedur gaangen ass. Riets ass elo dat, wat mer proposéieren, an der adaptéierter Versioun da mat virzegesinn.

Hei geet et elo net ëm d'architektonesch Ausformuléierung, well dat géif ee jo soen, lénks, dat ass jo awer schéin duergeluecht, mee et geet reng ëm d'Volumetrien. An do erkennt Der ganz gutt, ëm wat et eis geet.

Also dass een net méi déi véier Cuben huet, mee dass et wierklech zwou propper Volumetrië sinn, déi hei realiséiert ginn. Mat deene Virspréng, déi méiglech sinn, sou an Uleenung un de Bestand ronderëm.

Dofir hunn ech hei och nach eemol d'Foto dra gesat aus den Alentoure vum Site, wou ee genau erkennt, wat mer eigentlech domat mengen a wéi eng architektonesch Ausformuléierunge mer eis do virstellen.

Da sinn nach divers aner Punkten awer ze annotéieren am Avis, a wou mer och drop aginn. Och positiv aviséieren. Mer hunn awer zwee Punkten, wou mer dovun ofgesinn. Mee ech fänke vir un.

Wéi Der gesinn hutt, op der Partie graphique sinn Emplacementer jeeweils am Entrées-beräich vun den zwee Gebaier definéiert gewiescht. Dat heescht, eng Entrée an ee Gebai ware ganz staark dominéiert vun engem Parking.

An dat ass eigentlech ze evitéieren. An dofir gëtt och hei proposéiert, déi Emplacementer ze regruppéieren an tëscht déi zwee Gebaier ze implantéieren. Dat ass och eppes, wat mer scho mat dem Büro diskutéiert hunn. A si gi souguer op de Wee, dass se d'Emplacementer reduzéieren. D'Unzuel eigentlech.

Dat heescht, si gi vun aacht op véier erof. Dat hunn ech awer nach eemol op engem nächste Slide och drop. Dat heescht, do kréie mer schonn eng Ameliloratioun och mat deenen Adaptatiounen, déi hei proposéiert ginn.

Dann och wat d'Recullen ubelaangt am viregte Beräich zur Strooss hin. Wann een nach eemol an Erënnerung hëlt d'Bild, wou ech gewisen hunn aleedend. Déi Gebaier hu Vir- a Réckspréng. Déi sinn net d'selwecht alignéiert. Och dat eppes, wat mer hei sollen erëm mat opgräifen an da fir de Lous 2 e méi reduzéierte Recul definéieren.

Dann huet awer d'Cellule eppes proposéiert, dat ass de CE08, fir Dependancë mat virzegesinn tëscht deenen zwee Lousen. Dat ass awer eppes, wou mer soen, dovunner wéilte mer gär ofgesinn, well dat elo net onbedéngt zur Harmoniséierung bäidréit. Dat heescht, do hätte mer wierklech ganz kloer nach eemol eng Bebauung dotëscht.

Do ass och de Risk, dass dat elo an der Ausformuléierung net ganz qualitativ wär. Dat kéint dorop erauslafen, dass ee wierklech carrement Garagen do hätt an dat wär hei eigentlech ze evitéieren. An och do hate mer schonn Echangë mam Büro, déi och soen, dass dat eppes ass, wou se absolutt mat eis alignéiert sinn.

Schonn eleng och, wat och hiert Konzept vun der Accessibilitéit CGDIS etcetera ubelaangt, géife se och léiwer heivunner ofgesinn. Sou dass dat eppes ass, wou mer soen, dat gesi mer net als favorabel Remark a géifen net zeréckbehalen.

Dann hu mer och e Punkt dra gehat, wou d'Cellule gesot huet, net nëmmen d'Mauerstrukture wären ze halen, mee och déi metalle Gelänner, déi driwwer sinn. Mee dat ass eeben och ee vun de Punkten, wou mer musse redresséieren. Wou mer soen, déi Gelänner, déi sinn net à l'identique.

Also dat ass net d'ursprénglech Konstruktioun gewiescht. Dat sinn der, déi an der Zäit nogemaach gi sinn. Se hunn och eng Faarf, sou hellblo. Et ass näischt, wat elo eigentlech schützenswäert ass.

Et ass méi d'Mauerstruktur, déi wäertvoll ass. An dat anert, dat kéint à la limite och nach geännert ginn. Dat heescht, do gesi mer dat e bëssen differenzéiert.

Dann ass awer den CE10 – do war ech elo driwwergesprongen. Dat ass e wichtege Punkt, well si si relativ restriktiv mat hiren Distanzen, déi si definéiert hate par rapport zur Léon-Jouhaux-Strooss. An do soe mer ganz kloer: Déi Distanz muss awer mindestens dräi Meter hunn.

An de leschte Punkt hei nach, den CE13, ass och nach eng Prezisioun par rapport zur Konzeptioun och vun der Fassad. Wou d'Cellule och proposéiert, dass mer eng Preskriptioun solle virgesinn, fir déi Vertikalitéit

ze garantéieren och an der Fassadestruktur. Also och eng harmonesch Unuerdnung.

D'Proportioune solle stëmmen. Net dass mer do Vir- a Réckspréng – also d'Unuerdnung vun de Fënsteren, dass dat willkürlech wär, mee eeben och ëmmer erëm an Uleenung eeben un de Bestand, wat mer ronderëm hunn. Dofir ass dat och eng Adaptatioun, déi an deem Sënn wichteg ass.

Hei hunn ech elo eemol kuerz e Slide mat dragesat, wou mer elo scho vum Büro kritt hunn, wou se weisen an der mofer Duerstellung, wéi déi Baufënstere kënne verréckelt ginn, fir och deene Propose vun der Cellule d'évaluation gerecht ze ginn.

An et gesäit een dann eeben och déi Unuerdnung vun de Parkplazen tëscht de Gebaier an dass eeben d'Unzuel reduzéiert ginn ass. Eebe vu carrement aacht op véier Emplacementer, wat eeben absolutt eng Verbesserung ass.

Duerno kënnt eng ganz Rëtsch vu Remarken. Se stinn elo net hei um Slide. Dat si Remarken, déi gemaach gi sinn, wou einfach Feeler an de Parties graphiques an och Parties écrites stinn. Ech ginn elo net eenzel op déi an, well dat sinn einfach Redressementer, déi musse gemaach ginn. Dat sinn och Saachen, déi zum Deel gefeelt hunn. Zum Beispill huet de Plan de mesurage gefeelt. Dee läit awer elo vir.

Da waren zum Deel feelerhaft Duerstellungen och an de Couppen. Et waren Diskordenzen do an der Duerstellung vun de Ponten an de Parties graphiques. A sou Saache musse redresséiert ginn. Mee wéi gesot, dorobber ginn ech elo net Punkt fir Punkt an, well dat einfach och Feeler sinn, déi eebe behuewe musse ginn.

Ech wéilt, well dat ass elo e bëssen extra gewiescht an dësem Avis vun der Cellule, dass mer och do wierklech e gebündelten Avis vum INPA mat dran hunn. Mer sinn eeben hei an engem Secteur sauvegardé. Et ass als geschützt Gebai concernéiert, wat och absolutt Sënn mécht.

Hir Remarke ginn awer zum gréissten Deel scho redresséiert mat deene Punkten, déi ech am Ufank eeben och gesot hunn. Fir eeben déi besser Integratioun vun deenen neie Bebauungsstrukturen do an de Kontext ze setzen.

An ee Punkt géif ech just eraushuelen. Dat ass nämlech déi Annex, déi méiglech ass un dem bestoende Gebai, wat jo da kommunal geschützt ass. Dass do déi Surface d'encrage eigentlech, do wou déi Annex un dat bestoend Gebai undockt, dass dat limitéiert gëtt an net iwwer déi ganz Längt ka realiséiert ginn. Dat ass en Detail, deen awer wichteg ass an deen och sou mat an der Partie écrite verschafft gëtt.

Dat heescht, déi Upassungen – hei gesäit een elo. Dat ass dat Beispill, wou dann d'Propos ass och vun der Formuléierung, fir an d'Partie écrite deementspriechend ze setzen.

An dann hu mer hei nach eemol just d'Iwwersiicht. Divers Surfacen ännere sech e bësse mat deem Verréckele vum Baufënster, mee mer bleiwen ëmmer nach ënnerhalb vun den Densitéitswäerter, déi eeben och am PAG definéiert sinn, sou dass mer do ganz richteg sinn.

An hei och nach eemol d'Duerstellung, e bëssen d'Adaptatiounen och a Mof duergestallt, déi op Basis eebe vun deene Punkte vun der Cellule d'évaluation sech erginn. Déi sinn also scho mat sou wäit vum Büro virgsinn. Eeben och déi Struktur vum Daach, quatre versants. An dann d'Héichten, déi ugepasst ginn. Och all déi Wäerter, wat d'Ponten ubelaangt vun der Daachstruktur, etcetera.

Voilà.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da froen ech als éischt, ob et technesch Froen nach zum PAP gëtt.

Dat ass net de Fall. Da soe mer Merci.

An da froen ech, ob et soss Wuertmeldungen zum PAP gëtt. Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Madamm Wagner, fir déi Explikatiounen.

Ech wollt just eng Remark maachen. Viru Kuerzem hate mer an der Kulturfabrik e Workshop iwwer Architektur an do war ee ganz grousse Workshop doriwwer gaangen, dass mer solle vermeiden, Saachen ofzerappen.

Wéi gesot, ech stellen dee Projet do elo guer net a Fro. E gliddert sech wonnerbar an den Tissus urbain vun deem do Quartier an. Dat steet guer net hei zur Debatt.

An awer hu mer do vill Volumen, vill Mass, déi mer do erëm ofdroen, fir herno erëm eppes dohinner ze stellen, zemools wou mer wëssen, dass deen do Foncier elo net onbedéngt deen äermsten ass. Ech denken, deen do hätt eis och e wonnerbare Projet um Bestand kënnen eraginn.

Dofir, dat war just meng Remark, dass ech frou gewiescht wär iwwer all Meterkibb, dee mer net mussen ofdroen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Schmit wëll nach schwätzen.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, ech hunn nach just eng Fro zu de Parkingen am Fong geholl.

Dir hat jo gesot, et waren der am Fong geholl nach véier méi virgesinn. Aus wellche spezifesche Grënn ass dann decidéiert ginn, fir do nach ze reduzéieren? Also wann een dat sou kuckt, ech géif soen, aacht wär vläicht awer net ze vill gewiescht fir sou e grousst Gebai.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Eng technesch Erklärung.

Mme Daisy Wagner

Jo, eng kleng technesch.

Also d'Definitioun vun der Unzuel vun de Parkplaze resultéiert jo dohier, si hu jo och Personal do schaffen, dat ass richteg. A si hunn awer och zum engen e Besoin fir hir eege Camionetten, och fir den Transport eebe vun de Kanner ze garantéieren, wou se eeben och Emplacementer brauchen.

Et gesäit een awer och, dass an deem Beräich vun dem geschützte Gebai, do si jo och Emplacementer virgesinn. An dat schéngt hinne sou wäit duerzegoen. Dat heescht, dat doten ass net eng Reduzéierung, déi elo vun eiser Säit gefuerdert ginn ass. Also vun der Gemengesäit.

Mee dat ass eebe vum Developpeur selwer komm. Dass se selwer soen, fir eeben och deene ganze Bestëmmunge gerecht ze ginn an ze garantéieren, alles wat hiert Konzept vum CGDIS och ubelaangt. Fir dat ze sécheren, hu si eeben d'Unzuel un de Parkplazen hei dunn och reduzéiert.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir nach dës Erklärung. Soss gëtt et keng Wuertmeldung.

Här Sehovic, ech weess net, ob Dir nach eppes wëllt soen. Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↻ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **André Zwally**

## 3. Désignation de noms de rues, de chemins et de places dans les quartiers Nonnewisen, Rout Lëns et Wobrécken; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir de Vott.

Da komme mer elo, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vläicht bei en onspektakläre Punkt, awer a mengen Aen trotzdeem e wichtege Punkt vum haitege Gemengerot. Well wéi eng Stad seng Plazen, seng Stroossen, Weeër an Infrastrukture benennt, dat ass eigentlech ni en Zoufall.

De Choix vun dësen Nimm ass op der enger Säit eng Expressioun vun Unerkennung, vun historeschen Ëmstänn, vun enger gesellschaftlecher Entwécklung oder vun individuellem Asaz. An historesch betruecht ass et och e Bild, wéi zu wat fir engem Moment wéi eng Ëmstänn, Entwécklungen an Engagementer vu wiem dës Unerkennung krut.

Ech zitéieren aus dem Buch vun den Hären Adamador a Bernardini: „Esch-sur-Alzette est séreux de l'histoire à chaque pas. Les lieux d'une ville et leurs régnants sont toujours un reflet de l'histoire de cette ville. Depuis le 19e siècle et l'industrialisation, le village d'Esch s'est rapidement transformé, une nouvelle ville s'est fortement développée. Cette évolution centenaire, puis les changements économiques sociaux et urbanistiques des dernières décennies ont trouvé leur expression dans la création de nouvelles rues et dans des dénominations successives en raison des aléas de l'histoire."

Well mir wëssen, wat an dëser Formulatioun awer feelt, dat ass och nach den Aspekt vum Message, deen eng Stad den Awunnerinnen an Awunner oder de Leit, déi op Besuch an d'Stad kommen, wëll gi mat den Denominatiounen.

D'Iwwerleeung, firwat et elo grad wichteg ass, grad deen een oder deen aneren Numm erauszesichen, firwat et grad wichteg ass, dat eent oder dat anert Engagement, d'Wäerter, déi domadder verbonne sinn, erauszesichen, a wat mer als Stad Esch an als Gesellschaft wëlle soen a wouzou mer wëlle stoen.

Mir hunn eng ganz Rëtsch Lëscht mat Nimm gi gelooss. Mir hunn der vill duerchgelies a vill diskutéiert. An am Schäfferot wollte mer véier wichteg Messagen zeréckbehalen. Éischtens ass d'Stad Esch eng Stad mat Lokalgeschicht a mat Traditiounen. Dat um Stadniveau, awer och bis an d'Quartieren eran.

An Traditiounen erhalen an héichhalen, dat ass och oft mat perséinlechen Engagementer

verbonnen. Zum Beispill am gesellschaftleche Liewen, am politesche Liewen, an de Veräiner, an de Parteien a sou weider.

Mee Traditioun ass et, dass e verstuerwene Buergermeeschter eng postum Unerkennung kritt fir den Asaz, wou e fir d'Stad Esch kritt huet. An dat, andeems Stroossen, Weeër oder Citéen no deene benannt ginn. Dofir proposéiert de Schäfferot dann och, eng Strooss op der Rouder Lëns nom fréiere Buergermeeschter François Schaack ze benennen.

Eng aner Perséinlechkeet, grad vun der Escher Grenz, dat war den Dokter Carel Achen. Stellvertriedend fir all Escherinnen an Escher, déi sech mat engem Quartier verbonne fillen, do opwuessen a sech do e Liewe laang engagéieren, proposéiere mer dann och, him eng Strooss op der Rouder Lëns unzeerkennen.

Den zweete Message, dat war, dass mer och d'Leeschtung vu Frae wëllen unerkennen. Zënter elo fënnef Joer maache mer mat als Stad bei der Aktioun „Noms des rues au féminin". Mir hunn de Constat, dass mir mat 6 % bei de Fraennimm sinn, dass mer domat zwar vir bäi sinn am nationale Verglach, mee dass mer dat awer nach duerchaus verbessere mussen a sollen.

A mir stelle fest, dass mer zwar bei där Aktioun an de leschte fënnef Joer 200 Fraennimm definéiert hunn, déi eventuell gutt wieren an och temporär opgehaangen hunn, awer wou just eng eenzeg Fra entre-temps an deene fënnef Joer och tatsächlech e Stroossennumm kritt huet. Dat wëlle mer haut veränneren. Dowéinst sinn de Rescht Nimm, déi mer proposéieren, Fraennimm.

An dann den drëtten an de véierte Message, dee liest sech dann aus de verbleiwenden Nimm eraus.

Mir erliewen, grad an Europa an och an der Welt, en Trend, dass Rietsextreemer, rietspopulistesch Parteien a Politiker mat Haass an Hetz gutt Resultater bei Walen erzilen. Et handelt sech heibäi ëm Parteien a Politiker, déi och de Fonctionnement vun eisen Demokratien a Fro stellen an Elementer vun totalitäre Systemer gutthalen, guttheeschen, an an hiren Discours an an hiert politescht Handele mat integréieren.

Dofir proposéiere mer fir d'Rout Lëns d'Nimm vun dräi Fraen, déi allen dräi ënnert dem Nazi-Regimm agespaart goufen. Eng vun de Fraen ass souguer higeriicht ginn, well se sech géint déi Occupatioun a géint deen totalitäre System gewiert huet. Déi de Krich och erlieft hunn, hu sech duerno hiert Liewe laang fir Mënscherechter, Gerechtegkeet an Humanismus agesat.

Et ass och e Gedanken, wann Der dat liest, dass mer eng däitsch, eng lëtzebuergesch an eng franséisch Fra erausgesicht hunn, fir dem europäeschen an internationale Gedanke Rechnung ze droen. An dräi Fraen, déi vun hire Fundamenter, vun hiren Iwwerzeegunge ganz ënnerschiddlech sinn.

Sou zum Beispill eng Fra, déi Member vun der Kommunistescher Partei war an aus där Iwwerleeung eraus gehandelt huet. Op der anerer Säit awer och eng Fra, déi an hire Bréiwer beschriwwen huet, dass hir chrëschtlech Iwwerzeegung si encouragéiert huet.

An dat ass och e Message, dass Reliounen, Parteien, Iwwerzeegungen eigentlech net sou wichteg sinn, wann et dorëms geet, sech géint totalitär Systemer a géint ondemokratesch Systemer anzesetzen.

An dësem Sënn proposéiere mer fir d'Rout Lëns d'Place Yvonne Hostert, d'Place Simone Veil an de Chemin Sophie Scholl.

An dann de véierte Message. Et huet eis gutt gefall, dass soll de Chemin Sophie Scholl laanscht de Kannercampus Rout Lëns goen. Et huet eis gutt gefall, dass grad déi Weeër, déi bei Schoulen higinn, dass do solle positiv Virbiller vu Schülerinnen a Schüler unerkannt ginn. An dat och de Schülerinnen a Schüler, déi grad an dëse Momenter an d'Schoul ginn, dëst soll kommunizéiert ginn.

An dëser Iwwerleeung proposéiere mer, weider Schoulweeër ze benennen. Zwee hu mer erausgesicht elo mol fir den Ufank: de Chemin Ruby Bridges beim Generatiounscampus Wobrécken an de Chemin Malala Yousafzai fir d'Schoul Nonnewisen.

De Schäfferot wäert elo eng Kéier kuerz op déi verschidde Biografië vun den Nimm agoen. An ech fänken u mat der Strooss fir de François Schaack.

De François Schaack ass 1927 gebuer. Hien ass 1970 hei an den Escher Gemengerot komm an 1982 gëtt hie Schäffen. Hien ass duerno Buergermeeschter ginn an hie war och Grënner a ganz engagéiert an éischte President am SIGI, dem Syndicat intercommunal de la Gestion Informatique.

Hie war Mathematiksprofesser am Jongelycée an hat eebe grad eng Passioun fir déi Entwécklung vun der Informatik, vun der Technik. An dowéinst passt dann och déi Plaz op der Rouder Lëns awer vläicht, well mer do e Quartier kréien, deen de modernsten technesche Fortschrëtt soll liewen.

De François Schaack war och e Mënsch vun der Kultur. Hien huet eng ausseruerdentlech Kollektioun u Bicher gehat. An dës Kollektioun huet hien och der Stad Esch verierft, wat beweist, wat säin Attachement fir d'Stad Esch ausmécht.

Den Här Zwally presentéiert eis den Dokter Achen.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, den Dokter Achen, mengen ech, brauch ech fir déi, déi scho méi laang dobäi sinn, net méi virzestellen. Hien ass 1934 gebuer, 1996 gestuerwen, also nach relativ jonk.

Hien ass Legend gewiescht op der Escher Grenz, net nëmmen duerch de Fussball. Hie war President vun der AS Jeunesse d'Esch vun 1983 un, bis dass hie gestuerwen ass, also gutt 13 Joer, den 1. Dezember 1996, wou hien eis verlooss huet.

Seng Personalitéit ass verankert haaptsächlech um Niveau vum Veräin vun der Jeunesse op der Grenz. An hie war ëmmer exemplaresch a sengem Engagement par rapport zu deene Leit, déi mat him zesumme gelieft och hunn, respektiv och Sport gemaach hunn.

Hie war awer net eleng do engagéiert. Hie war och ee vun deenen, déi am Ufank an de Médico-sportif komm sinn, wou hien och do seng Responsabilitéiten iwwerholl huet an och versicht huet, dat méi modern ze maachen an och anescht ze entwéckelen.

Ech mengen, hie war och deemools engagéiert am Médico-sportif, beim Ministère, wou hien och dozou bäigedroen huet, dass dat sech anescht entwéckele konnt.

Hien ass op der Grenz grouss ginn. Dat ass och eng vun den Ursaachen, firwat dass mer gesot hunn, vu dass d'Lentille Terres Rouges sech entwéckelt, wäerte mer dann och e Grenzer Jong dohinner huelen.

Seng Mamm, déi och relativ Wittfra ginn ass, huet da mat zwee Kanner missen opwuessen. Si hat e klenge Commerce direkt nieft dem Escher Lokal, dat heescht, nieft dem Jeunesse-Lokal op der Grenz.

Hie war Medezinner. Hien huet studéiert zu Stroossbuerg. A war natierlech och bekannt, wann een iergendwou komm ass an et hat ee sozial Problemer, dann huet hien natierlech och doranner gehollef.

Hie war e Jong aus dem Quartier, well en och seng Praxis an der Rue Dicks hat, an der Brill-Strooss, an der Zénon-Bernard-Strooss. An hien huet natierlech all säin Asaz do bewise par rapport zu deene Leit, déi bei hie komm sinn.

Ech mengen, hie war eng Perséinlechkeet, déi ee ganz selten erëmfonnt huet a sengem Beruff. An och als Mënsch. An dofir mengen ech, ass et och vun eis aus de richtege Choix gewiescht, fir dem Dokter Carel Achen eng Strooss ze widmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Chemin Sophie Scholl.

Also d'Sophie Scholl ass 1921 gebuer, 1943 gestuerwen a war eng wichteg Figur, emblematesch Figur vun der däitscher Resistenz wärend dem Zweete Weltkrich.

Nodeem den däitsche Regimm, den nationalsozialistesche Regimm Däitschland besat huet, huet d'Sophie Scholl zu deem Moment déi jonk Hitler-Truppen ... huet sech bäigefüügt. An 1937 goufen d'Sophie Scholl a säi Brudder vun der Gestapo befrot, well dee Moment se aktiv ware bei der „Bündischen Jugend".

Säit dësem Interrogatoire hunn déi zwee sech distanzéiert vun den Ideologië vun der nationalsozialistescher Partei.

1942 huet d'Sophie Scholl sech engagéiert bei de Resistenzler, souwéi och säi Brudder. Si hunn notamment verschidden Theeme vun den Nazien denoncéiert. An dat ënner Trakten, déi se ënnerschriwwen hunn ënnert „Weiße Rose". Rose Blanche. Haut nach ginn d'Sophie Scholl ënnert dësem Numm nach benannt.

Den 18. Februar 1943, d'Sophie an den Hans Scholl ware mat hirem Collaborateur Christoph Probst, goufe festgehale wéinst Redaktioun vun dësen Trakten an duerno och nach condamnéiert an och nach erschoss. Den 22. Februar 1943.

D'Figur vum Sophie Scholl, sou wéi d'Rose Blanche, d'Wäiss Rous, hunn e staarken Afloss an Däitschland an natierlech och nach iwwer hir Grenzen eraus. Dësen Akt vu Resistenz gëtt haut commemoréiert iwwerall als Beispill vu Courage an Engagement par rapport zu der Tyrannie, déi si deemools erlieft hunn an Däitschland.

D'Trakten, déi si deemools verdeelt hunn, an d'Idealer, déi si och nach incarnéiert hunn, sinn e Beispill an eng Inspiratioun fir d'Generatioune vu Militanten an vu Verteideger vun de Mënscherechter.

D'Sophie Scholl duerch seng Jugend an duerch säin Engagement bleift nach haut eng vun de wichtegste Figure fir d'däitsch Resistenz an e Symbol fir de Refus, fir d'Bekämpfung vun der Fräiheet.

Säin Heritage bleift natierlech fir eis alleguer eng kollektiv Memoire. An haaptsächlech duerch déi verschidden Aktioune ronderëm Schoulen a Plazen a Monumenter, déi och säin Numm droen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da proposéiere mer eng Place Simone Veil op der Rouder Lëns.

D'Simone Veil ass 1927 gebuer. Se ass am Alter vu 17 Joer an de Konzentratiounscamp komm. Als éischt op Auschwitz-Birkenau an duerno op Bergen-Belsen. Si huet zwar iwwerlieft, mee hire Papp an en Deel vun der Famill huet d'Campen net iwwerlieft.

Déi Etapp an hirem Liewen huet dunn hiert Engagement an hiren Asaz fir d'Mënscherechter gepräägt. Hire Parcours professionnell ass an der Magistratur ugaangen. Si ass duerno awer och Ministesch ginn. Si war am Europa-Parlament an ass och als éischt Fra Presidentin vum Europa-Parlament ginn.

Eng ganz bekannt a berüchtegt Diskussioun a wichteg Aféierung, wou si am Kader vum soziale Fortschrëtt als Minister duerchgefouert huet, dat war d'Loi iwwer d'Interruption volontaire de la grossesse, wou eeben eng Depenaliséierung heivunner ofgestëmmt gouf. A woumadder si nach eng Kéier hiren Asaz fir d'Mënscherechter ënnerstrach huet, an och fir d'Rechter vun de Fraen.

D'Simone Veil ass 2017 gestuerwen.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

D'Rue Yvonne Hostert. D'Madamm Yvonne Hostert ass gebuer 1921 an 2009 gestuerwen. Si war Resistenzlerin an och Member vun der Kommunistescher Partei.

Si war bestuet mat engem bekannten Escher Buergermeeschter, dem Här Arthur Useldinger, deen och Member war vun der Kommunistescher Partei.

A ganz jonke Joren ass si opgewuess an enger Famill, an enger normaler Aarbechterfamill, wou ganz oft e politeschen Engagement present war. Si huet sech a jonke Jore schonn an d'Resistenz gemellt, géint de Regimm vun Nazi-Däitschland, an huet och do gehollef de Flüchtlingen, respektiv och um Terrain praktesch, eigentlech Trakten ze verdeelen an alles, wat dozou gehéiert huet, fir Hitler-Däitschland entgéintzetrieden.

Si ass dunn awer festgeholl gi vun der Gestapo, ass an de Prisong komm zu Tréier an duerno deportéiert ginn an de Konzentratiounslager vu Ravensbrück, duerch hir politesch Iwwerzeegungen.

Do huet si net nëmmen iwwerlieft, mee si huet sech awer och abruecht an der interner Resistenz. Also et war eng Fra, déi wierklech couragéiert war. An trotz deem Ëmfeld, wou si do huet misse materliewen, sech awer nach ëmmer gewiert huet.

Si huet, gottseidank, och herno nach dat alles festgeschriwwen, wat si do erlieft huet. Och vun hiren Aktiounen, déi si materlieft huet. An dat ass natierlech och haut fir alleguerten déi, déi d'Geschicht nach eng Kéier wëlle schreiwen, natierlech e ganz wichtegt Dokument.

Si huet och am Prisong hiert Meedchen op d'Welt gesat, d'Fernande Hostert. An huet trotz allem och ëmmer virugefuer, fir géint Nazi-Däitschland sech anzesetzen.

Nom Krich ass d'Madamm Yvonne Hostert zeréckkomm op Lëtzebuerg, wou si sech politesch weider engagéiert huet. Si huet ënner anerem och e Rôle gespillt an der Fondatioun vun der „Union des Femmes Luxembourgeoise". E Mouvement, dee sech fir d'Fraerechter agesat huet, an och herno sech agesat huet géint d'Atomwaffen, d'Oprüste vun den Atomwaffen.

Hiert Engagement an och hiert soziaalt Engagement an de Fraerechter souwéi och an der Kommunistescher Partei huet natierlech och elo seng Friichte gedroen. A mir sinn och frou driwwer, dass d'Madamm Yvonne Hostert eng Strooss op der Lentille Terres Rouges kritt.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Aneschtwéi déi Personagen, déi bis elo genannt goufen, hu mer decidéiert, eng Strooss och ze benennen no enger Fra, no enger staarker Fra, déi haut och nach um Liewen ass.

De Chemin Ruby Bridges, dee haut de Mëtten och nach wäerten um Intergenerationelle Campus Wobrécken aweien offiziell, éiert eng staark Fra, déi bekannt ass fir hire biergerrechtlechen Engagement.

D'Ruby Bridges gëtt 1954 am Süde vun de United States gebuer – eran an eng ganz mouvementéiert Zäit. Am selwechte Joer kippt den amerikanesche Supreme Court d'schoulesch Segregatioun an de Schoulen an d'Ruby Bridges gëtt wéineg méi spéit dat éischt afro-amerikanescht Meedchen, wat an enger Schoul, déi bis dohi fir Wäisser reservéiert war, scolariséiert gëtt.

Zu sengem éischte Schouldag gëtt d'Ruby Bridges blockéiert an de Stroossen, op sengem Schoulwee, fir ze verhënneren, dass et a seng Schoul kënnt. Och an der Zäit duerno ass d'Ruby Bridges Affer vun Diskriminatiounen, rassisteschen Attacken, déi zu sengem Schoulalldag gehéieren.

D'Ruby Bridges léisst sech net ënnerkréien, mécht seng Schoul fäerdeg a gëtt no senger Schoul eng vun de féierende Biergerrechtlerinnen an de Vereenegte Staaten. An deen Engagement wëlle mer mam Chemin Ruby Bridges um Campus Wobrécken éieren.

Déi zweet Fra, an och do gëllt dat, wat ech am Ufank gesot hunn, déi mer mat enger Strooss bei enger Schoul wëllen éieren, an och nach um Liewen ass. Mam Chemin Malala Yousafzai éiere mer eng jonk Fra, déi scho vu ganz Jonkem u Geschicht schreift.

Gebuer 1997 fänkt d'Malala an engem Online-Blogg un, sech iwwer d'Konditioune vun de Fraen a sengem Heemechtsland opzereegen. Dësen Aktivismus suergt dofir, dass d'Malala Yousafzai den 9. Oktober 2012 Affer gëtt vun engem versichte Mord. E Mord, dee virugedriwwe gëtt vu Leit, deenen et net an de Krom passt, dass eng jonk Fra seng Meenung seet a sech fir seng Rechter asetzt.

Duerch e Wonner iwwerlieft d'Malala dëst Attentat a gëtt doropshin e globaalt Symbol vun der Emanzipatioun. D'Malala setzt sech haut a fir d'Rechter vun de Fraen, an notamment awer fir den Zougang zu Bildung fir all d'Fraen, egal wou se op der Welt opwuessen, ze garantéieren.

Dësen Engagement gëtt 2014, zum Zäitpunkt, wou d'Malala Yousafzai just 17 Joer huet, mam Friddensnobelpräis geéiert. An och hei zu Esch éiere mer dësen Engagement haut mat der Benennung vun engem Wee, dee bei der Nonnewisen-Schoul ass nom Malala Yousafzai.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Sehovic.

Ech maachen d'Ronn op, wann et Wuertmeldungen zu dëse Propose gëtt. D'Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, ech géif Iech emol villmools Merci soe fir déi Introduktioun. Déi

war ganz leerräich. An ech sinn immens frou, dass mer effektiv elo via dee biais e ganze Koup un engagéierte Fraen, déi effektiv Geschicht geschriwwen hunn, emol eng permanent Visibilitéit hei zu Esch ginn.

Wuelwëssend alleguerten, ech mengen, de leschte Samschden hu mer den internationale Fraendag gewürdegt, wou weltwäit op Fraerechter an op Gläichstellung vun de Geschlechter opmierksam gemaach gouf. Awer trotz ville Fortschrëtter ass eng Gläichberechtegung och am Joer 2025 nach ëmmer net erreecht.

Am Géigendeel. Eng Fraefeindlechkeet ass am Umarsch. Am Wäissen Haus mécht den US-President Trump eng toxesch Männlechkeet nees salonfäeg. Mat sengem zynesche Schluechtruff „Your body, my choice" ass gewosst, dass domadder an éischter Instanz d'Entscheedungsgewalt vun de Männer iwwer de Fraen hire Kierper gemengt ass.

Net ze vergiessen ass, dass säit Joren enk Vertraute vum Trump den Ofbau vu Fraerechter an de Retour vun erzkonservative Geschlechterrolle plangen.

Dëst huet eng nei Well vu fraefeindlecher Ideologie befeiert. Feministinne fäerten, dass se am Kampf ëm hir Rechter ëm Joerzéngten zeréckgeheit ginn – an dëst net nëmmen an den USA.

Wien d'Rechter an d'Fräiheete vun de Meedercher a Fraen a Fro stellt, gräift eis fräiheetlech Demokratie un. An ech mengen, mir mussen eis alleguerten zesummeschléissen.

Via elo dëse biais soen ech lech elo mol villmools Merci, dass mer wierklech de Fraen eng permanent Visibilitéit um Escher Terrain ginn.

Ech wëll lech awer trotzdeem alleguerten invitéieren – ech weess net, ob der de leschte Samschdeg op de Vernisage gaange sidd vum Resistenzmusée. Musée de la Résistance et des Droits humains, wou elo effektiv eng Wanderausstellung stattfënnt, wou wierklech d'Liewensweeër an d'Erfarunge vu 7.000 Fraen thematiséiert gëtt, déi am Kader vu politesch motivéierter Repressioun a Konzentratiounslager deportéiert goufen.

Ech soen lech vill villmools Merci fir dëst Signal.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl. Den Här Pulli, duerno d'Madamm Ragni.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert

Mir begréissen natierlech de Choix, wou hei gemaach ginn ass, an och, wat eebe meng Virriedner gesot hunn, virun allem, dass probéiert gëtt, fir méi Paritéit eebe bei de Stroossennimm ze suergen.

Mir wollten awer och vun dësem Ulass, oder vun dëser Geleegenheet profitéieren, fir eng Motioun ze déposéieren, déi Der elo wäert kréien. Zu Éiere vun enger Ur-Escherin, déi eis kierzlech am Alter vu 87 Joer verlooss huet. Nämlech dem Nelly Moia.

Vläicht kuerz fir déi, wou den Artikel am Tageblatt net gelies hunn. D'Nelly Moia war eng bekannt Escher Fotografin, Schrëftstellerin, Auteurin, Journalistin, Déiererechtlerin, Feministin, a virun allem Humanistin.

Eng Fra, déi mat hiere Wierker dat kulturellt an intellektuellt Liewe vun eiser Stad a wäit

iwwer d'Grenze vun eiser Stad eraus gepräägt huet. A si huet ausserdeem vun 1968 bis 2002 am Escher Meedercherslycée als Enseignante geschafft a Generatioune vu Jugendleche duerch hiert Engagement gepräägt.

Ech mengen, dat missten eigentlech genuch Argumenter sinn, fir eng Strooss nom Nelly Moia ze benennen an hir domat déi néideg Éier ze erweisen. Dofir hoffe mir, dass eis Motioun haut mat enger grousser Majoritéit gestëmmt gëtt. An ech soen Iech schonn am Viraus Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli. D'Madamm Ragni huet d'Wuert.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Et ass luewenswäert, dass dëse Schäfferot sech weiderhin asetzt, fir dass och Frae Visibilitéit kréien an och dass eeben d'Stroossennimm no inspiréierende Frae genannt ginn.

Dës fënnef aussergewéinlech Fraen, déi hei ausgesicht gi sinn, stoungen all fir Gerechtegkeet, fir Fräiheet a Rechter vun de Mënschen an. Si hu mat hirem Courage an Engagement d'Geschicht gepräägt.

Dës aussergewéinlech Frae weisen eis, wéi wichteg et ass, Courage, kritescht Denken a Gerechtegkeet an eiser Gesellschaft sinn. Si hu bewisen, dass eng eenzeg Stëmm eppes verännere kann. An dat ass eng wichteg Léier fir jiddereen. Och fir eis Generatiounen haut.

Dofir freet et mech ëmsou méi, wéi den Här Buergermeeschter elo annoncéiert huet, dass eigentlech dës Stroosse bei Schoule stinn a weiderhin eis Schüler sollen inspiréieren. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wann et soss keng Wuertmeldungen ... den Här Baum nach an duerno den Här Bermes.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech kann dem Schäfferot just felicitéiere fir de Choix vun deene siwe Perséinlechkeeten an all déi Reflexiounen, déi Iech dozou gefouert hunn, déi siwen Nimm erauszesichen.

Et sinn dräi bekannt Escher Perséinlechkeeten dobäi. Zwee Männer, fënnef Fraen insgesamt. A se verbënnt hiert liewenslaangt Engagement géint Faschismus, géint Onmënschlechkeet an hire Kampf fir Emanzipatioun, hire Kampf fir Befreiung, an egal wéi enger Form.

An ech begréissen ausdrécklech och am Choix dovunner, datt dat eppes ass, wat iwwergräifend ass. Wat net mat enger Relioun verbonnen ass, oder iwwerhaapt mat Relioun verbonnen ass. An och net mat enger oder anerer Partei.

Virun e puer Wochen hu sechs Parteien an der Chamber eng gemeinsam Resolutioun ofginn a zesumme gestëmmt, well eeben alt erëm eng Kéier eppes geschitt ass an en Deel vun enger Communautéit vu Leit, déi op der Welt, awer och zu Lëtzebuerg liewen, well en Deputéierten dat gutt fonnt huet, datt gesot ginn ass, et muss een déi Leit vernichten.

Doropshin huet all Partei, déi sech demokratesch nenne kann, gemeinsam déi doten Initiativ geholl. An ech mengen, datt mer déi Initiativ geholl hunn – an an deem

Sënn gesinn ech och deen heite Choix, deen dëse Schäfferot mécht.

Well obwuel mer sécherlech a ganz ville Froen ënnerschiddlech Positiounen hunn, datt mer op ganze ville Froe mateneen diskutéiere kënnen, sollen – an dat ass d'Essenz vun der Politik –, sou hu mer awer eppes gemeinsam, also schwätze mer eng gemeinsam Sprooch.

An déi Sprooch ass baséiert op der Universeller Erklärung vun de Mënscherechter. Dat hu mer alleguer gemeinsam an dat deele mer. An och déi Nominatioun vun deene siwe Leit baséiert op dëser gemeinsamer Haltung.

Ech wëll just nach zwou, dräi kleng Umierkunge maachen. Beim Yvonne Hostert fannen ech et e besonnesch schéine Choix, well d'Yvonne Hostert an der Vergaangenheet dacks just iwwer hire Mann bekannt war.

An d'Tagebicher vum Yvonne Hostert si mat dat Beandrockendst, déi si selwer am KZ geschriwwen huet, dat Beandrockendst vun Temoinage, wat ee fanne kann. A virun allem ass et och eng onheemlech schéin Texter iwwer Léift, iwwer d'Vermëssen ënner anerem vun hirem Mann an där schrecklecher Situatioun, wou si am KZ war, am KZ och huet missen hiert gemeinsaamt Meedchen op d'Welt bréngen.

Beim Sophie Scholl fannen ech et och immens schéin, datt mer endlech eng Studentin würdegen, déi duerch hiert Engagement zu München op der Universitéit hiren Antifaschismus, an Zäiten, wou et onheemlech schwéier, suicidaire – an effektiv war et och dat.

Mee awer Valeure bei hir gepräägt duerch hir chrëschtlech Valeuren zum Ausdrock bruecht hunn. Si ass gefaasst ginn, well si zu München op der Uni Trakten, antifaschistesch Trakte verdeelt huet. Ech fannen dat ganz wichteg, datt mer och an der Universitéitsstad Esch deem Plaz ginn.

An ech fannen och wichteg, datt mer iwwer eis Grenzen eraus kucken. Datt mer souwuel gesinn, wat op deenen zwee Kontinenter geschitt. Dat antirassistescht Engagement an den USA, wat formal e Virreider war an de Mënscherechter, an der Erklärung vun de Mënschrechter.

Mee mer wëssen alleguer, datt och Mënscherechter mussen ëmmer erëm frësch erkämpft ginn. An d'Madamm Scholl huet komplett Recht, wa si seet, datt dee Kampf och haut onbedéngt an den USA ze féieren ass. A mir sécherlech alleguer op der Säit vun deene Leit sinn, déi am Moment ënnert deem schreckleche President wäerte leiden.

An op der anerer Säit eng Fra ze würdegen, déi an Asien gekämpft huet. Gekämpft huet fir d'Liberatioun, fir d'Emanzipatioun, fir basesch Rechter, fir basesch Mënscherechter wéi notamment d'Educatioun vu Fraen.

An natierlech, dann och déi gutt Traditioun weiderféieren, datt Escher Buergermeeschteren, onofhängeg wéi enger Couleur, déi Éier kréien, datt eng Strooss no hinne benannt gëtt.

Also, wann ee sech d'Fro ëmmer erëm stelle muss, wat een an dësen Zäite maache kann, fir géint Dommheet, Integrismus a Mënscheveruechtung virzegoen, dann ass dat hei en absolutt wichtege symbolesche Schrëtt, deen Der maacht. Meng Ënnerstëtzung hutt Der komplett.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Ech proposéieren den Här Schmit an dann den Här Bermes ofschléissend.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Warscheinlech erwaart Der bestëmmt, datt ech hei e puer Wuert dozou soen. Et ass natierlech schwéier, well wéi Der och gesot hutt am Ufank – also wéi Der et op jidde Fall sou an der Diskussioun lancéiert hutt, fannen ech, ginn do verschidde Saache vermëscht, déi wou net sollte vermëscht ginn.

Éischtens emol wat d'Nimm ugeet, déi wou proposéiert sinn, sinn ech och d'accord mat deene meeschten, déi wou mer absolutt gefalen. Also vu menger Säit aus. Dat wëll ech elo mol schonn direkt virausschécken.

Dat ass emol dat eent. Dat heescht, do ass net onbedéngt eng richteg, solle mer soen, fundamental Oppositioun géint déi meescht op jiddefalls, déi op där Lëscht do stoen, vu menger Säit aus. Domat kann een also net ausgoen.

Wann Der dann awer sot – an do fänken d'Problemer lues un an deem Sënn fir mech. Datt do vill vermëscht gëtt.

Natierlech ass de Kampf géint Nazismus an der Zäit och evident gewiescht. An da gëtt dat iergendwéi mat haut eng Verbindung hiergestallt, déi wou ech fannen, déi ongesond ass an déi wou an den allermeeschte Fäll, géif ech mol soen, net rechtméisseg ass. Also net richteg ass.

Dir hutt geschwat vu Populisten, vu Populismus a vu populistesche Parteien. Do muss ee sech da mol kucken. Do muss ee genau kucken, pardon.

Ech fannen dat hei haut, sou wéi et duergestallt gëtt – ech fannen net, datt et en heroesche Kampf ass géint den Nazismus, well deen ass, 1945 ass jo do alles definitiv opgeléist ginn.

*(Sarkastescht Gelaachs)*

Dat heescht, hautdesdaags … jo, sou wäit ech weess, ass d'Partei 1945, vun där haut vill geschwat ginn ass, jo opgeléist ginn. An déi gëtt et jo net méi.

Ech mengen net, datt 2025 nach iergendwou sou – op jiddefalls keng nationalsozialistesch Partei méi géife fannen.

An da kënnt et och am Fong geholl – d'Fro, déi sech do dohannert stécht, menger Meenung no, ass, wat ass demokratesch. An dat ass am Fong geholl d'Fro.

Populistesch gëtt dat gesot. Jo, populistesch gëtt dann awer och direkt an deen Eck geréckelt, wou mer elo rieds hate vun deene Parteien, déi wou et net méi ginn. An dat, fannen ech, ass e Feeler.

Well et muss ee kucken, wéi et och gesetzlech richteg ass. Déi Parteien, déi wou et ginn iwwerall, zum Beispill hei an Europa, an eisen europäesche Landschaften. Wellch Statutten hunn déi? Wat steet do dran? Wat hunn déi wëlles? An och op Basis vu wellche Programmer gi se gewielt.

A wann dat alles demokratesch, géif ech elo mol soen, an der Rei ass an net géint Gesetzer verstéisst, dann ass et ganz okee, populistesch ze sinn. Well Demokratie ass, datt de Wieler am Fong geholl entscheet, wat hie gär hätt. A sou laang dat net, solle mer soen, géint d'Gesetzer verstéisst, ass dat erlaabt. An do misst sech am Fong geholl jiddwereen – jiddweree misst menger Meenung no dann och domadder zefridde sinn.

An ech gesinn, datt dat hei awer net onbedéngt hei an déi Richtung leeft. An ech kann dat net verstoen. Do ass mäi Verständnis vun der Demokratie anscheinend en anert wéi

dat vu ville Leit, wat ech éierlech gesot logesch hei guer net verstinn.

An dann hate mer och rieds iwwer verschidde Sujeten, datt een do net richteg „dogéint" ka sinn. Dat heescht, datt ee quasi misst ëmmer an eng Richtung goen an datt een déi Sujeten net kéint kritiséieren.

Also gesellschaftspolitsch Sujete fannen ech schonn, datt ee kann eng aner Virstellung hunn an datt een déi da kann ausdrécken. Dat heescht net onbedéngt, datt een direkt muss absolutt e Feind vun der Demokratie sinn. Dofir si mer jo och an der Politik, fir dann doriwwer ze schwätzen an dann doriwwer ofzestëmmen.

Mee et gëtt oft esou duergestallt, wéi wann een dann automatesch schonn direkt – da skandaliséiert sech jiddwereen … dann huet ee scho bal heiansdo d'Gefill, mental no deem nächste Bam. Dat ass net gesond.

Sou laang Saachen diskutéiert ginn an enger ordentlecher Manéier, mengen ech, misst all Meenung akzeptéiert ginn. An duerno gëtt dann eeben ofgestëmmt an dann dat Resultat, wat eeben erauskënnt, dat ass dann eeben dat demokratescht akzeptéiert Resultat, wou jiddweree sech dann drun ze halen huet.

Domadder hunn ech och am Prinzipp kee Problem, mee ech hunn awer dann e Problem domadder, wann ee quasi schonn direkt an en Eck geréckelt gëtt, wou ee sech net zougehéiereg spiert. An éierlech gesot, demokratesch, mengen ech – ech brauch dat net ze beweisen, mee op jiddefalls demokratesch géif ech soen, dat sinn ech awer wierklech zu 100 %.

Dat heescht, fir mech ass d'Meenung vum Vollek, soit wann d'Majoritéite sech dann erauskristalliséieren. Dat ass d'Äntwert, wat et ze maache gëllt.

A wat ech och oft gemierkt hunn …

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Entschëllegt, Här Schmit. Ech ënnerbriechen lech elo eng Kéier. Ech mengen, dass mer e bëssen awer elo an den Hors sujet kommen.

Et geet elo hei grad … eigentlech géing ech Iech gär schwätze loossen, mee mir schwätzen hei grad iwwer siwen Nimm a Stroossebennungen an net ëm … ech fannen, dass et grad an eng Rechtfäerdegung vun enger Partei geet, ëm déi et hei guer net geet.

Et geet och net ëm Iech elo grad. Also, wannechgelift, kéinte mer erëm op de Sujet kommen. Mir hunn nach e laangen Ordre du jour.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Gutt.

Ech wëll just soen, Här Buergermeeschter, datt Dir domadder ugefaangen hutt, déi Relatioun do ze maachen. Net ech. An ech sinn net extra laang. Ech maachen och elo schnell weider.

Mee weess ech scho guer net méi, wou ech dru war.

*(Interventiounen)*

Nee, einfach ophale maachen ech net. Well sou einfach ass et awer och net.

Wéi gesot, et geet ëm d'Nimm. Ech hu jo elo gesot, haaptsächlech sinn ech net onbedéngt elo géint jiddwereen, deen do proposéiert ginn ass.

Wat ech elo hei nach vläicht wëll zoufügen, ass, ech hunn oft d'Gefill am Fong geholl, datt hannert, solle mer soen, der Entrüstung an

Europa – dat heescht elo net onbedéngt ëmmer nëmme bei eis – datt dat ausaart, wéi gesot. Datt ee seng Meenung am Fong geholl ëmmer manner soe kann. An datt et praktesch sou eng Aart – ech géif dat Wuert „politesche Mobbing" verwenden. Dat heescht, zu wellchem Zweck. Dat ass dat, wourun ech dann denken.

Ech géif soen, dat ass op laang Wëll, well déi Parteien, déi wou dann ëmmer un der Muecht waren, e Wiessel an der Politik verhënneren. An dat ass jo natierlech och ëmmer verbonne mat Spëtze- a Responsabilitéitsposten. An dat ass och ëmmer eng Affär vu Muecht.

A fir mech ass dat generell gesi warscheinlech also de Problem, wou hei dohannert stécht. An dat natierlech, fannen ech, ass onreedlech. An dofir am Fong geholl sinn ech dofir dogéint. Nëmme fir et ze soen.

Majo, da géif ech elo hei Schluss maachen, wéi gesot. Ech hunn net ugefaangen, mat all de Sujeten ze vermëschen. Ech fannen, dat ass vun Ärer Säit aus komm. A wéi gesot, vun den Nimm u sech hunn ech elo keen extra groussen ... et si verschiddener, déi wou mer souguer ganz gutt gefalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Bermes huet d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci fir d'Wuert.

O, Här Buergermeeschter. Ech hunn net geduecht, datt een no sou laanger, no 20 Minutte kann de Mo op d'Kopp kréien. Mee ech hale mech awer hei un de Sujet.

Déi Wiel vun den Nimm fanne mir ganz ganz gutt. A besonnesch am Fong aus zwee Grënn.

Dat eent ass, fir déi Leit ze éieren. A perséinlech muss ech soen, do si fënnef Nimm, déi mech markéiert hunn a menger Jugend. An och e bësse méi spéit.

Ech ginn och dem Här Baum Recht fir d'Madamm Hostert, well ech selwer en Artikel vun hir gelies hunn an och eng Kéier e Reportage iwwert si gemaach hunn. Zoufällegerweis, well ech och an der Rue Arthur Useldinger wunnen, an doduerch hunn ech am Fong déi Damm kenne geléiert.

Dat war duerch dee Projet, deen d'Escher Gemeng gemaach huet, wou temporär eng Kéier d'Nimm vun Escher Dammen a Lëtzebuerger Dammen an Dammen u sech Stroossennimm kruten. Dofir fannen ech dat ganz ganz gutt.

An zweetens awer och wéinst deem Message, dee mir hei weiderginn. Et ass immens wichteg, déi Leit ze éiere fir den Engagement, datt se sech asetze fir d'Leeschtungen, fir d'Kanner, fir d'Educatioun, fir d'Gesondheet, awer och géint Ënnerdréckung, géint Diskriminatioun, géint Sexismus, deen nach ëmmer, och 2025, do ass. An et ass wichteg, datt een dogéint Resistenz mécht. An dofir hei och éiert.

Ech wëll just nach soen, d'Liberté d'expression ass jo eng gutt Saach, mee déi ass verbueden. Et däerf een net alles soen. Zum Beispill Haass géint aner Natiounen ass verbueden. Haass an Diskriminatioun ass verbueden.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes.

Den Här Faltz hat nach d'Wuert gefrot.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Bermes, dass Der eis elo erëm op den Theema bruecht hutt. Ech wosst net méi, dass mer nach bei de Stroossennimm wären. Iergendwéi hat ech dat elo komplett verpasst.

Gesitt Der, Här Buergermeeschter, sou kënnt Der Iech ieren. Dir hutt gesot, et ass e langweilegt Theema. Et ass iwwerhaapt kee langweilegt Theema. Mir krute jo awer scho vill Animatioun haut de Moien hei gebueden.

Merci Iech alleguerten, déi Der Iech hei awer expriméiert hutt zu deem wierklech ganz gudde Choix vun de Leit, déi Der hei gewielt hutt.

Ech well och zum Theema Nelly Moia just soen, also et ass jo elo net eng Motioun, fir eng vun deene siwe Stroossen elo hei ëmzenennen an Nelly Moia. Et ass eebe just, dass mer et am Gedanken hunn, dass een den Numm Nelly Moia kéint eng Kéier als grouss Feministin an och als Pionéier vun der grénger Beweegung hei kéint dra sinn.

An ech wéilt da mäi Respekt ausschwätzen. Ech hunn elo just dobaussen der Madamm nogekuckt, wéi si déi Transkriptioun gemaach huet fir déi Leit, déi schlecht héieren. Boah, déi deet mer leed.

Ech wosst net méi, wat se géif duerno weisen. Ech sinn e bëssen am Theema dran. Beim Här Schmit senger Ried – also dat ass schonn … dofir main déifste Respekt och herno dem Här, dee soll dat do transkribéieren. Wat hien do schreift, do sinn ech wierklech gespaant drop.

Dofir villmools Merci Iech alleguer fir déi ganz motivant Ried. A wéi gesot, et war vill animéiert, wéi Dir geduecht hat. Gesitt Der.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Ech wéilt Merci soe fir Är Retouren, fir deen Echange an déi Messagen, déi mer alleguerte ginn hunn an déi och weisen, wéi d'Iwwerleeunge vun deem engen oder vun deem anere sinn.

Par rapport zu der Motioun muss ech Iech soen, dass ech an der éischter Reflexioun direkt gesot hunn, ech wëll dat net an där Form do stëmmen.

Mir hunn eng Lëscht mat 200 wonnerbare Fraennimm, wou alleguerten eng Strooss verdéngt hätten. Doweinst géing ech proposéieren, dass mer einfach géingen den éischten Tiret, deen Dir geschriwwen hutt, wou direkt steet „à procéder à l'attribution", dass mer dorauser géinge maachen „d'inscrire le nom de Nelly Moia sur la liste des candidates et candidats pour une future dénomination d'un lieu public".

Wa mer dat sou kéinte festhalen. An da gëtt d'Madamm Moia genau sou wéi och déi aner interessant Biografien a Meritten, déi do sinn, mat consideréiert.

An da wëll ech fir de Rescht vun dem Debat, sou wéi en elo verlaf ass, just mat engem Zitat vum Berthold Brecht ofschléissen: „Der Schoß ist fruchtbar noch, aus dem er kroch."

Ech proposéieren, dass mer als éischt d'Motioun ofstëmmen an duerno d'Stroossennimm. Also d'Motioun mat den Ännerungen, déi ech elo proposéiert hunn.

**[Vott Mentioun]**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann de Vott vun de Stroossennimm, sou wéi proposéiert. Oder Plazennimm a Weenimm. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den ROI gesäit vir, dass eng Abstentioun ka begrënnt ginn. Dir hutt schonn eng grouss Begrënnung gesot. Wëllt Der nach eng Kéier eppes soen, Här Schmit?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann huelt wannechgelift d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci villmools. Ech hale mech och wierklech dës Kéier ganz kuerz.

Just fir ze soen, datt ech domadder am Fong geholl net richteg averstane sinn, wéi den Debat haut hei gefouert ginn ass. A wann ech och Är Citatiounen an alles do am Fong geholl héieren.

Sou gesinn ech mech net. An dat ...

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Dat ass Demokratie.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Et geet ëm Stroossennimm.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo. Mee et ass och Demokratie, datt ech soen, datt ech mech net sou gesinn, wéi Dir do anscheinend insinuéiert.

An, jo, an deem Sënn ass et fir mech dann eng Abstention. A merci villmools.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

### 4.1. Accord de coopération et d'amitié avec la municipalité de Carregal Do Sal (Portugal); décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den nächste Punkt, deen e bëssen och nach eng Kéier dat Engagement géint Ausgrenzung, Diskriminatioun an Haass ervirhieft.

Dir hutt bestëmmt an de Medie suivéiert, dass d'Häre Knaff a Cavaleiro an hirer Funktioun als Schäffen, awer och als Membere vum Conseil d'administration vum Musée national de la Résistance et des Droits humains souwéi och den Här Schroeder an d'Madamm Hoffmann vum Musée an ech selwer d'Éier haten, fir d'Altesse Royale, de Grand-Duc Henri op senger viraussiichtlech leschter Deplacement virun der Abdictioun a Portugal ze begleeden a fir hei de Musée Aristides De Sousa Mendes ze besichen.

E Konsul, deen am Zweete Weltkrich der Famill vum Groussherzog de Wee an d'Flucht an an d'Exill erméiglecht huet, dobäi ënnerstëtzt huet an och fir vill Escherinnen an Escher mat portugisescher Hierkonft en Held ass.

Zu dëser Occasioun gouf dann och en Accord de cooperation ënnerschriwwen. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert fir d'Explikatiounen.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Accord de cooperation et d'amitié tëscht der Stad Esch an der Gemeng Carregal Do Sal a Portugal, am Zentrum vu Portugal, markéiert e bedeitende Schrëtt a Richtung international Zesummenaarbecht, kulturellen Austausch a Promotioun vun den universelle Wäerter vu Fridden an Toleranz.

An enger Zäit, wou Europa erëm mat Krich a Konflikter konfrontéiert ass a mir eng besuergniserreegend Montée vun extremisteschen Ideologien erliewen, ass et méi wichteg wéi jee, eist Engagement fir Fridden, Solidaritéit a Mënscherechter ze weisen. An dat huet een héiere virdrun nach eng Kéier.

Dëse Pakt steet als kloren Zeienausso fir d'Bereetschaft vun eiser Stad, sech géint Intoleranz an Haass ze positionéieren. Bevir op den Inhalt vum Accord agoen, ass et wichteg, d'Persoun ze ernimmen, déi dës Kooperatioun inspiréiert huet.

Aristides De Sousa Mendes, en Held vun der Mënschheet. D'Verbindung tëscht dëser Geschicht a Lëtzebuerg ass net ze ënnerschätzen. Den Aristides de Sousa Mendes war tëscht 1929 an 1933 och um Lëtzebuerger Konsulat akkreditéiert.

Dëse Lien mat eiser Natioun gëtt dëser Kooperatioun eng nach méi wichteg, méi déif Bedeitung. Ausserdeem ass et bemierkenswäert, dass de Konsulat vu Bordeaux ënnert dem Aristides De Sousa Mendes eng zentral Roll an der Rettung vu Membere vun der lëtzebuergescher groussherzoglecher Famill gespillt huet. An net nëmmen eeben duerch hiren Akt iwwer 30.000 Flüchtlingen gerett huet, ënner natierlech ganz ville Judden.

No der däitscher Invasioun am Mee 1940 hunn d'Groussherzogin Charlotte an hir Famill mussen d'Land verloossen an hunn hiert Exill iwwer Frankräich organiséiert. Den Aristides De Sousa Mendes huet dozou bäigedroen, datt vill Flüchtlingen, dorënner och Lëtzebuerger, kënnen an d'Sécherheet flüchten.

Dës historesch Verbindung ënnersträicht nach eng Kéier d'Wichtegkeet vun dësem Accord an d'Wäerter vun Zesummenhalt an

Erënnerung, dee mir mat dëser Partnerschaft weiderdroe wëllen.

D'Gemeng Carregal Do Sal, e Partner mat enger staarker historescher Dimensioun. Carregal Do Sal ass net nëmmen d'Gebuertstad vum Aristides De Sousa Mendes, mee och eng Stad mat enger räicher Geschicht a kultureller Identitéit.

Den 19. Juli 2024 waren de Grand-Duc Henri an d'Stad Esch invitéiert, fir un der feierlecher Ouverture vum Musée Aristides De Sousa Mendes zu Cabanes de Viriato deelzehuelen. Leider konnte weeder de Grand-Duc nach Vertrieder vun Esch un dëser Zeremonie deelhuelen.

An dësem Kader huet de Grand-Duc versprach, eng perséinlech Visitt vum Musée zu engem spéideren Zäitpunkt ze maachen. Op Invitatioun vum President vun der portugisescher Republik, dem Professer Marcelo Ribeiro de Sousa.

D'Stad Esch gouf fir dës Visitt och invitéiert. Dës Invitatioun zur Ouverture vum Musée mam Grand-Duc war schonn am Virfeld vum Buergermeeschter vu Carregal ugekënnegt gi wärend senger Visitt zu Esch an am Musée de la Résistance et des Droits humains.

Hei nach e wichtege Punkt, deen ech besonnesch erhiewe wëll. Dëse Kooperatiounsaccord gouf mat der voller Ënnerstëtzung vum Grand-Duc Henri gestäipt an huet d'Réckendeckung vun der Lëtzebuerger Ambassade zu Lissabon kritt.

Besonnesch wëll ech d'Roll entscheedend en traite vun der Ambassadrice, d'Martine Schomer, ervirsträichen, déi sech mat hirem ganzen Team mat groussem Engagement fir d'Organisatioun an den Encadrement vun eisem offiziellen Deplacement a Portugal tëscht dem 5. a 7. Mäerz agesat huet.

Ech wëll kloer der Madamm Martine Schomer, Ambassadrice, an hirem ganze Personal vun der Ambassade e grousse Merci aussoe fir hir Disponibilitéit, hire Professionalismus an hir Hëllef bei dëse wichtege Schrëtt an eiser internationaler Kooperatioun erméiglecht huet.

Ech kommen elo zum Accord. En Accord mat konkreeten Ziler. Dëse Kooperatiounsaccord ëmfaasst verschidde wichteg Punkten: Erënnerung an historesch Zesummenaarbecht, e staarkt Zesummespill tëscht dem Musée Aristides De Sousa Mendes an dem Musée de la Résistance et des Droits humains zu Esch.

Zweetens, kulturellen a pedagoeschen Austausch. De Projet gesäit vir, Schüleraustauschprogrammer ze organiséieren, inspiréiert vum Eramus-Modell, mat Ënnersëtzung vu lokale Familen.

Drëttens, Zesummenaarbecht am Gedenken un d'Holocaust-Affer. Duerch gemeinsam Initiativen an Aktivitéiten, déi d'Wäerter vun der Toleranz an der Mënscherechtsfërderung an de Vierdergrond stellen.

A véiertens symbolesch Manifestatiounen, wéi zum Beispill an deem heite Fall och nach d'Planze vun engem Olivebam an Esch an zu Carregal Do Sal als symbolesche Gest fir Fridden a Solidaritéit.

Dës Kooperatioun ass net nëmmen eng symbolesch Handlung, mee eng konkreet Initiativ, déi d'internationaalt Engagement vun eiser Stad ënnersträicht. Dësen Accord fërdert net nëmmen den historeschen an interkulturellen Austausch, mee och d'Verbindung vun eiser Stad mat internationale Partner, déi änlech Wäerter deelen.

Ech ruffen all meng Kolleegen a Kolleeginnen hei op, wéi gesot, dësen Accord mat enger breeder Ënnerstëtzung ze begréissen. Duerch

dësen Akt hëllefe mir, d'Erënnerung un den aussergewéinlechen Humanist wéi den Aristides De Sousa Mendes an déi Wäerter, fir déi hien ageklommen ass, fir déi nächst Generatiounen ze bewaren.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen zu dësem Punkt? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Cavaleiro.

Et ass u sech eng wonnerbar Saach. Mee ech sinn net ganz glécklech iwwer d'Form, muss ech soen.

Dir hutt elo an Ärer Presentatioun gesot, Här Cavaleiro, dass am Virfeld ugekënnegt war, dass dat dote kéint zustane kommen. Ech wär frou gewiescht, wann d'Kommissioun au préalable d'Informatioune kritt hätt, wann Dir dat ënnerschreiwe gitt.

Well ech muss soen, d'Kommissioun ass elo dës Woch zesummekomm an do waren d'Fotoen op de Soziale Medie vun der Ënnerschrëft scho verdeelt. Ech mengen, mir sollen eppes aviséieren, wat d'office schonn ënnerschriwwen ass.

Schwiereg. Do si mer eis awer eens.

Ech hoffen, dass mer an Zukunft erëm déi normal Prozedur kënnen hunn, dass eppes aviséiert gëtt, wat an Zukunft soll ënnerschriwwe ginn. An da mengen ech, ass dat dote kee Problem.

Mee mir wäerten dat heiten awer matdroen, well mer komplett dovun iwwerzeegt sinn, dass dat doten eng wonnerbar Saach ass. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Soss nach Wuertmeldungen?

Ech weess net, ob den Här Cavaleiro nach op de Prinzipp wëll äntweren.

Mee ech kann lech nëmme Recht ginn. A mir maachen do och als Schäfferot eise Mea culpa, dass mer dat do hätten éischter an déi Kommissioun ginn. An ech probéieren, zesumme mam Schäfferot, dass eng änlech Situatioun net méi virkënnt.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 4.2. EuRegio SaarLorLux ; cotisation pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Fir de Punkt 4.2, den Här Cavaleiro behält d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

D'Stad Esch ass zënter ville Joren en aktive Member vun der EuRegio SaarLorLux ASBL, déi hiren Haaptsëtz an der Maison de la Grande Région nieft der Escher Gare huet.

D'EuRegio huet als Haaptzil, d'Zesummenaarbecht tëscht de Regioune Saarland, Lorraine, Lëtzebuerg a Rheinland-Pfalz ze fërderen. Si schafft un Initiativen am Beräich Mobilitéit, Ekonomie, Kultur an Ëmwelt, fir d'Liewensqualitéit an eiser Grenzregioun ze verbesseren.

Fir d'Joer 2025 ass d'Cotisatioun vun der Stad Esch als Member 600 €, also zwee Mol 300 € fir zwee Vertrieder. Dëst ënnersträicht eis weider Ënnerstëtzung an d'Wichtegkeet vun dëser interregionaler Zesummenaarbecht.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro.

Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**

### 5. TICE ; état des lieux des négociations avec le MMTP quant au financement du syndicat et du réseau du bus dans la région sud du pays ; discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Situatioun vum TICE war an de leschten Deeg oft an der Press. Eise Vertrieder am Büro vum TICE ass notamment den Här Sehovic. An deen huet gefrot, fir dëse Punkt vum TICE an d'Zukunft vum TICE an d'Negociatiounen op den Ordre du jour setzen ze loossen.

Här Sehovic, Dir hutt d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Dir hutt et gesot, de Bussyndikat TICE war a rezenter Vergaangenheet oft Géigestand vun ëffentlechen Diskussiounen a vu medialer Berichterstattung. An dowéinst huet et mir wichteg erschéngt, och hei eng Kéier am Gemengerot de Point ze maachen iwwer den aktuelle Stand.

An der Hoffnung, dass mer kënnen en eclairéierten Debat féieren iwwer d'Zukunft vum TICE. An der Hoffnung och, dass mer kënnen eng Rei vun den Informatiounen, déi zirkuléieren, zum Deel och bewosst zirkuléiert ginn, déi awer net der Wourecht entspriechen, fir déi kënnen an engem eclairéierten Debat richtegzestellen.

Bevir ech op den aktuelle Stand aginn, erlaabt et mer, vläicht kuerz eng eng Anuerdnung ze maache vum strateegesche Rôle vum TICE am multimodale Verkéierssystem, awer vläicht och seng sozial a gesellschaftlech Roll kuerz ervirzestráichen.

Den TICE-Bus ass bei eis am Minett dat lokaalt Bindeglied tëscht allen aneren ëffentleche Verkéiersmëttelen. En ergänzt den Zuch, an an Zukunft och den Tram, a verbënnt eis Quartieren an Dierfer mat de grousse Verkéiersachsen.

Well de Bus op der Strooss fiert, ass e flexibel an adaptabel, am Géigesaz zum schinnegebonnene Verkéier. Dat heesscht, e Bus kann och dohi kommen, wou keen Zuch an och keen Tram fiert, oder fuere kann. An och do, wou den Zuch fiert, an an Zukunft dann och den Tram, och do spillt den TICE-Bus eng wichteg Roll, well e fiddert d'Garen, an an Zukunft dann och d'Tram-Statiounen.

De Busreseau huet also eng strateegesch Funktioun: E mécht eis gesamt Mobilitéit méi flexibel, méi resilient, méi flächendeckend. A gläichermoossen ass den TICE en essentielle Service public fir déi lokal Mobilitéit.

Net jidderee fiert Auto – denkt un eis eeler Matbiergerinnen a Matbierger, u Schüler a Studenten, Leit ouni Fürerschäin oder Leit mat geréngem Akommes, déi sech keen Auto leeschte kënnen.

Et geet net duer, dass den ëffentlechen Transport gratis ass. E muss och zougänglech an attraktiv sinn.

En densë lokale Busreseau erlaabt et jidderengem, selbstänneg vun A op B ze kommen. Sief dat, fir op d'Aarbecht ze goen, an den Akafszenter, bei den Dokter oder an d'Sportshal.

Bei eis am Minett garantéiert den TICE-Busreseau elo schonn 111 Joer laang, dass Dierfer a Stied matenee vernetzt bleiwen, sou dass kee Gruef entsteet tëscht de groussen urbanen Zentren an de méi klenge Gemenge ronderëm.

De Reseau mécht eis Stied a Gemenge méi lieweg a méi gerecht, well e Mobilitéit fir jiddereen erméiglecht. E schafft Hand an Hand mam Schinnereseau vun der CFL a mat den iwwerregionalen a grenziwwerschreidende Buslinne vum RGTR.

Och fir Esch ass e vital. Net nëmmen, well en d'Zentral vum TICE hebergéiert, mee och well d'Gare Esch en zentralen Dréi- an Aangelpunkt am gesamte Reseau ass.

Mat deene preliminairë Remarken erlaabt et mer, op den Historique vun den Diskussiounen anzegoen, déi mer elo schonn zënter enger gewësser Zäit féieren.

Am November 2022 deelt de Mobilitéits-ministère dem Büro vum TICE mat, dass déi aktuell Konventioun no 2024 net verlängert ka ginn. Grond dofir ass, dass de Finanzéierungsschlëssel tëscht Staat a Gemengen net méi mam Finanzement vum Régime général des transports routiers, also mam RGTR, kompatibel ass.

Bis elo ass de Referenzwäert vum RGTR d'Grondlag gewiescht fir d'Berechnung vun der staatlecher Participatioun beim TICE.

Säit der Ausschreiwung vum ganzen RGTR-Reseau virun e puer Joer an der massiver Reduktioun vum RGTR-Kilometerpräis ass dat net méi applikabel.

Dofir fänken am Dezember 2022 Verhandlungen un iwwer eng nei Konventioun. Dës Gespréicher gi vun de Gemengen- a vun de Chamberwalen 2023 ënnerbrach, well op der enger Säit den TICE-Kommitee an den TICE-Büro no de Gemengewalen nei zesummegesat ginn, a kuerz duerno op der anerer Säit och e Regierungswiessel stattfënnt an eng nei Mobilitéitsministesch, notamment d'Yuriko Backes, d'Responsabilitéit iwwerhëlt.

Am éischten Trimester 2024 kommen d'Diskussiounen nees an d'Rullen, mee et gëtt kloer, dass eng direkt definitiv Konventioun net esou séier ofschléissbar ass. Dowéinst gëtt eng Iwwergangskonventioun fir 2025 ausgeschafft, fir Zäit ze gewannen an eng méi laangfristeg Léisung ze fannen. Säitdeem hunn zwielef Verhandlungsronne stattfonnt, dovunner zwou a Presenz vun de Personaldelegéierte vun FGFC an OGBL.

Eng éischt konkreet Offer vum Mobilitéitsministère gëtt am Juli 2024 dem TICE-Büro ënnerbreet. Verschidde Punkte si gutt a gi vum TICE-Büro begréisst. De Staat an de Mobilitéitsministère erkennen un, dass den TICE e Service public ass, an domadder erreeche mer de facto d'Gläichstellung vum TICE mat den CFL.

Domat erkennt de Staat och un, dass den TICE-Reseau och an Zukunft e wichtege Rôle am multimodalen Netz spille soll. De Staat garantéiert, dass d'Aarbechtsplaze beim TICE all erhale bleiwen an och de Statutt vum Gemengefonctionnaire an de gesamten Acquis social vum TICE net a Fro gestallt ginn. A finalement weist sech de Ministère bereet, d'Elektrifizéierung vun der TICE-Busflott finanziell ze ënnerstëtzen.

Dës éischt Offer am Juli 2024 gëtt allerdéngs vum TICE-Büro a vun de Gemenge rejettéiert. Virun allem aus zwee Grënn. Éischtens: d'Laaschteverdeelung. Bei der finanzieller Laascht tëscht Staat a Gemengen entwéckelt sech an dëser Propos zu Ongonschte vun de Gemengen a Richtung 60 % Contributioun vum Staat, 40 % vun de Gemengen, wat fir d'Gemenge méi wéi 40 Milliounen Euro pro Joer bedeit.

Also fir dat ze situéieren, historesch gesinn, wann een iwwer déi lescht Jore kuckt, ass d'Contributioun vun deenen néng syndiquéierte Gemenge läit se iergendwou tëscht 10 a 15 Milliounen Euro. Mat där éischter Propos soll dat eropklammen op bis zu 40 Milliounen, oder iwwer 40 Millioune souguer.

Fir den Escher Budget, als gréisste Contributeur vum TICE-Budget, hätt dat iwwer déi nächst zéng Joer en Invest vun 90 Milliounen Euro bedeit. Also ronn 9 Milliounen Euro pro Joer. Zum Verglach: Am aktuelle Budget sinn et 4,5 Milliounen Euro.

Als Verglach: De gesamten Excédent an eisem Budget ordinaire läit bei 30 Milliounen Euro. Dat heescht, déi 90 Milliounen, déi do an der Diskussioun ware fir Esch, hätten d'gesamt Investitiounscapacitéit vun der Stad Esch iwwer déi nächst dräi Joer gebonnen.

Zweetens: Déi vum Ministère proposéiert Dauer vun der Konventioun loung bei sechs Joer, an dat huet dem TICE-Büro an de Gemengen als net laang genuch erschéngt an hätt eis och net déi néideg Previsibilitéit fir eis Gemengefinanze geliwwert.

D'Verhandlunge lafen no dësem éischte Rejet no der Summerpaus weider. Entre-temps och mat Participatioun vum Finanzministère, der Inspection Générale des Finances, dem Inneministère, an zwee Buergermeeschteren.

De 24. Januar 2025 dann déi zweet Offer vum Mobilitéitsministère, wou de Ministère eigentlech zwee Zenarien opzeechent. Zenario 1: D'Deckelung vun der kommunaler Participatioun op den historeschen Niveau vu ronn 20 %. De Staat iwwerhëlt komplett d'Käschte vun der Elektrifizéierung vum Reseau an d'Dauer vun der Konventioun gëtt op zéng Joer verlängert.

Fir den Escher Budget bedeit dëse Zenario, dass eis Contributioun iwwer déi nächst zéng Joer op méi oder manner 3,5 Milliounen Euro pro Joer stabiliséiert géif ginn.

Fir dës weesentlech méi substanziell finanziell Participatioun am TICE ze assuréieren, fuerdert de Mobilitéitsministère awer och méi Matsproocherecht am Syndikat a proposéiert, an den TICE-Syndikat eranzeklammen an domat aus dem Syndicat intercommunal e Syndicat mixte ze maachen.

Als Orientéierung, wéi sou eppes kéint ausgesinn, déngt de Vertrieder vum Staat d'SEBES, d'Waassersyndikat, an deem mir och iwwer d'SES Member sinn.

An dësem Zenario ass eng komplett Iwwernam vun allen aktuellen Aarbechtskontrakter mam Statutt vum Fonctionnaire communal, mam gesamten Acquis social vu virewech garantéiert.

Dësen Zenario bedeit awer och, dass zwee Gesetzer an der Chamber misste gestëmmt ginn. E Finanzéierungsgesetz, vu dass déi engagéiert Participatioun vum Staat an dësem Zenario wäit iwwer dem Seuil vu 60 Milliounen Euro géing leien an domadder e Finanzéierungsgesetz noutwendeg ass. An en zweet Gesetz wär an deem Fall néideg fir d'Grënnung vun engem Syndicat mixte.

Den Zenario 2, deen de Ministère opzeechent, ass largement déi selwecht Propos vum Juli 2024, mat e puer klengen Adaptatiounen.

Viru Kuerzem hunn déi néng Buergermeeschtere vun de syndiquéierte Gemengen dem TICE-Büro de Feu vert ginn, fir méi konkreet iwwer den Zenario 1 ze schwätzen an nach eng ganz Rei Froestellunge ronderëm déi eventuell Kreatioun vun engem Syndicat mixte ze klären.

Dës Gespréicher sinn aktuell amgaangen, souwuel op politeschem Niveau wéi och op techneschem Niveau, a fanne quasi all Woch statt.

Wann déi Froe gekläert sinn, wäerte mer eis an noer Zukunft wuel nach eng Kéier hei am Conseil communal mat der Thematik beschäftege mussen, a mat der grondsätzlecher Fro, ob de Conseil communal bereet ass, op de Wee vun engem Syndicat mixte mam Staat ze goen.

De Ministère fuerdert do eng Zort Garantie vun den néng syndiquéierte Gemengen, fir sech weider ze engagéieren. Mee nach ass et net sou wäit. Nach bleiwen Diskussiounen ze féieren. Haut geet et mer virun allem drëms, den aktuelle Stand vun de Gespréicher mat Iech ze deelen.

Donieft erlaabt et mer wannechgelift, op déi rezent annoncéiert méi kuerzfristeg Ännerungen am Fuerplang vum TICE fir 2025 an 2026 anzegoen.

Déi vum Mobilitéitsministère virugedriwwen an zum Deel och schonn annoncéiert Ännerungen am Fuerplang, déi ab Dezember 2025 sollen a Kraaft trieden, wäerten eng signifikativ Erhéijung vun der Charge fir den TICE bedeiten, déi am Status quo eng Dosen nei Bussen an eng ganz Rei zousätzlech Chaufferen erfuerdert hätt.

Dobäi stéisst de Betrib capacitéitsméisseg haut schonn u seng Limitten. De Garage, den Atelier, d'Personalraim sinn um Maximum

ausgelaascht. Dofir huet den TICE-Büro sech gezwonge gesinn, kuerzfristeg eng Konsolidéierung vun de bestoende Linnen ze maachen.

Konkreet bedeit dat Follgendes: Den Transport scolaire an de Lycéeë wäert ab 2026 net méi vum TICE assuréiert ginn, mee vum Staat ausgeschriwwe ginn, sou wéi et haut scho soss iwwerall am Land ass fir all déi aner Lycéeën.

Den Nuetstransport vum TICE wäert ab dem 14. Juli 2025 agestallt ginn, well dëse Service d'Gemengen extreem deier kascht an ausserhalb vu verschiddene Feierdeeg kaum, bis guer net genotzt gëtt.

Vun dëser Ännerung ass eise stadeegenen Night Life Bus net betraff. Eng performant Verbindung tëscht Esch, neierdéngs Schëffleng an der Stad Lëtzebuerg wäert och weiderhi weekends assuréiert sinn.

An et bleift ze iwwerleeën, ob eventuell doriwwer eraus punktuell interkommunal Kooperatioun an Zukunft denkenswäert wär, wann do genuch der Meenung sinn, dass deen dote Service sollt assuréiert ginn.

D'Gemeng Monnerech huet eng Demande beim Staat gemaach, fir d'Reprise vun der Linn 17. D'Staat Diddeleng kritt an Zukunft keng Subventioun méi vum Staat fir hir City-Buslinnen 8, 9 an 10 ze bedreiwen, an huet sech dofir decidéiert, dës Linnen auszeschalten.

A mir als Stad Esch hunn decidéiert, eis City-Buslinn 12 auszeschreiwen, well den TICE eis an Zukunft net dat noutwendegt Rollmaterial zur Verfügung stelle ka fir eis Linn, déi zum Deel a ganz enke Stroosse fuere muss, optimal ze bedéngen.

Mir brauche kleng, agill Bussen. Am beschte voll elektresch. Den TICE huet awer virun allem grouss a laang Bussen, déi op maximal héich Capacitéiten ausgeluecht sinn.

Wichteg ze soen: An all dëse Fäll, vläicht mat Ausnam vum Transport de nuit, gëllt: Fir de Client ännert sech strictement näischt. Selwechte Fuerplang, selwecht Horairen.

Et ass also net esou, wéi eng Partei rezent op Facebook propagéiert huet. Et gi keng Linne gestrach. Se gi just ab Enn vun dësem Joer net méi vum TICE gefuer.

Ofschléissend géif ech gär e puer méi grondsätzlech Remarke maachen. Duerch de kommunale Syndikatsystem hu mer hei am Minett et fäerdegbruecht, eng lokal Expertis opzebauen am Beräich vum Transport public, déi de Bléck virun allem op d'Lücken am Reseau geriicht huet.

Ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass mer dat erhale mussen, mee gläichzäiteg och un déi nei Realitéiten upasse mussen.

Et ass eng komplex Aufgab. Den TICE muss sech integréieren an de landeswäiten a grenziwwerschreidenden ëffentlechen Transport, ouni dobäi seng lokal Verankerung ze verléieren.

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass den TICE an Zukunft weiderhin eng Schlësselroll am Süde spille muss. Well wäerte mer enges Daags eng Tramstreck oder eng Bunnubindung duerch all Duerf hunn? Sécher net.

Dofir, de Bus ass a bleift de Garant, dass och de klengste Quartier vun Esch an dat klengst Duerf am Minett um ëffentleche Reseau ugschloss sinn. An dës Garantie kann nëmmen e biergernoe Betrib wéi den TICE erfëllen, wou d'Gemenge matschwätzen.

Iwwer déi aktuell Negociatioune vum TICE eraus muss sech déi strateegesch an déi sozial

Bedeitung vum Bus, iwwer déi ech uganks vu menger Ried geschwat hunn, och a konkreete Mesuren ënnermaueren.

Mir mussen an Zukunft weider massiv an eis Businfrastrukturen investéieren. Och jeenseits vum TICE-Buget. Konkreet heescht dat, méi laang Busser, déi zouverlässeg a propper fueren a méi kuerz Taktzäiten, fir dem Reseau déi néideg Reserven ze ginn.

Eng aner Erausfuerderung läit an den Trajeten a Linneféierungen. Mee och d'Haltestelle selwer verdéngen eis Opmierksamkeet. All Bushaltestell soll e séchere Komfort fir de Raum sinn. Dat bedeit, wiederbestänneg Abrisë mat Sëtzgeleegenheeten a gudder Beliichtung.

En anere Schlësselaspekt sinn d'Busspueren an d'Prioritéiten op eisen Haaptverkéiersachsen. Stéchwuert CHNS, Corridors à haut niveau de service.

Zesumme mam Staat schaffe mer dorun, op den Haaptstroossen, am Bezierk dediéiert Buskorridoren anzeféieren, sou wéi se op anere Plazen am Land haut schonn usus sinn. Zum Beispill op der N7 oder zu Stroossen op der N6.

Och am Süde musse mer dem Bus, an an Zukunft dem Tram, en absolutte Virrang ginn. Besonnesch zu de Stousszäiten.

Eng zousätzlech Erausfuerderung och fir den TICE, soen ech ganz kloer, ass d'Zouverlässegkeet. Den Horaire muss stëmmen. Wann e Bus geplangt um 7.42 Auer komme soll, da muss en och do sinn. Soss verléiert de System u Kredibilitéit.

Hei hëlleft eis d'digital Technologie. Echzäitinformatioun, nei Telematik an eng permanent Iwwerwaachung vun de Verspéidungen, fir séier entgéintzesteieren.
Last but not least: grenziwwerschreidend Ofstëmmung. Vill vun eise Pendlerinnen a Pendler kommen aus der Groussregioun. Do si Buslinnen iwwer d'Grenz eng super Saach. Zum Beispill d'Linn 604 op Audun-le-Tiche. Allerdéngs feelen der nach vill – an d'Demande ass do.

Et ass, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, kloer, dass den TICE virun engem neie Kapitel steet, egal wéi d'Verhandlungen ausginn. Mat dëse Verhandlunge fir en neie Finanzéierungsvertrag mam Staat gëtt decidéiert, wéi de Reseau déi nächst zéng Joer bedriwwe gëtt.

Fir eis als Vertriederinnen a Vertrieder vum TICE-Büro a vun de Gemenge war d'Linn vun Ufank u kloer. Den TICE muss moderniséiert ginn. D'Privatiséierung steet net zur Debatt. An et dierf keng Verschlechterung fir d'Personal oder fir d'Qualitéit vum Service ginn. Éischter de Contraire. Well d'Demande klëmmt, musse mir den TICE stäerken.

Studien erwaarden eng Verduebelung vun de Buspassagéier am Kanton Esch bis 2035. Fir deem Meeschter ze ginn, brauche mir eng Panoplie vu bequeemen, propperen, zouverlässege Léisungen. Zuch, Bus, Tram an engem optimalen Zesummespill.

An deem multimodale Puzzle iwwerhëlt den TICE zënter ëmmer an och an Zukunft de Rôle vum lokalen Zoubrénger a vum Lückenschließer. An dësem Rôle soll de Syndicat an Zukunft och weider eegen Innovatioune virunzdreiwen an d'Fanger um Puls vun de Busfuerpläng halen, fir flexibel a bedarfsorientéiert op d'Besoine vun de Leit ze reagéieren.

Wa mer an Zukunft zum Beispill e Séieren Tram am Süden hunn, dann ass et fir mech e klore Rôle an Zukunft fir den TICE, fir déi néng syndiquéiert Gemengen iwwer de Bus un dësen Tram-Reseau unzebannen.

Ech hu versicht, den Historique ze maachen, Fakten op den Dësch ze leeën an Iech och den aktuelle Stand vun den Negociatiounen duerzeleeën. Déi Negociatioune lafe weider. An dowéinst wäert ech verschidden Detailer aus den Negociatiounen à ce stade net kënne mat Iech deelen, fir d'Verhandlungsmarge vum Büro a vun de Gemengen net ze schwächen.

An an deem Sënn bieden ech ëm Äert Versteesdemech. An ech freeë mech awer op déi heiten Diskussioun, an der Hoffnung, nach eng Kéier, dass mer eclairéiere kënnen an de Biergerinnen an de Bierger en Debat iwwer d'Zukunft vun dësem wichtege Bussyndikat an och iwwer d'Fakten do ronderëm ze liwweren. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Wie kann ech aschreiwen? Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, dat hei ass, wéi gesot, en extreem wichtege Sujet fir Esch. Ech mengen, do si mer eis alleguerten doriwwer bewosst.

Ech sinn och frou, datt d'Verhandlungen, am Fong geholl, nach net ofgeschloss sinn. Well dat wär jo warscheinlech, wéi et aktuell ausgesäit, éischter eng Katastroph, wann dat sou géif bleiwen, wéi dat momentan den Uschäin huet. Also, wéi gesot, freet et mech, datt se nach amgaange sinn.

Wat mer e bësse Suerge mécht, ass den Zäitplang. Natierlech, wann een a sou Negociatiounen ass, weess een net ëmmer genau, wéi laang datt se daueren. Mee vläicht kënnt Der eis duerno eng Iddi ginn, wéi Dir dat gesitt, wellchen Zäitplang datt do dohannert ass, bis datt een zu enger Decisioun géif kommen.

Dat ass nämlech fir d'Interessanten, also fir d'Leit surtout, déi wou do beschäftegt sinn, eng kruzial Fro, fir ze wëssen, wéi se am Fong geholl, wéi hir Zukunft dann ausgesäit oder kéint ausgesinn. An datt se am Fong geholl besser plange kënnen. Wat jo wichteg ass och fir d'Leit alleguer, déi wou do beschäftegt sinn.

Déi zwee Punkten, déi wou eis am Fong geholl am meeschten interesséieren, sinn d'Aarbechtsplazen. D'CDIen, awer och d'CDDen. Dat heescht, egal wéi déi Negociatiounen elo lafen ... d'Fro ass am Fong geholl déi: Ass do eng Gefor, datt do Plaze misste reduzéiert ginn? A surtout Leit, wou en CDD hunn, anscheinend sinn do extreem besuergt.

An déi aner Fro ass: Wéi gesäit et aus mat de Gehälter? Dat heescht, ass do eng Gefor überhaupt do oder ass guer keng do, datt do d'Gehälter géifen no ënne goen oder net?

Dat sinn am Fong geholl hei déi Froen, déi wichteg sinn, géif ech soen, fir déi Leit, déi wou do beschäftegt sinn. A wann Der do schonn emol kéint eis Indicatioune ginn, wat Ärer Meenung no méiglech ass oder net méiglech ass. Dat wär trotzdeem an deem heite Sënn, an där heiter Affär ganz wichteg. Och fir d'Leit dobausse vläicht e bëssen ze berouegen.

Et seet ee jo ëmmer, d'Zopp gëtt net esou waarm giess, wéi se gekacht gëtt. Ech hoffen, datt dat hei an där heiter Affär och wouer ass. An datt mer duerno kënnen zu enger Solutioun fannen, déi wou d'Leit am Fong geholl an hiert Liewen an hir Paien ofséchert. Dat wär nämlech schlëmm, wann dat net sou wier.

Den zweete Punkt ass de Public natierlech. D'Leit, wou de Bus huelen, den TICE huelen, d'Linnen. Dir sot, normalerweis bleift dat alles bestoen. Dat ass jo scho mol eng ganz gutt Neiegkeet. Dat heescht, de Service gëtt u sech, egal wéi déi Verhandlungen do ausginn, wann ech lech verstinn, normalerweis net méi schlecht.

An d'Frequenz bleift anscheinend och esou, wéi se elo ass. D'Frequenz vun de Bussen, wéi se ...

*(Interventioun Här Meris Sehovic)*

Geet se souguer nach erop? Majo, dat héieren ech ganz gär. Also, d'Leit dobausse bestëmmt och.

Dat ass natierlech och fir de Public a fir d'Leit, och fir d'Escher, enorm wichteg.

Dat waren déi Haaptfroen. Ech wëll lech elo net, solle mer soen, nach ze vill mat deem Theema hei, solle mer soen, nach Detailfroe stellen. Mee op jiddefalls déi zwee Punkte si kruzial wichteg.

Ech weess, datt et warscheinlech an den Negociatiounen och haaptsächlech ëm déi zwou Froen do geet. An ech soen lech da Merci fir d'Äntwerten.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Faltz, duerno den Här Bermes.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Sehovic, fir déi Ausféierungen.

Dir sot elo eng Diskussioun. Ech mengen, dat heite ka jo elo keng richteg Diskussioun sinn. Mee ech mengen, dat ass dat eenzegt Wuert, dat am noosten ass vun deem, wat mer elo hei maachen.

Ech begréissen, dass den Här Sehovic hei den à jour mécht. Well et ass jo awer eppes, wéi och schonn ëmmer hei gesot ginn, den TICE gehéiert dann awer zu dem Patrimoine, zum Escher Tram. Dat ass jo awer schonn eppes, wat eis um Häerz läit. An ech denken och, datt dat eng ganz gutt Initiativ ass hei vun der Majoritéit, fir eis zäitno dann ëmmer à jour ze setze vun de Verhandlungssituatiounen. Ech mengen, do kënne mer wierklech net méi erwaarden.

Dir sot ganz richteg, et ass e Gefier, wat al Leit, Leit, déi kee Fürerschäin hunn oder de Fürerschäi verluer hunn – wou se zwar wëssen, wou en ass, mee ... oder och jonk Leit.

Mee ech géif virun allem soen, dass et e Gefier ass fir intelligent Leit. Et sinn déi Leit, déi, mengen ech, an Zukunft bëlleg, einegermoossen zouverlässeg vun A op B kommen.

Dir hutt vun der Zouverlässegkeet geschwat. Wa mer vu Retard schwätzen, dat funktionéiert natierlech nëmmen, wa mer vu Sites propres kënne schwätzen. Also Buslinne kënne schwätzen, fir dass de Bus sech net muss duerch déi selwecht Constipatioun wulle wéi den anere Verkéier.

Dat heescht natierlech och, e bësse politesche Courage hunn. Well dat geet ganz oft op Fuerbunnen, respektiv vläicht souguer op Parksträifen. Mir wëssen alleguerten, wéi sensibel sou Theemae sinn. Awer wéi gesot, ech mengen, dass dat awer de richtegen Usaz ass, fir dat doten ze maachen. An dass dat eis wierklech ka weiderbréngen.

Mir wëssen alleguerten, dass eis Populatioun wäert stramm an d'Luucht goen. Mir kréien

Zuele gewisen hei vu 50.000, 55.000. Eng Verdichtung vun eisem Raum. Wa mer do weider op den Auto setzen, wësse vun eleng, dass dat net wäert goen.

Dat heescht, ech mengen, de Maximum, wou mer kënne rechnen, dat ass, dass mer un der Unzuel u Privatautoen, ech mengen, elo um Maximum ukomm sinn. Dat heescht, alles, wat on top bäikënnt, musse mer an iergendenger Form op alternativ Weeër kréien.

Dat ass jo net nëmme gutt fir de Stroosseraum, well et jo méi schéin ... also eng Parkplaz ass näischt Schéines. Ech mengen, dass et gutt ass fir de Raum, dass et gutt ass fir allgemeng d'Beweegung, dass et gutt ass fir, wéi gesot, eebe fir d'Mobilitéit.

An ech denken dofir, dass et wichteg ass, dass déi heiten TICE-Diskussioun, dass déi am Sënn – an ech mengen, do si mer um richtege Wee –, dass déi am richtege Sënn gekuckt gëtt.

Vläicht eng kleng Remark nach. Et sinn ëmmer sou Remarken, déi opkommen, dat ass virun allem d'Privatiséierung vu verschiddene Linnen. Déi gi jo ausgeschriwwen. An do gëtt natierlech ëmmer de bëllegste geholl.

Ech denken, dass et do vläicht wichteg wär, eng Ponderatioun dropzesetzen, wou d'Aarbechtskonditioune vun de jeeweilege Chaufferen an iergendenger Form ... ech weess, dat ass kompliziéiert, fir esou eppes an enger Ausschreiwung ze maachen. An awer. Ech mengen, mir schaffe jo mat Lëtzebuerger Betriber normalerweis zesummen. Et si jo och déi, wou sech do normalerweis mellen. Datt et do eng Méiglechkeet gëtt, den Dossier sou ze formuléieren, dass mer och kënne sécher sinn, dass déi Chauffeuren a Chauffeusen dann net, wéi gesot, mat minimalem Loun do gedréckt ginn, obscho mer wëssen, dass se awer ganz komesch Aarbechtszäiten hunn. An dass deem dann och an deem Kader Rechnung gedroe gëtt. Dat heescht, net onbedéngt op de bëllegste setzen, mee op de beschten.

Mee ech mengen, dat geet an déi richteg Richtung an dofir begréisse mer dat heiten natierlech. A villmools merci fir déi Mise à jour. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Bermes an duerno den Här Baum.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Sehovic, fir déi ausféierlech Detailer vun de Verhandlungen, an och de Resümmee, a wéi eng Richtung et geet.

Här Faltz, ech sinn och een, deen de Bus muss fueren. Ech fuere gär Bus. Ech sinn zwar am Fong e bësse gesondheetlech gezwongen. Mee säitdeem ech hei zu Esch sinn, fueren ech ëmmer mam Bus. An ech muss einfach soen, den TICE mécht wierklech eng gutt Aarbecht, eng effizient Aarbecht.

An dofir sinn ech och frou, datt mir den TICE kënnen ënnerstëtzen, datt dee bestoe bleift, datt d'Leit, d'Chauffeuren, déi net ëmmer eng einfach Tâche hunn, well ech schwätzen heiansdo mat hinnen, an datt déi och erhale ginn.

An et ass wichteg, dee Statut, alles, wat d'Sécherheet fir d'Personal, awer och d'Sécherheet fir d'Leit aus dem Süden, vun Esch, aus dem ganze Minett. Ech mengen, mir mussen eng effizient, eng komfortabel an eng modern Transportméiglechkeet hunn. An den TICE gehéiert einfach dozou.

Bon, et ass eeben elo sou, do kommen nei Erausfuerderungen, den Trafic geet an

d'Luucht. An ech mengen, den TICE stousst och elo infrastrukturméisseg u seng Grenzen. An dofir muss een no Léisunge sichen.

A leider, déi mussen och ëmmer finanzéierbar sinn. Dat heescht, dofir muss een e gudde Konsens sichen. An ech mengen, datt déi hei Verhandlungen an déi richteg Richtung ginn. An ech wënschen Iech vill Courage, fir weiderzemaachen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem Här Sehovic fir déi Erklärung, déi hie ginn huet.

Ech sinn och frou, datt mer et haut um Ordre du jour hunn. Ech weess, mer haten, d'lescht Woch an der Chamber tëscht zwee Debaten hate mer kuerz matenee geschwat. An ech si frou, datt et um Ordre du jour ass, well ech wollt et och dropsetze loossen, mee hei ass, mengen ech, déi besser Form, datt effektiv de Schäfferot mat enger Deklaratioun ufänke kann a mir kënnen dann e bëssen dozou Stellung huelen.

Zum eclairéierten Debat, deen mer hei féieren, gehéiert och d'Geschicht vum TICE. Firwat ass et iwwerhaapt en TICE ginn? Déi éischt Iddie sinn ëm 1900 entstanen an d'Date-cléen, Dir hutt se selwer gesot, 1913, 1914. An 1927 ass dunn effektiv den Tram gefuer.

Dofir heescht et och TICE. Den „T" steet nämlech fir „Tramway".

An dat ass bis an d'50er-Jore gaangen a wou successiv den Tram ëmmer weider vun de Busser ersat ginn. Dat war déi Zäit dans l'air du temps, fir d'ganz Mobilitéit op den individualiséierten Automobillverkéier ze setzen.

Ech mengen, datt mer haut glécklecherweis erëm an enger Richtung ginn an och nach laang wäerten domadder befaasst sinn, déi Feeler aus der Vergaangenheet, déi do geschitt sinn, erëm ze revidéieren.

Den TICE huet awer och als Vocatioun ëmmer gehat – an och wann ee sech déi Debatte vun deemools ulauschtert – ulauschtert ass schwéier –, ukuckt oder uliest, datt d'Südgemenge méi staark solle matenee verbonne ginn.

An Esch huet doranner eng zentral Roll, well Esch an deem TICE-Reseau zentral ass. Geografesch zentral ass. Mir leien tëscht Diddeleng, Déifferdeng, Péiteng, wann ee sech déi Südsträif ukuckt. An Esch huet e vitalen Interêt dorunner, datt et déi Verbindungen am Süde gëtt, firwat Esch och ëmmer eng dreiwend Kraaft beim TICE war.

An dat dréckt sech och doduerch aus, datt mer och haut vun deenen – wann ech richteg gezielt hunn – 24 Kommiteesmembere si sechs Escher. An een dovunner ass och Member vum Büro. Dat ass de Mobilitéitsschäffen, den Här Sehovic.

Dat heescht, déi néng Gemengen hu mir am Büro ee Véierel vum Poids. Dat huet och ganz vill domadder, éischtens historesch gewuess, an zweetens awer och mat Contributioun vun der Escher Gemeng bedeit huet.

Wann ech soen, et ass drëm gaangen, d'Südgemenge mateneen ze verbannen, da war et awer och ëmmer d'Iddi, fir e Géigepoids iergendwéi ze hunn zur Regioun Zentrum, zur Stad Lëtzebuerg an zu der renger, vum Staat organiséierter Drainage vun der Populatioun Richtung Stad Lëtzebuerg.

Mee, an dat waren och schonn déi Zäit urbanistesch a landesplaneresch mobilitéitstechnesch Iwwerleeungen, fir de Süde méi staark mateneen ze verbannen.

An dee Wonsch, deen net ëmmer op déi allergréisst Begeeschterung op ministeriell Säiten, och historesch getraff ass, huet e Präis. Nämlech datt d'Südgemengen iwwerproportional vill musse bäileeën zum ëffentlechen Transport, wou aner Gemengen, déi ganz iwwer den RGTR fueren, déi Käschten objektiv net an deem dote Mooss ze droen hunn.

D'Fro ass elo, wat läit am Moment um Dësch. An ech muss lech éierlech soen, och déi éischt Propos, déi eng bessert Finanzement virgesäit, ass sécherlech eng Avance par rapport zur initialer Propos vum Mobilitéitsministère. Et ass awer wäitestgeeënd onzefriddestellend. A verschidden Dimensioune fannen ech nach ëmmer, datt et eng Katastroph ass.

Wann Esch seng Nuetslinn verléiert, dann ass dat kee Fortschrëtt an der Mobilitéit. Et féiert net dozou, datt méi Leit, besonnesch Jonker, vläicht och besonnesch Fraen, och weekends kënnen op den ëffentlechen Transport zeréckgräifen. Dat ass definitiv e Réckschrëtt.

An et ass e Réckschrëtt fir Esch, well mir och an deem geografeschen Zentrum vum deem Ganze leien.

Déi zweet Dimensioun, wa gesot gëtt, Privatiséierung, da stëmmt et, datt et net de facto eng reng Privatiséierung ass am Sënn vun d'Leit ginn elo alleguer entlooss an déi mussen elo ënner Privatstatutt fueren.

Dat ass wuel richteg, mee ech mengen, datt een nawell soe kann, datt et eng schläichend Privatiséierung ass, déi virprogramméiert ass.

Wa virdrun de Schülertransport vun TICE-Beamte mat deem Statutt, mat deem Salaire, deen domadder verbonnen ass, gemaach ginn ass, an dee gëtt an Zukunft ausgeschriwwe via RGTR, da sinn et privat Busfirmen, déi de Schülertransport an Zukunft wäerte maachen.

Dat heescht, fir déi eenzel Leit bedeit et net onbedéngt eng Verschlechterung, mee vun der Konstruktioun hier ass et schonn eng Privatiséierung, wa virdrun de Schülertransport vun engem ëffentlechen Träger organiséiert ginn ass an e gëtt an Zukunft vun engem privaten Träger organiséiert.

Dat selwecht gëllt – an do fänkt et un awer, datt ech de Membere vum Kommitee och géif uroden, d'Rechemaschinnen erauszehuelen. Wa souwuel zu Diddeleng wéi och zu Esch den TICE net méi bereet ass, d'City-Buslinne weider ze fueren, an déi zwou Gemenge ginn dann op de Wee, datt si selwer ausschreiwen.

Ausschreiwen heescht erëm eng Kéier, datt et Privater sinn, déi déi da fuere wäerten. Ausser Dir géift mer elo soen, d'CFL géif et eventuell iwwerhuelen, wat mech awer éischter wonnere géing.

An do ass d'Fro. Dat ass net e Moins u Käschten. Well déi City-Buslinnen, déi ausgeschriwwe ginn, déi mussen nawell bezuelt ginn. Just datt déi Suen net méi an den TICE fléissen, mee un de private Bedreiwer. An och dat huet e Käschtepunkt.

An et ass wierklech awer ze kucken, ob dee Käschtepunkt da weesentlech méi niddreg ass, wéi wann den TICE d'Méiglechkeet gehat hätt, dat weider ze maachen.

Et ginn infrastrukturell Problemer – ech ginn herno op déi an, firwat et objektiv Limitatioune beim TICE ginn.

Dat heescht, et ass eng Situatioun, déi net gutt ass. Mer verléieren objektiv e ganz grousst Element. An zwee aner Elementer,

d'City-Buslinnen a Schülertransport, si mer mam Phenomeen vun enger schläichender Privatiséierung befaasst.

Da gëtt als Argument ugefouert, datt den TICE un der Limitt vu senger Capacitéit ukomm wier. Souwuel wat d'Raimlechkeeten ugeet, d'Unzuel vun de Bussen, d'Méiglech-keete fir Garage, Mecanique, fir Leit anzestellen, sou datt eleng et eng infrastrukturell Begrenzung gëtt vun der Weiderentwécklung vum TICE.

An do muss ee soen: Mee wann dat sou ass, da sinn awer an der Vergaangenheet Feeler geschitt. An da ginn et och Verantwortunge fir déi Feeler.

Wann elo op eemol d'Elektrifizéierung sou deier gëtt – ee Gléck iwwerhëlt de Staat se jo dann –, dann huet dat och domadder ze dinn, datt an der Planung an der Vergaangenheet Feeler geschitt sinn an datt déi Elektrifizéierung net éischter ugefaangen huet.

An och dofir mengen ech, datt et Responsabilitéite ginn. An datt een och ganz éierlech, wann herno an der Debatt alles um Dësch läit, d'Elementer, datt een och déi Feeler wierklech benenne muss. An datt een eventuell muss kucken, ob et net dann aner Solutiounen oder Optiounen hätte kënne ginn.

Effektiv, déi Propos 1 bedeit zwou Gesetzes-ännerungen. Et gëtt ee Modell vun esou engem Syndicat mixte. Dat hutt Der selwer gesot, dat ass d'SEBES. D'Fro stellt sech natierlech och do vum Zäitplang.

Dat heescht, och e Gesetz – a souguer e Finanzéierunggesetz. Dat wier jo dat zweet. Och e Finanzéierungsgesetz geet net innerhalb vun e puer Wochen duerch d'Instanzen. Dat heescht, och dat wäert en Impakt op d'Zäitschinn evidenterweis kréien.

Wësst Der, den TICE hat och de grousse Virdeel, datt mer, wat d'Mobilitéit ugaangen ass, eigentlech e Prinzipp haten, datt déi Leit, déi um Terrain sinn, an déi Expertis, déi mer iwwer d'Joerzéngte gewonnen hunn, och selwer hu kënnen applizéieren. An dat en accord mat effektiv den ëffentlechen Instanzen.

Wann awer elo an Zukunft ëmmer méi Elementer vum ëffentlechen Transport duerch Privatträger, RGTR oder wien och ëmmer, an Zukunft wäert gemaach ginn, da verléiere mer och e Stéck Souveränitéit iwwer eis Mobilitéitspolitik.

Do stelle sech och ganz vill Froen. De Séieren Tram wäert an de Süde kommen, duerch Esch fueren. Ënnert wéi engem Statutt wäert dat sinn? Gëtt dat eng eege Gesellschaft? Gëtt se ugegliddert un déi privat Luxtram, wou d'Stad Lëtzebuerg am Conseil d'administration sëtzt? An all déi Froen, déi domadder zesummenhänken.

De viregte Mobilitéitsminister Bausch hat d'Iddi, déi ëmmer an alle Südgemenge gedeelt ginn ass, fir e Südtram an d'Liewen ze ruffen, verworf an e BHNS ugekënnegt. Bus à haut niveau de service.

Och do stellt sech d'Fro, wou ass dat an der Realitéit drun. Well dee Projet war awer eppes, wat e bësse méi eng Envergure a Gréisst hat, änlech wéi op der N7 Buskorridoren einfach virzegesinn.

Dat war schonn eppes, wat méi ëmgräifend war a wat natierlech och d'Südgemengen direkterweis impaktéiert huet. An och do, de Bus à haut niveau de service: Wie wäert dovunner, wann deen da sou entstoe wäert, wie wäert an Zukunft dovunner den Träger sinn?

Ech ka mer virstellen, datt Der keng einfach hutt an deem Büro, fir do ze negociéieren. Ech

muss lech just soen, datt dat, wat am Moment um Dësch läit, fir Esch kee Fortschrëtt ass, wat d'Mobilitéit ugeet. An dat bedaueren ech. Eleng duerch d'Ewechfale vun der Nuetslinn gëtt den ëffentlechen Transport am Süden an och zu Esch net méi attraktiv.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Da ginn ech d'Wuert un den Här Sehovic fir d'Äntwerten.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci fir deen Debat a fir déi vill Remarken.

Ech hu mer vill Notte geholl an ech versichen einfach elo mol, chronolgesch der Rei no duerch déi Saachen ze goen an do, wou ech kann, Äntwerten ze liwweren.

Et ass gefrot gi vum Här Schmit no de Garantië fir d'Aarbechtsplazen. Wéi gesot och uganks a menger Introduktioun, dat war dès le départ eng vun en Haaptpreoccupatioune vum Büro vum TICE.

An do hu mer eigentlech ganz fréi, nämlech scho bei der éischter Propos am Juli 2024, d'Garantie kritt vum Ministère, dass, egal wéi mer verhandelen, keng eenzeg Aarbechtsplaz a Gefor ass.

Dir hutt d'CDDen ugeschwat. Bon, ech kéint elo soen, e Contrat à durée déterminée ass eeben an der Natur vun der Saach determinéiert. Dir musst wëssen, dass d'CDDen agestallt gi sinn, fir punktuell Capacitéitslücken ze fëllen.

D'Personalkommissioun, an där notamment och den Här Cavaleiro sëtzt, huet dat dès le départ eigentlech och ëmmer sou kommunizéiert. An et gëtt eng ganz Rei vu Leit, déi am TICE schaffen, an engem CDD, déi dat och sou wënschen oder wollten, well et se arrangéiert oder well et hinnen duerno e Sprongbriet gëtt, fir op enger anerer Plaz eppes ze fannen.

Et ass awer sou, vu dass verschiddde Capacitéitsproblemer um Niveau vun de Chauffeuren ëmmer nach bestinn, dass eng ganz Rei vun de CDDe – dat ass op d'mannst d'Propos vum TICE-Büro, déi mer gëschter diskutéiert hunn – wäert verlängert ginn. Dat ass eng Decisioun, déi den TICE-Kommitee muss huelen.

Mee Dir wësst awer och, dass e CDD am Aarbechtsrecht just eng Kéier ka verlängert ginn.

Wat d'Salairen ugeet, an iwwerhaapt de gesamten Acquis social, also och de Statutt vum Gemengefonctionnaire. Och dat ass eigentlech zënter Juli 2024 garantéiert an an de Verhandlungen acquis. Dorunner réckelt näischt.

Am Fall vun enger Kreatioun vun engem Syndicat mixte géingen d'Aarbechtskontrakter transferéiert ginn nom Modell eigentlech vun enger Gemengefusioun. Dat heescht, et sinn déi selwecht Kontrakter mat de selwechte Konditiounen, mat de selwechte Graden, mam gesamten Acquis social, deen am TICE besteet.

An deen, an dat erlaben ech mer, unzemierken, deen, menger Meenung no, och en Deel ass vun deem Service public. Ech mengen, wann s du wëlls e gudden ëffentlechen Transportsreseau bauen, da brauchs du gutt Aarbechtskonditiounen. An dat war eigentlech och historesch e Stéck wäit.

Déi 10 bis 15 Milliounen, déi d'Südgemengen op den Dësch geluecht hunn historesch, fir dee Reseau ze finanzéieren, matzefinanzéieren, hu

mer och ëmmer e bëssen an där Perspektiv gesinn, dat ass den Add on, dee mir néng Gemenge bereet sinn, ze bezuelen.

Engersäits natierlech fir lokal Besoinen, den Här Baum huet et ugeschwat, besser ze bedéngen, mee anerersäits awer och, well mer als néng Südgemengen der Meenung waren, dass dee Statutt eis eppes wäert ass. An dee Statutt hu mer am TICE eebe bezuelt iwwer eis Contributioun vun 10 bis 15 Milliounen.

Wat d'Qualitéit ugeet, all déi Ännerungen, déi ech ugeschwat hunn, bedeite kee Changement an der Qualitéit fir de Client. Mir mussen dovun ausgoen, dass an den nächsten zéng Joer 80.000 zousätzlech Beweegungen am Süden, am urbane Süde wäerte stattfannen. An den Här Faltz huet dat richteg bemierkt. Wann déi alleguer um Auto sinn, da si mer op der A13 an op der A4 gi mer ënner. Da gi mer ënner.

An dowéinst ass et evident fir all d'Acteure ronderëm, dass de Rôle vum Bus an och de Rôle vum TICE an Zukunft muss gestäerkt ginn.

Speziell Buskorridore si wichteg. Dat gesinn ech genau d'selwecht. An an deem Kader ass jo ee vun de prioritären Axen, wann et ëm d'Entwécklung vun eisem Stroossennetz geet, definéiert ginn, hei op der Groussgaass Richtung Place des Remparts, Breedewee, doriwwer eraus.

Dat ass nämlech ee vun deenen CHNSen, Corridor à haut niveau de service, déi virgesi sinn. An do iwwerhëlt Esch seng Responsabilitéit an eisem stättesche Banneraum op der enger Säit.

An op der anerer Säit lafen am Kader vun der Entwécklung vun der Metzeschmelz, do gëtt et e Groupe de travail Mobilité. An déi CNHS-Korridoren, déi solle jo duerno och iwwer d'Metzeschmelz goen. An och do gëtt dorunner geplangt a geschafft.

An dat sinn eeben net méi, Här Baum, Bussen, dat si spezifesch Korridoren. D'Iddi eigentlech vum BHNS, vun de Bus à haut niveau de service, ass eigentlech begruewe ginn. Ass net méi Bestanddeel och vum Plan national de la mobilité.

Bon, et gëtt der a verschiddenen Nopeschstied, déi mer kennen. Ech sinn iwwerzeegt dovunner, dat gesinn ech genau d'selwecht wéi den Här Faltz, dass mer virun allem sécherstelle mussen, dass Bussen an Zukunft, wa se e méi héijen Takt hunn, méi héich Capacitéiten. Dat bréngt eis alles näischt, wa se am selwechte Stau sti wéi all déi aner Verkéiersteilneemer. Sou dass dat e wichtegen Aspekt ass.

Wat d'Ausschreiwung konkreet ugeet, déi mer wëlle maache fir d'City-Buslinn 12, wäerte mer … vu dass dat elo e Stéck wäit op d'mannst fir mech eng nei Erfarung ass, si mer a Concertatioun mam TICE, fir eeben déi Linneféierung esou auszeschreiwen ze kënnen, wéi dat bis elo gemaach ginn ass.

Awer och mat der Stad Diddeleng, well mer e gemeinsamen Defi hunn an dat och zesummen uginn. Do sinn ech an engem gudden Echange mat menger Kolleegin Mobilitéitsschäffin, der Madamm Dall'Agniol.

Wat d'Geschicht vum Syndikat ugeet, an do hunn ech versicht, mech ganz bewosst kuerz ze maachen. Dir hutt geschwat vun de Feeler vun der Vergaangenheet. Ech hu bewosst de Choix gemaach, elo dee ganzen Opaarbechtungsexercice net ze maachen.

Ech si fir d'Stad Esch zënter Oktober 2023 am Büro vum TICE an hat säitdeem vill ze di mat deenen Negociatounen. An dat, wat mech interesséiert a wat eis interesséiert, mengen ech, ass d'Zukunft vum TICE a wéi

mer e kënne stäerken an op zolidd Bee stellen. Am Sënn vun der Qualitéit a vum ëffentlechen Transport am Süden.

Den Nuetstransport ass e Réckschrëtt. Ech si Member vum Büro vum TICE. De Büro vum TICE ass wéi e Schäfferot, e kollegiale Gremium. Dat heescht, am Prinzipp huele mer Decisiounen à l'unanimité. An och déi Decisiounen, mat deenen ech net averstane sinn, assuméieren ech als Kolleeg an engem kollegiale Gremium.

Ech wäert Iech awer dowéinst net verstoppen, dass et ronderëm den Nuetstransport effektiv Diskussiounen am Büro gouf, an dat och eng Entscheedung ass, déi net unanime geholl ginn ass au sein vum TICE-Syndikat.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass mer jo hei zu Esch weiderhin nach eng Kéier eis Offer, déi Esch, Schëffleng an d'Stad Lëtzebuerg verbënnt, oprechterhalen. An och den Nightrider, deen nach méi flexibel ass, och weider oprechterhalen.

An da wëll ech och dat ganz kloer gesot hunn: Ech verschléisse mech net enger Diskussioun mat anere Gemengen, déi eventuell interesséiert wären, iwwer déi heiten Diskussioun eraus, eng Offer am Süden, déi tëscht dem Süden oder tëscht verschiddene Stied am Süde géing zirkuléieren, um Niveau vun enger interkommunaler Zesummenaarbecht nach ze diskutéieren. Dat bleift ze kucken.

Et ass vun enger schläichender Privatiséierung geschwat ginn. An dat ass eppes, wat ech wëll zeréckweisen. Souguer am Zenario 1, deen de Staat proposéiert, wou de Staat géing mat eraklammen an den TICE, schwätze mer vun engem ëffentleche Syndikat. Mat deene Leit, déi do schaffen, déi an der Fonction communale agestallt sinn an an deenen Aarbechtskonditioune schaffen.

Et ass och net all déi lescht Joren a Joerzéngten vun enger schläichender Privatiséierung geschwat ginn, wa mer fir grenziwwerschreidend a fir iwwerregional Linnen eeben net den TICE fuere gelooss hunn, mee den RGTR.

Et ass a bleift fir mech – ech hunn dat versicht, a menger Ried ugangs e bëssen ze skizzéieren, den TICE, an Dir hutt et och gesot, Här Baum, ass historesch gesinn eisen Atout gewiescht hei, fir, nach eng Kéier, Lücken zouzemaachen, fir Strecken ze fueren, déi aus der Perspektiv vun engem Stater Mobilitéitsbeamte warscheinlech net interessant sinn oder net genuch Demande hunn, fir déi Saachen trotzdeem ze fueren a sécherzestellen, dass mer am Süden, am Minett eeben och an deene Quartieren, an deene klengen Dierfer kënnen eng Offer maachen.

An dat ass dee Rôle, deen ech och an Zukunft fir den TICE gesinn. An dowéinst fannen ech et wichteg, dass d'Gemenge weiderhi matschwätze kënnen am TICE. Well dat ass deen Atout, dat ass déi Plus-value, déi mir kënne schafen.

Et ass vum Séieren Tram geschwat ginn an d'Gouvernance dovunner. Et gëtt e Comité politique, dee sech reegelméisseg op Invitatioun vun der Mobilitéitsministesch trëfft an eeebe grad den infrastrukturelle Volet am Moment vum Ausbau vum Séieren Tram diskutéiert.

Dir hutt eng Rei vu Gouvernancefroen ugeschwat, déi à ce stade net Géigestand waren nach vun den Diskussiounen. Mee ech ginn awer, sou wéi Dir och, dovunner aus, dass dat awer och elo iergendwann Diskussioune sinn, déi ze féieren sinn.

A wie weess, den TICE kënnt vum Tram. Wie weess, wisou soll en net vläicht och enges Daags zeréckgoen och bei den Tram.

Vläicht ofschléissend dës Remark. Wéi gesot, mir wäerten déi Diskussiounen zesumme mam Staat weider féieren. Mir sinn eis eens doriwwer, an dat ass ganz wichteg an dat wëll ech hei nach eng Kéier betounen, well mir schwätze vun den Zukunftsperspektiven net nëmme vun engem Reseau, mee vun honnerte Leit, déi all Dag opstinn, fir am Sënn vun de Biergerinnen a Bierger e Service public ze offréieren.

Dës Leit, an dat deet mer leed, sinn zënter Enn 2022 an enger Onsécherheet. Et ass gefrot ginn no der Dauer vun deenen Negociatiounen. Ech weess net, wéi laang se nach dauere wäerten.

Mir mussen eis déi Zäit huelen, déi mer eebe brauchen, fir Saachen ze klären. Mee et wär mir léiwer, dës Negociatiounen éischter séier ofzeschléisse wéi nach laang ze waarden. Och am Sënn vun de Mataarbechterinnen a Mataarbechter, well ech der Meenung sinn, dass si et verdéngt hunn, méiglechst séier kloer Verhältnisser ze hunn.

An an deem Sënn wäerte mer weider verhandelen am Interêt vun de Leit, déi do schaffen, awer och am Interêt vun den Escher Biergerinnen a Bierger, déi et verdéngt hunn, e gudden ëffentlechen Transport hei zu Esch an doriwwer eraus ze hunn. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

### 6.1. Foyer de nuit AbridSud, Maison Michels et SSIU ; rapport d'activité 2024 ; présentation et discussion

### 6.2. Convention avec le Ministère de la Famille relative au Foyer de Nuit AbriSud et la Maison Michels pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den nächste Punkt. Do geet et ëm eis sozial Servicer. Den Här Cavaleiro wäert d'Punkte 6.1 a 6.2, mengen ech, zesummen ausféieren. Da maache mer d'Diskussioun an de Vott och zesummen.

Här Cavaleiro, Dir hutt d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech presentéieren Iech dann, wéi gesot, de Rapport d'activité 2024 vum Foyer de nuit AbriSud, der Maison Michels an dem Service social d'intervention urbaine, SSIU kuerz genannt.

Dëse Rapport beliicht d'Aarbecht, déi an dëse Strukture geleescht gouf, a refletéiert d'sozialpolitesch Strategie vun der Stad Esch am Kampf géint Sans-abrisme an am Asaz fir eis am meeschte vulnerabel Matbierger.

De Foyer de nuit AbriSud, dat fir d'éischt 2005 seng Dieren opgemaach huet, bleift e wichtegt Element an der sozialer Offer vun der Stad. Et ass 365 Deeg am Joer op a bitt eng sécher a stabill Ënnerkonft fir Leit ouni festen Doheem. An dat vu 17 Auer bis 9 Auer, mat 18 Better am Ganzen, a véier Dortoiren agedeelt mat 14 Better fir Männer a véier Better fir Fraen. Dat fir 2024.

Do muss ech och nach soen, datt mer dëst Joer schonn déi Capacitéit erhéicht hunn op Demande vum Ministère de la Famille. An déi Better sinn elo schonn homologéiert. Elo si mer schonn op 22 Better, dovunner 17 Better fir Männer a fënnef Better fir Fraen. Wéi gesot, säit dëst Joer.

Statistiken aus 2024 weisen am Fong geholl Follgendes: 5.876 Nuitéë goufen enregistréiert, wat en Taux d'occupation vun 89 % entsprécht. Par rapport zu 2023 ass dëst stabill bliwwen. An den Taux ass souguer am Verglach zu de 84 % vun 2022 an d'Luucht gaangen.

105 verschidde Beneficiairë goufen am Laf vum Joer opgeholl, dovunner 83 Männer, 79 % dee Moment, an 22 Fraen, 21 %.

Hei muss ee soen, datt dës Zuel konstant bliwwen ass, mat Exceptioun an de Covidjoren. A wann een de Graphique kuckt vun 2015 bis 2024, wier d'Unzuel vun de Leit, déi opgeholl goufen am AbriSud, erofgaangen. Wat net richteg ass, wann een dat einfach sou plakeg kuckt, mee d'Durée vun den Openthalt si méi laang ginn.

An aktuell den Delai d'attente moyen, fir e Lit fixe ze kréien, ass sechs Méint. Wat am Fong geholl och erkläert, datt d'Leit, d'Clienten, déi do ënnerkommen, méi laang e Besoin hunn, en Daach iwwer dem Kapp ... also natierlech huet jiddwereen e Besoin, en Daach iwwer dem Kapp, mee datt déi Durée méi laang dauert an datt se och méi laang dra bleiwen.

41 % vun de Beneficiairë loungen an der Alterskategorie tëscht 41 a 50 Joer, gefollegt vun den 31-40-järeg, dat sinn 21 %, an den 51-60-järegen, 21 % och. 9 % vun de Beneficiairë waren ënner 25 Joer, wat e Problem duerstellt, well vill vun hinne keen Accès op de REVIS an doduerch a prekär Situatioune falen.

Trotzdeem muss ee soen, datt dësen Taux erofgaangen ass par rapport zu 2023, wou 11 % vun de Beneficiairen ënner 25 Joer waren. En Zeechen, datt d'Mesurë vum ONE, Office national de l'Enfance, gräifen an datt et méi Jugendwunnengen och gëtt.

Nationalitéiten: 43 Lëtzebuerger, 52 EU-Ressortissanten, mat 30 Portugisen als déi gréisst Nationalitéit, 10 Beneficiairen aus Drëttstaaten.

D'Durée de séjour. 47 Persoune sinn nëmmen eng bis zwou Nuechte bliwwen. Dat entsprécht 45 % vun den Openthalter. Bei 12 Persoune méi wéi sechs Méint, wat de strukturelle Wunnengsmangel illustréiert.

666 Nuitéë goufen am Kader vu Lits povisoires un d'Leit verdeelt, déi net op der regulärer Lëscht waren. An 163 Fäll war kee Bett méi disponibel.

Et muss een den Ënnerscheed maachen tëscht Lits fixes, Lits provisoires an ... d'Differenz ass, déi, déi e Lit fixe hunn, dat sinn déi, déi eebe fest wärend laanger Zäit do schlofen.

Déi, déi e Lit provisoire – dat sinn haaptsächlech déi, déi dann owes no 21.30 Auer kommen. A falls do nach e Bett fräi wier, well vläicht een, deen e fixe Bett huet, da grad deen Owend net do ass – an dat ass eng Méiglechkeet, déi déi Leit och hunn –, zweemol an der Woch net mussen oder net brauchen do ze schlofen, oder d'Fräiheet hunn, net do ze schlofen. Datt dann déi Better no 21.30 Auer u Leit, déi eebe virun der Dier nach stinn, fir do dann e Bett ze kréien.

Eng Reduktioun also hei vu 37 % am Verglach mat 2023. An an deem Fall ginn d'Clienten un de Premier rappel dirigéiert, falls déi dann eebe keng Méiglechkeet kréien am AbriSud.

D'Urgence am Foyer de nuit. 159 Nuitéen am Kader vum Lit d'urgence. Et muss ee soen, datt

bei deene Better, wou mer 2024 haten, vun deenen 18, war ëmmer sou gutt am Dortoire vun de Männer wéi am Dortoire vun de Fraen ëmmer ee Bett fräi am Fall vun enger Urgence. An do goufen 159 Nuitéen am Kader vum Lit d'urgence, dovunner 137 fir Männer an 22 fir Fraen, benotzt.

127 Mol huet d'Ekipp vum Foyer de nuit decidéiert, e Lit d'urgence zur Verfügung ze stellen. Dat well dann heiansdo och mol Leit eebe kommen an enger ganz schwiereger Situatioun, wou dann eeben d'Personal wierklech d'Entscheedung hält, deen dann opzehuelen. Mee awer och a Situatiounen, wou zum Beispill d'Police de Lit d'urgence ufreet. An dat war 29 Mol fir 2024.

15 Mol goufen d'Rettungsdéngschter geruff fir Noutfall vu Beneficiairen a fënnef Mol war et noutwendeg, d'Police ze ruffen. Eebe well et Problemer op der Plaz gouf mat Beneficiairen.

Da schwätze mer och nach am Rapport vun der Begleedung vun eise Sozialservicer mat de Sans-abrisen. 44 Beneficiairen hu vun engem individuelle soziale Suivi profitéiert. Dorënner 34 Männer an 10 Fraen.

41 Beneficiairen haten eng Adresse de domiciliation am Foyer de nuit, wat fir administrativ Demarchen essentiel ass. An deem heite Fall sinn et Leit, déi zwar wuel kee Lit fixe méi hunn, mee déi awer nach do ageschriwwe sinn, well se soit an engem Traitement theurapeutique sinn oder vläicht an enger Situatioun sinn, datt se am Prisong sinn oder an eng aner Situatioun. An dat waren, wéi gesot, 41 Beneficiairen.

Déi meescht Beneficiairen hunn d'Dauer vum Openthalt op dräi Méint limitéiert kritt, mat méiglech Verlängerungen no enger Evaluatioun. An dësen Zäite koum dat natierlech méi oft wéi virdrun.

Housing First: 23 Beneficiairen hunn e Suivi Housing First kritt. Siwen an enger privater Wunneng, siwen an enger sozialer Wunneng vun der Stad.

Dann zu der Maison Michels. D'Maison Michels, déi 2013 gegrënnt gouf, huet als Zil, stabill Wunnstrukture fir eeler oder besonnesch vulnerabel Beneficiairen ze schafen. D'Zuele fir 2024 an der Maison Michels weisen, datt zéng Residenten, dorënner aacht Männer an zwou Fraen, Duerchschnëttsalter 58 Joer, ënnert hinnen eeler Leit bis 71 Joer. Dat heescht, eng Populatioun, déi ëmmer méi al ass. An den Nationalitéitratio: 7 Lëtzebuerger, zwee Portugisen an ee Spuenier.

Eng Persoun huet missen d'Struktur verloosse wéinst engem Deguerpissement an enger Situatioun, wou konkreet déi Persoun komplett géint d'Reegele vum Gebrauch eebe vun där Wunneng, déi Reegelen net respektéiert huet.

Eng Persoun hat e CDI, zwou Persounen hate schonn Accès op eng Pensioun.

Reegelméisseg Atelieren, fir d'Selbstänneg-keet ze fërderen, ginn och do proposéiert. Kachatelieren a sou weider.

An dann zum Service social d'intervention urbaine, de SSIU. Mam Streetwork. Dëse Service gouf gegrënnt, fir op der Strooss present ze sinn an de Kontakt mat de Leit ze halen, déi net vun den traditionelle soziale Servicer erreecht ginn.

Aarbecht an Zuelen an deem Beräich: verstäerkt Presenz am ëffentleche Raum, méi wéi 300 Interventiounen am Laf vum Joer, Ëmgäng mat vulnerabel Populatiounen, méi wéi 100 Eenzelpersoune si kontaktéiert ginn oder waren a Kontakt mam SSIU. Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren,

zum Beispill Jugendhëllef, Suchtberodung, Stëmm vun der Strooss, de CHEM.

Also de Streetwork-Service baséiert op engem nidderschwellege Prinzipp, wou Professioneller Leit an hirer gewinnter Ëmwelt treffen, amplaz se an eng administrativ Struktur ze forcéieren.

Dëse perséinleche Kontakt hëlleft, Vertrauen opzebauen a progressiv déi betraff Persounen a Richtung sozial Integratioun ze begleeden.

An hei d'Haaptaufgab vum Streetwork-Service: Tournéeën an de Quartieren ze realiséieren, Identifikatioun vun de Problemzonen an direkter Interventioun. Den Opbau vu Vertrauen, dat heescht, laangfristeg Relatiounen entwéckele mat Persounen, déi oft marginaliséiert sinn.

Eng Orientatioun a Begleedung, Hëllef bei administrativen Demarchen, Gesondheetsproblemer, Suchtbehandlung oder Wunnengssich. An dann och nach d'Zesummenaarbecht mat anere Servicer, reegelméisseg Koordinatioun mat de sozialen, juristeschen a medezinnesche Strukturen.

D'Joer 2024 war e richtege Wendepunkt fir de Streetwork-Service mat der Schaffung vum Service social de l'intervention urbaine, deen och dee Moment ënnert der Responsabilitéit vun engem neie Mataarbechter renforcéiert gouf.

Dee sech elo nach méi breet an dësem Beräich engagéiert an eng kloer Missioun kritt huet, d'Koordinatioun vum Streetwork, vun der opsichend Jugendaarbecht an den Travail communautaire mat konventionéierten Acteuren, déi um Escher Territoire täteg sinn, wéi zum Beispill Inter-Actions.

D'Roll vun der Infirmière psychiatrique. D'Infirmière psychiatrique spillt eng wichteg Roll bei der Betreiung vu Beneficiairë mat psychesche Problemer. D'Donnéeë fir 2024 ware follgend: 11 Persounen am Foyer de nuit, déi betreit goufen, zwou Persounen aus der Maison Michels, 15 Persounen am Kader vun der Begleedung vum SSIU.

Reegelméissege Medikamentemanagement fir 18 Beneficiairen. Dat net nëmmen an de Strukture vum AbriSud, Maison Michels an am Kader vum SSIU, awer och iwwer eis Sozialwunnengen. An dann och nach eng Zesummenaarbecht mat de psychiatreschen Déngschter vun de Spideeler.

Dës Zuelen illustréieren déi grouss Noutwendegkeet vun dëse Strukturen an déi wäertvoll Aarbecht, déi vun eisen Educateuren, Streetworkeren an der Infirmière psychiatrique geleescht gëtt.

D'Stad Esch setzt sech weider mat voller Iwwerzeegung fir d'sozial Gerechtegkeet an. Eise Merci geet natierlech och un de Ministère de la Famille, mat deem mer elo nach viru Kuerzem eng Plattform haten an och eis Aarbecht wierklech felicitéiert huet an eis och finanziell ënerstëtzt am Kader vun der Finanzéierung vum neien AbriSud.

Eis Stad steet fir Solidaritéit, an dat spigelt sech an eiser Sozialpolitik erëm. A mir wäerten net ophalen, Mënschen an der Nout zur Säit ze stoen. Ech soen Iech Merci.

Da ginn ech kuerz nach un d'Konventioun, déi mer mam Ministère de la Famille fir de Foyer de nuit AbriSud an d'Maison Michels hunn, fir 2024. Also et ass eng Konventioun, déi Der scho kennt. Et ass näischt Neies.

Ech mengen, par rapport zu de Beträg am Verglach mat 2024 hu mer eng Augmentatioun ze erklären, déi natierlech mat der Evolutioun vun de Karriären am

Kader vum SAS-Kollektivvertrag. Dat fir e Betrag vun 121.000 €. Dann natierlech och nach par rapport zu Vakanzegelder.

De globale Betrag, deen do a Fro kënnt, fir déi zwou Strukturen ass 1.816.431,55 €. An do ass d'Participatioun via de Budget vum Staat vun 1.759.745,67 €.

Voilà, dat ass d'Presentatioun par rapport zum Rapport an zu der Konventioun fir den AbriSud an eeben déi aner Strukturen am Kader vum Sans-abrisme.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Cavaleiro.

Wie kann ech aschreiwen? Okee, mir fänken u mat der Madamm Agovic. Duerno d'Madamm Ragni.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci.

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt och gär hei dës Plaz notzen, fir all den Escher Sozialaarbechter och vun eis e Merci auszeschwätzen. Et gesäit een nämlech unhand vun dësem Rapport, wéi vill Aarbecht et hei zu Esch gëtt, fir de vulnerabelste Leit ze hëllefen.

An et gesäit een awer wierklech och un dësem Rapport, datt eis Mataarbechter sech déi gréisst Méi ginn, fir deenen Erausfuerderungen och gerecht ze ginn.

Ech wéilt awer och e puer wichteg Punkten uschwätzen, déi eis alleguer um Häerz leie sollten. Wann een de Rapport vum Foyer de nuit AbriSud kuckt, da stellt ee fest, datt mir nach ëmmer en héijen Taux d'occupation vun opgeronnt 90 % hunn. Dat ass nach ëmmer eng enorm Prozentzuel.

An d'Zuel vun de Beneficiairë bleift zwar am Verglach zum viregte Joer konstant, mee Här Cavaleiro, Dir hutt jo och scho selwer gesot, dat kann een net einfach sou plakeg interpretéieren.

De Grond ass eeben dofir, datt d'Fluctuatioun erofgaangen ass. Verschidde Persoune bleiwe mëttlerweil wierklech vill méi laang am AbriSud. An der Kommissioun si mer gewuer ginn, souguer bis zu annerhallwem Joer.

An dat féiert eeben dozou, datt et ëmmer méi schwiereg gëtt, fir nei Persounen eng Plaz ze fannen. 41 % vun de Beneficiairë bleiwen och wierklech méi laang wéi ee Mount. An dëst bréngt eeben och de Problem mat sech, deen Dir och scho genannt hutt: den Delai d'attente fir eng Plaz am AbriSud ass mëttlerweil sechs Méint.

Sechs Méint drop warden, fir net méi op der Strooss ze schlofen. Dat ass eng Situatioun, déi eng Gemeng esou net akzeptéieren dierf. An dat sinn eebe just en Deel vun de Leit, déi keng Plaz am AbriSud kréien.

Ech hat d'lescht Joer och scho gefrot, wat mat deene Leit geschitt, déi kee Recht op eng méi laangfristeg Plaz am AbriSud hunn, zum Beispill well se net déi néideg Pabeieren hunn. An d'Äntwert ass leider nach ëmmer déi selwecht: Si mussen op der Strooss bleiwen. 163 Fäll waren et am Joer 2024. Och wann dës Zuel e bëssen erofgaangen ass, ass dat nach ëmmer vill ze vill.

Allgemeng ass och ze bemierken, datt net nëmme Persounen aus Esch eng Plaz am Foyer de nuit sichen, mee och Leit aus anere Gemenge si vertrueden. An dofir wier et och wichteg, datt mir d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemenge verstäerken.

Zum Beispill wësse mir och, datt 23 Persounen aus der Gemeng Lëtzebuerg an 10 vun Déifferdeng kommen. An do war och schonn d'lescht Joer meng Fro: Ginn et do Gespréicher tëscht de Gemengen, fir ze kucken, ob déi Leit net och an hirer Gemeng ënnerbruecht kënne ginn? Fir déi betraff Leit wär et jo och vu Virdeel, wa si net missten hin an hier fueren, an der Hoffnung, datt se e Bett kréien oder eeben net.

Mir wëssen natierlech, datt d'Gemenge sech och net dofir räissen, esou eng Struktur opzemaachen. Mee wann d'Laascht net gerecht verdeelt ass, da muss d'Gemeng sech dofir asetzen, datt op nationalem Niveau dann zumindest méi gemaach gëtt. Op d'mannst solle Gemengen, déi dës Infrastrukturen hunn, da méi finanziell Ënnerstëtzung kréien.

Wann een dann an der Kommissioun och héiert, datt d'Better vun 18 op 22 eropgesat gi sinn, da wier et vläicht och ubruecht, d'Personal opzestocken. An d'Rechnung, datt all Gemeng 1,5 Poste pro 6.000 Awunner kritt, ass hei zu Esch mat eisem Sozialindex net fair.

Am Rapport steet souguer, datt de Foyer de nuit AbriSud e regionale Centre d'accueil fir de ganze Süden am Land ass, mee da muss een och déi néideg Mëttelen zur Verfügung stellen, fir datt dës Missioun och richteg erfëllt ka ginn.

E weidere Punkt, op deen ech kuerz wéilt agoen, ass och de Service Streetwork. Et ass gutt, datt elo och déi opsichend Jugendaarbecht dobäikënnt an datt verschidde Servicer elo zesummekommen, besonnesch am SSIU.

D'Iddi, datt de SSIU eng Kontaktpersoun fir all Persoun ass, déi den ëffentlechen Espace benotzt, ass sënnvoll, mee wéi gesäit dat an der Praxis aus. Wéi gi Konflikter tëscht verschidde Gruppen zum Beispill geléist? Wéi eng Mëttelen hunn d'Mataarbechter zur Verfügung? Et wär do vläicht gutt, e puer Informatioune méi ze kréien.

En anere wichtege Punkt, deen och aus dem Rapport ervirgeet, ass d'Presenz vun enger Infirmière psychiatrique. Dat ass zweifellos eng grouss Hëllef fir déi betraff Leit. Mee och do misst ee virun allem d'mental Gesondheet vun hautdesdaags sech ukucken. An do misst ee sech dann d'Fro stellen, geet eng Infirmière duer hei zu Esch. Misst een net vläicht eng weider engagéieren?

Mir gesinn nämlech virun allem, datt bei de Jonken d'Demande fir Hëllef an d'Luucht geet. D'WHO zum Beispill weist dorop hin, datt 20 % vun den 10-24 Joer Jonke konfrontéiert si mat psychesche Problemer a mat, leider och hei zu Lëtzebuerg, engem Trend no uewen.

An dat wieren an enger Schoul zum Beispill zwee bis véier Schüler pro Klass. Mat véier Lycéeën hei zu Esch ass dat sécherlech keng Zuel, déi ignoréiert dierf ginn.

An der Alterskategorie 15 bis 29 zum Beispill ass Suizid déi héifegst Doudesursaach bei de Jonken. Nieft dem opsichende Jugendaarbechter an der Ekipp wier et also nëmme vu Virdeel, och do preventiv ze agéieren an un eng weider Infirmière psychiatrique vläicht ze schaffen, ze denken.

Mee, just fir ofzeschléissen, d'Realitéit hei zu Esch ass zimmlech kloer: Mir musse méi maachen. D'Waardezäite sinn ze laang. D'Plaze sinn ze rar. An et gëtt nach ëmmer ze vill Situatiounen, an deenen d'Leit einfach op der Strooss landen.

Eng staark Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen, besser Finanzéierung an eng geziilt Verstäerkung vun de soziale Servicer si wierklech och dréngend néideg. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Agovic. D'Madamm Ragni an duerno den Här Baum.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Fir d'alleréischt emol géif och ech gär vun eiser Säit aus villmools Merci soen un déi ganz Sozialaarbechter, déi awer wierklech keng einfach Tâche hunn. Ob dat de Streetwork-Service ass oder och an der Maison Michels. Well do d'Leit jo awer och nach begleet ginn, an awer och am AbriSud.

Et gesäit ee laut deem Rapport, laut deene Statistiken, dass et manner gëtt. Dat wëll awer net heeschen, dass dofir een net nach méi gebraucht gëtt. Well ech denken, dass dat heite wierklech lues a lues manner gëtt, d'Friichten dréit vun där Aarbecht, déi wierklech do am Alldag geleescht gëtt vun deene Servicer, déi en place gesat gi sinn. Wéi e Streetwork-Service, wéi eng Infirmière psychiatrique.

Ech denken, dass mer lues a lues kleng Friichte recoltéiere kënnen, soen ech mol, mat natierlech awer enger grousser Aarbecht, déi hannendru stécht. An ech denken, dass do nach eeben d'Personal weider sollt och ënnerstëtzt ginn an och eebe weider ausgebaut ginn.

Well wa mer eis och eigentlech op den neien AbriSud-Projet projezéieren, dee jo och nach eng Kéier soll méi Better kréien, awer och eebe wierklech op déi nidderschwelleg Basis soll opgebaut ginn, dass wierklech och Plaz do ass fir Leit, déi einfach mol wëllen nëmmen eng Nuecht do schlofen, déi net direkt interesséiert sinn un engem Projet de vie.

Well dat ass awer och munchmol d'Realitéit um Terrain. Déi vläicht nach net prett sinn, fir méi Hëllef ze kréien. Dass déi zumindest awer och en Daach iwwer dem Kapp hunn.

An dann natierlech, wann een och d'Statistike kuckt, gesäit een awer och, dass et eebe Leit sinn, déi sou ab 40 erop da sinn, déi awer och vun engem AbriSud profitéieren. Ech mengen, do hänkt jo ëmmer bei all deene Problemer e grousse Rateschwanz am Fong hannendrun.

An dat sinn awer och zum Beispill déi Leit, déi awer och duerno, wa se dann erëm Fouss gefaasst hunn am Alldag, am Liewen, d'Schwieregkeet hunn zum Beispill, fir vläicht awer e Kontrakt ze kréie bei engem Patron, fir eng Aarbecht ze kréien, fir kënne wierklech erëm op eegene Féiss ze stoen.

Dat heescht, dofir och déi Iddi vum Housing First, mengen ech, déi musse mer wierklech och weider bäibehalen.

Natierlech, d'Infirmière psychiatrique. Ech denken, dass dat och wierklech e gudde Choix war deemools, fir déi dobäizehuelen. Well, wéi ech och schonn erwäänt hunn, ech mengen, et ass ëmmer e Rateschwanz, deen hannendrunhänkt, an eebe verschidde Problemer, déi d'Leit och hunn. An ech denken, dass dat och wierklech einfach eng wichteg a richteg Persoun ass op dëser Plaz.

Et freet mech awer och ze gesinn, dass sou vill Interventiounen, dass de Streetwork awer sou aktiv ass um Terrain. Well ech denken, dass dat wierklech immens wichteg ass, dass déi Leit wierklech do sinn, wou déi Leit eeben och sinn, déi déi Hëllef brauchen. Dat heescht, um Terrain, an net iergendwéi an engem Büro, an engem Gebai; wat oft scho wierklech fir déi Leit e grousse Schratt ass, fir dat unzegoen, fir sech do Hëllef sichen ze goen.

Wat ech awer och nach ëmmer erëm erwänen alljoers, an ech mengen, d'Madamm Agovic huet dat och erwäänt. Ech mengen, et si schonn deemools, wéi Esch u sech d'Fixerstuff kritt huet, ware schonn deemools Gespréicher, fir dat mat an de ProSud ze huelen.

Well mer awer einfach soen, jo okee, mir hu Leit aus de Südgemengen, déi erofkommen. Souguer aus der Stad erofkommen, well se einfach soen, et ass awer hei zu Esch méi kleng, méi familiär. Si gi vläicht manner gesinn.

An dofir denken ech, dass dat heiten einfach nach eng Kéier soll en Opruff si wierklech un d'Südgemengen, an engem ProSud dat Gespréich nach eng Kéier sollt nach eng Kéier opgegraff gi vun enger neier Struktur. Oder awer och vläicht vun enger mobiller Fixerstuff, wou mer ëmmer erëm driwwer schwätzen.

Voilà, zum Schluss soen ech einfach nach eng Kéier Merci un all d'Sozialaarbechter. Et ass schéin ze gesinn, dass mer ganz lues kleng Fortschrëtter maachen. An ech denken, dass dat d'Motivatioun sollt sinn, fir eis nach méi anzesetze fir déi sozial Schwaach. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Baum huet d'Wuert an duerno d'Madamm Weyrich.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, ech wéilt dann effektiv och ufänke wéi meng Virriednerinnen, andeem een effektiv déi Aarbecht, déi wierklech eng Herkulesaufgab ass, déi d'Sozialaarbechter zu Esch maachen, deelweis zënter Joren, voir souguer Joerzéngte maache mat engem Engagement, wat wierklech remarkabel ass a wat een eraushiewe soll.

D'Problemer zu Esch ginn net méi kleng. Hei si mer konfrontéiert mat wierklech eppes, wat palpabel ass. Mënschen, déi den Daach iwwert hirem Kapp verléieren, an enger direkter an urgenter Detresse sinn.

Dofir huet mech grad sou wéi jiddwereen, dee virdru geschwat huet, besonnesch erféiert, ze liesen, datt d'Waardezäit am Moment bei sechs Méint betrëfft. Et gi verschidde Mesuren, wou een éischter kann eran, wann een um 21.30 Auer dohinner geet, mee dat ass sécher keng durabel Léisung.

Ech mengen, wichteg ass, datt mer effektiv d'Ugebuet erweideren. Et ass schonn eropgaangen op 22, et wäert och an Zukunft nach weider eropgoen. Ech mengen, datt dat ganz wichteg ass.

Just, mir riskéieren, datt et awer och just eng Drëps op de waarme Steen ass. Well déi grouss gesellschaftlech Tendenz ass weiderhin déi, datt d'Zuel vun deenen, déi vu radikaler Aarmut, wann een dat sou däerf soen, betraff sinn, net erofgeet, mee éischter tendenziell klëmmt. A mir sinn als zweetgréisst Stad vun eisem Land natierlech och dann direkt dovunner betraff.

Dat heescht, een Element ass effektiv d'Offer, déi mer musse konsequent weider ausbauen, op all deenen Niveauen. Op dem Niveau vun de Better, wat den Accueil ugeet.

Ech mengen awer och, datt mer net dolaanscht kommen, an déi Diskussioun solle mer zu Esch féieren, sollen awer och mat den Nopeschgemenge féieren, fir nach méi eng nidderschwelleg Infrastruktur ze schafen.

En Halte de nuit, wou et wierklech relativ einfach ass, wou et just drëms geet, nuets

en Daach iwwert dem Kapp ze hunn, primär Besoine kënnen do ze erleedegen. Ech mengen, datt dat een Element ass, wat awer och ganz wichteg ass. An datt mer déi Diskussioun och nach musse féieren.

Ausbauen, mengen ech awer och, datt mer weiderhin de Streetwork mussen. Déi Tournure, déi en elo kritt huet an de leschten zwee Joer, ass, mengen ech, ganz wichteg. Mee och do ass de Mot d'ordre, mir mussen et ausbauen.

Ech mengen, wann ee sech einfach nëmmen d'Zuel vum Personal ukuckt a wann ee sech d'Zuel vun der Erausfuerderung ukuckt, weess een, datt een do wierklech nach muss eng Schëpp bäileeën.

An do si mer iergendwou an enger Zwéckmillchen. Mer wëssen alleguer, datt mer, oder mer wëllen och als zweetgréisst Stad, als Haaptstad vum Minett, Verantwortung iwwerhuelen. An d'Stad Esch huet dat an der Vergaangenheet och ëmmer gemaach.

Aner Gemenge maachen dat net. Déi eng änlech Gréisst hu wéi d'Stad Esch. Déi och wäit iwwer 10.000 Awunner hunn. Déi och e ganz niddrege sozialekonomeschen Index hunn, déi schafen déi Strukturen net.

An ech ka just den Appell maachen un all déi Parteien, déi hei am Escher Gemengerot vertruede sinn, déi jo awer Kolleegen och hunn an anere Gemengen, datt ee wierklech muss, ob dat um Niveau vum ProSud ass, ob dat um Niveau vu bilateralen Diskussiounen ass, ob dat um Niveau vum Interieur ass, deen d'Efforte vun der Escher Gemeng nach eng Kéier anescht finanziell würdege muss menger Meenung no, och grad am soziale Beräich, en Appell maachen.

Schwätzt mat Äre Kolleegen, datt mer wierklech eng solidaresch Léisung an deem dote Beräich, oder Léisungen an deem dote Beräich tëscht de Südgemengen an och dem Staat fannen, fir och kënnen déi Laascht, déi mer droen, fir déi op méi Schëlleren ze verdeelen. An och op déi Schëlleren ze verdeelen eventuell vu Gemengen, déi net déi finanziell Contrainten hu wéi Esch. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Baum. D'Madamm Weyrich.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Villmools merci.

Also ech schléisse mech genau sou deenen aneren och un, dass d'Aarbecht vum Team Maison Michels genau sou wéi dem Team AbriSud, dem Bruno an do virun allem vum Maureen, kann een einfach net genuch luewen.

Mat engem Taux d'occupation vun 89 % an engem Duerchschnëtt vu 16 Leit pro Nuecht kann ee sech virstellen, wéi vill Aarbecht déi ganz Organisatioun am AbriSud bedeit. Well et geet hei net nëmmen drëms, Primärbedürfnisser ze stellen, mee et geet drëms, falls gewollt, e Projet d'accompagnement social fir all Client, zesumme mat engem Sozialaarbechter, auszeschaffen an Demarchen dann noeneen duerchzehuelen.

A wann et da klappt an déi betraff Persoun et schafft, erëm um soziale Liewen deelzehuelen an och eng Wunneng fonnt huet, wat leider aktuell oft méi schwéier sech erweist duerch déi ugespaant Situatioun um Wunnengsmaart, da gi se souguer nach weider duerch d'Sozialaarbechter betreit, fir och eng gewëss Preventioun a Kontinuitéit ze garantéieren.

2020 gouf ënnert dëser Majoritéit de Streetwork zu Esch gegrënnt. Dësen huet ufanks zimmlech improviséiert an aus der Nout eraus funktionéiert a war d'lescht Joer definitiv nach net do ukomm, wou mir et wollten. An dat war och de Grond, firwat et d'lescht Joer zu grousse strukturellen a personellen Ëmstrukturéierunge koum.

De ganzen Service heescht elo och SSIU. Dat markéiert och d'Ännerung vun hirer Virgoensstrategie. Et wëll een erëm ewech vun deem an der Vergangenheet distributive Virgoen, mee erëm méi zum Ursprong vum Streetwork.

Et geet ëm den direkte Kontakt mat de Leit, eng richteg Bedarfsorientéierung an der Beobachtung vun der Lag direkt um terrain. Si bidden Hëllef, Berodung a Begleedung bei Problemer wéi Sucht, Gewalt oder Wunnengslosgkeet un. Zil ass et, Vertrauen opzebauen an Ënnerstëtzung am Alldag ze bidden.

Dem SSIU ënnersteet awer net nëmmen den Volet Streetwork, mee, an dat ass vläicht wichteg ze ernimme mol eng Kéier, d'Jugend-Opsiichtsaarbecht nämlech och. Eppes wat oft vergiess gëtt.

Hei gëtt et och ëm d'Aarbecht direkt um Terrain, an zwar hei speziell ëm d'Jugendlech, déi een op der Strooss begéint. Déi, déi d'Schoul schwänzen, an déi, déi op den ëffentleche Plazen a soss wou an der Stad ronderëmlungeren.

Et geet drëms, ze verstoen, firwat si do sëtzen, hinnen Hëllef unzebidden an ze verhënneren, dass si op d'schif Bunn geroden, well se sech vläicht net gutt opgehuewe fillen.

Personell ass de SSIU elo a leschter Zäit zimmlech schnell a virun allem effektiv gewuess. Nieft dem Responsablen, dem Boris, hu mir elo de Mauro, de Louis an elo nach ganz nei och de Sandro an der Ekipp.

An eng ganz wichteg Roll spillt hei och déi schonn ernimmt Infirmière psychiatrique, déi zum Team gehéiert, mee déi och op enger Säit dem AbriSud an op der anerer Säit dem SSIU zur Säit steet.

Duerch d'Ëmgestalte vun de Posten ass et och elo méiglech, an nächster Zukunft nach zwou weider Persounen zur Verstäerkung eranzehuelen.

D'Konzepter si kloer an elo kënnen duerch déi zousätzlech Leit genau déi Saachen ëmgesat ginn, déi am Vierdergrond solle stoen: en Zougang zu de Menschen zu Esch hierzestellen, en oppent Ouer unzebidden an d'Lag op der Strooss am Bléck ze hunn.

Nëmmen esou kann een effektiv a virun allem nohalteg de Leit hëllefen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Weyrich. Et gi keng Wuertmeldunge méi. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Villmools merci fir Är Interventiounen. Ech mengen, laut eenzel Interventioune bleift mir wéineg nach ze soen.

Engersäits si mir eis bewosst, datt et eng Situatioun ass, egal wéi mer agéieren, egal wéi mer d'Capacitéit erhéijen, wäert et ëmmer e Problem sinn, fir iwwerall all Besoin kënnen ze decken.

Ech si mer awer honnertprozenteg sécher an iwwerzeegt, datt eis Servicer wierklech

hire Maximum maachen an datt mir och als Stad Esch de Maximum och ginn, fir deene Besoinen um Terrain gerecht ze ginn.

Vu menger Säit wëll ech natierlech meng Servicer e grousse Merci an e grousse Luef maachen. Well déi Aarbecht, déi wierklech um Terrain geleescht gëtt, ass kolossal a ganz wichteg fir eis Populatioun.

An Ären Interventiounen, notamment Madamm Agovic, hutt Der gesot, vläicht wier et wichteg, d'Capacitéit vun de Mataarbechter an d'Luucht ze dreiwen. Dir hutt och geschwat vun deem Facteur 1,5. Et muss ee wëssen, deen 1,5 ass am Kader vum Office social. 1,5 ETPe fir 6.000 Awunner. Dat ass en anere Facteur.

Mee ech kann Iech soen, op Basis vun eise Strukturen, vun de Missiounen, déi mer hunn, an aktuell Capacitéiten, wou mer kënnen ubidden, ass de Personalschlëssel genuch.

Ech mengen, et misst een och kucken, wou kënne mer herno déi Leit hisetzen, wou ... ech mengen, d'Plages d'horaire si gutt gedeckt. An deem Beräich hu mer wierklech kee Problem.

Natierlech, wa mer den neien AbriSud opmaachen, wäert do dee Schlëssel schonn an d'Luucht goen. An dann hu mer eng Reorganisatioun och vum Operationellen an deem Sënn.

Zum SSIU wëll ech hei kloer soen, an ech soen och der Madamm Weyrich Merci fir déi complementaire Informatioun, wou ech elo och wollt ginn. De SSIU gouf kloer d'lescht Joer reorganiséiert. Mir hunn d'Strategie evaluéiert, mir hunn eng nei Strategie, déi ass elo amgaangen, implementéiert ze gi mam neie Responsabelen.

An natierlech, op Basis eebe vun e puer Mouvementer, déi mer am Personal haten, kréie mer elo eng aner, en aneren Developpement, eng aner Hëllef um Terrain, well d'Ekipp ass engersäits renforcéiert wierklech mat kapabele Leit. Ech wëll net behaapten, datt déi, déi virdrun do waren, net kapabel wieren. Ganz au contraire. Mee ech mengen, mir kréien och do aner Erfarunge laut Profiller, déi mer elo engagéiert hunn.

Wéi gesot, d'lescht Joer gouf schonn de Louis engagéiert. Dëst Joer de Sandro. A wéi gesot, haut hu mer nach zwee Posten ze änneren, déi eis dann herno och nach erméiglechen, zwee nei Profiller kënnen ze engagéieren, fir d'Ekipp vum SSIU kënnen ze renforcéieren.

Par rapport zu der Infirmière psychiatrique muss ech soen, do ass déi nach net sou komplett iwwerfuerdert, datt se net méi kéint maachnen. Ech mengen, elo muss een ëmmer kucken. Hir Aktivitéit ass a verschiddene Strukturen, sou gutt am AbriSud, Maison Michels. Si intervenéiert och mam SSIU. Mee och an de Sozialwunnengen, wéi ech gesot hunn.

A wann den neien AbriSud opgeet, dann ass si natierlech méi konzentréiert op déi nei Struktur. Da musse mer eebe kucken herno um Terrain, wou reell d'Besoine sinn. Mee à ce stade si mer gutt gedeckt.

Voilà, dat sinn d'Informatioun, wou ech Iech elo zu deem Moment ka ginn.

Ech stinn natierlech och hannert Är Iwwerleeungen, Här Baum. Ech si sécher, datt et wichteg och wier, wann eis Nopeschgemengen och do e bëssen hir Roll kéinte spillen. Well wa mer e bëssen d'Provenance vun de Leit kucken, hu mer Leit, déi souguer vu Manternach, vu Wäiswampech oder vun anere Plaze kommen. An och do ginn et sécherlech Méiglechkeeten, Wunnengen en place ze setzen, fir déi Besoinen ze decken.

Et muss ee soen, virdrun hat Der ugedeit, Madamm Agovic, datt et net grad verständlech wier, wisou 23 Persoune vun der Stad Lëtzebuerg kommen. Bein, de Grond ass, datt d'Stad Lëtzebuerg am Fong geholl verschidde Reegelen net respektéiert.

Déi mellen d'Leit un, well se kee Cadastre vertical hunn. Déi mellen d'Leit un, egal wéi. D'Leit hu wuel eng Adress, mee néierens en Daach iwwert dem Kapp. A well d'Transporter jo gratis sinn, hu mer e gudden Tourismus am Land an d'Leit ginn eeben do, wou se nach eng Méiglechkeet fannen.

An do ass Esch awer virreidend an Esch iwwerhëlt seng Verantwortungen a spillt eng regional Roll, voir heiansdo souguer eng national Roll. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Cavaleiro. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7. EschTechWeek ; présentation et discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert fir d'EschTechWeek.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Ech hunn haut wierklech vill um Programm.

Ech presentéieren Iech, wéi gesot, d'EschTechWeek. Net méi spéit wéi gëschter Moien hate mer eng Pressekonferenz fir d'Programmatioun, fir de Projet ze presentéieren. An ech mengen, Dir konnt et novollzéien a vläicht an de Medie kucken, datt och do schonn eng grouss Presenz an der Press war.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn haut endlech, wéi gesot, d'Geleeënheet hei am Gemengerot, en innovativen an zukunftsorientéierte Projet virzestellen. D'EschTechWeek.

Dëse Projet, dee mir ënnerstëtzen an organiséieren, ass vum The Dots, huet als Haaptzil, d'Technologie fir all Bierger zougänglech ze maachen an d'Innovatioun an eiser Stad ze fërderen.

Mir liewen an enger Zäit, wou den digitale Wandel eise wirtschaftlechen a gesellschaftlechen Alldag nei definéiert. D'EschTechWeek ass eng eenzegaarteg Geleeënheet, fir Bierger, Entreprisen an Institutiounen zesummenzebréngen an d'Potenzial vun der Technologie fir eis Stad an d'Regioun ze entdecken an ze notzen.

Firwat ënnerstëtze mir mir d'Initiativ EschTechWeek? Bein, d'EschTechWeek ass net nëmmen en Event, et ass eng Plattform

fir Innovatioun an Zesummenaarbecht. Mir als Stad Esch hu beschloss, dëse Projet aktiv ze ënnerstëtzen, well mir driwwer iwwerzeegt sinn, datt Technologie e Wuesstumsfacteur fir eis lokal Wirtschaft, Startups an Entreprisë ka sinn.

Donieft erméiglecht d'Evenement eng Vernetzung tëscht Entreprisen, Fuerscher, Studentinnen a Studenten an de Bierger. D'EschTechWeek hëlleft net nëmmen, fir Talenter an d'Regioun ze lackelen, mee schaaft och nei Méiglechkeete fir eis lokal Acteuren a fir eis Jugend.

Duerch Atelieren, Konferenzen an interaktiv Aktivitéite kréie jiddereen, vu Kanner bis Senioren, d'Chance, an d'digital Welt eranzekucken a sech weiderzebilden.

Wat ass d'Zukunft vun der Technologie a mir als Stad Esch? D'technologesch Entwécklung geet mat engem rapiden Tempo virun. Kënschtlech Intelligenz, Blockchain, Internet of Things an aner Innovatioune wäerten eis Zukunft prägen.

Fir dës Verännerungen net nëmme matzemaachen, mee se aktiv ze gestalten, brauche mir Initiative wéi d'EschTechWeek. D'Stad Esch gesäit d'Technologie als en Instrument fir de Fortschrëtt. Mir mussen d'Digitaliséierung an de Service public fërderen, fir d'Liewe vun eisen Awunner méi einfach ze maachen.

Mir mussen d'Entreprisen ënnerstëtzen, déi innovativ Léisunge schafen an d'Regioun wirtschaftlech stäerken. Mir mussen d'Bierger sensibiliséieren, fir datt keen hannendru bleift a mir sozial Ongläichheeten net duerch Technologie verstäerken.

D'EschTechWeek erméiglecht e positiven Austausch tëscht der Bevëlkerung an den Experten. Mir wëllen, datt Esch eng Smart City gëtt, wou Technologie am Déngscht vun de Leit steet an d'Liewensqualitéit verbessert.

Drëttens, Inklusioun an der digitaler Welt. E wichtege Punkt an dëser Diskussioun ass d'digital Inklusioun. D'Technologie soll fir jiddereen zougänglech sinn, onofhängeg vum Alter, vum soziale Milieu oder vun der Beruffsqualifikatioun.

Mir gesinn dräi Haaptsaachen, wou mir als Stad Esch aktiv kënne ginn. Als éischt Educatioun a Formatioun. Digital Kompetenze mussen an de Schoule gestäerkt ginn a mir brauche Programmer fir Erwuessener, déi sech weiderbilde wëllen.

Zweetens, Zougang zu den Technologien. Mir mussen dofir suergen, dass Kanner, Senioren a finanziell benodeelegt Leit net vun der digitaler Welt ausgeschloss ginn.

Drëttens, Diversitéit an der Techwelt. Mir musse Fraen an divers Talenter encouragéieren, sech an dësem Beräich ze entfalen, besonnesch duerch Mentoratsprogrammer an Initiative wéi d'EschTechWeek.

Als Stad kënne mir geziilt Programmer an Ateliere fërderen, fir all Generatioun an d'Welt vun der Technologie mat anzebannen. Dëst ass keen Trend, et ass eng Noutwendegkeet.

Firwat dann Esch als Innovatiounszentrum an der Groussregioun? D'Stad Esch huet eng laang Innovatiounstraditioun. Mir hunn eis vun enger Industriegemeng zu engem Modell fir Smart Cities entwéckelt, an d'Presenz vun der Universitéit Lëtzebuerg, der Cité des Sciences an de Startup-Inkubatore sinn eise grousse Virdeel.

Esch huet och e puer strateegesch Atouten, déi eis hëllefen, en technologeschen Innovatiounshub ze ginn. Eng zentral Lag an der Groussregioun mat gudder internationaler

Vernetzung, e gutt entwéckelt Ekosystem fir Startups a kleng a mëttelstänneg Betriber. An dann och nach eng politesch Wëllenskraaft, fir d'Innovatioun aktiv ze ënnerstëtzen.

Duerch Projete wéi d'EschTechWeek, d'Schafung vun Innovatiounsquartieren an d'Entwécklung vu Smart-City-Projete positionéiere mir eis kloer als Standuert, wou Innovatioun an de Mënsch Hand an Hand ginn.

An elo e klengen Abléck an de Programm vun der EschTechWeek. E Programm fir all Generatioun an all Interessien.

D'EschTechWeek ass méi wéi just eng Rei vun Eventer. Et ass eng Geleeënheet fir d'Bierger, d'Entreprisen an d'Institutiounen, zesummen an d'Zukunft ze kucken. Duerch e räichhaltege Programm, dee sech iwwert eng ganz Woch zitt, gëtt Technologie fir jiddereen erfuerscht, erkläert a virun allem erlieft.

Méindeg, den 31., ass dann, wéi gesot, d'grouss Ouverture hei am Stadhaus. Dat, wéi gesot, fir eng offiziell Zeremonie. Dënschdes, den 1. Abrëll, hu mer eng Tech Supreme Court fir Junioren. De Prozess vun de Soziale Medie gëtt do gemaach.

Eng nei interaktiv Approche, fir d'Technologie an hir gesellschaftlech Erausfuerderungen ze verstoen. Dat heescht, wärend engem ganzen Nomëtteg wäerte verschidde Jonker eeben e virtuelle Geriicht spillen. An als Accusé hu mer, wéi gesot, d'Sozial Medien. An zum Schluss gëtt och e Jugement prononcéiert par rapport zu de Soziale Medien.

Mëttwochs, den 2. Abrëll, schwätze mer éischter vun engem Beräich B2B. Esch, d'Stad vun der Zukunft. Dëse ganzen Dag steet am Zeeche vun Innovatioun an Entwécklung an eiser Stad.

Op der Plaz virun der Gemeng fanne spannend Diskussiounen an Debatte mat Experte statt: Table-ronden iwwer Innovatioun, Startups an d'Zukunft vun Esch, Keynotes mat Inspiratioun vun internationalen Experten, Networking a Gespréicher tëscht Entreprisen, Investisseuren a Bierger.

Dësen Dag wäert weisen, wéi d'Stad Esch sech als Technologie- an Innovatiounszentrum postionéiere kann.

Donneschdes, den 3. Abrëll, hu mer dann d'TN'Teens, wat och schonn e Projet ass, deen elo scho véier Joer um Belval stattfonnt huet a wou mer och als Stad ëmmer weider ënnerstëtzt hunn. An hei geet et ëm d'Jugend an d'Digitaliséierung.

Den Digital Learning Hub, DLH, invitéiert jonk Leit, fir an d'Welt vun der Technologie anzedauchen, Ateliere fir praktesch Kompetenzen ze entwéckelen, grouss Technologiequiz mat spannenden Erausfuerderungen, eng Finall an eng Präisiwwerreechung fir déi bescht Participanten. Dëst Event soll de Jonken en Zougang zu digitale Kompetenzen a Karriärsperspektive bidden.

Ech wëll hei nach soen, dënschdes an donneschdes hu mer e groussen Appell un all eis Lycéeë gemaach, sou gutt wéi dënschdes, wou mer all Lycée gefrot hunn, fir 15 Schülervertrieder kënnen ze hunn, fir hei am Sall deem virtuelle Geriicht kënnen nozekucken. An dee Prozess gëtt och live iwwerdroen iwwert EschTV a kann och duerno nach spéiderhin iwwer Esch.lu am Podcast gekuckt ginn.

Et ass och eng Méiglechkeet fir d'Lycéeën, dat spéiderhin och an de Schoulen ze thematiséieren. An do ziele mer wierklech op d'Participatioun vun de Lycéeën, wou ech perséinlech och d'Direktiounen invitéiert hunn, hir Schüler ze invitéieren, fir dobäi ze sinn.

Donneschdes fir TN'Teens, do sinn et 25 bis 30 Schüler invitéiert ginn, fir do present ze sinn. An ech muss zwar soen, datt mer do scho complet si mat iwwer 280 Schüler, déi do matmaache wärend dem ganzen Dag am DLH.

An da freides, de 4. Abrëll, ass e Bustour organiséiert am Beräich vun den Entreprisen an Organisatiounen, déi an den neien Technologien zu Esch present sinn. Dee Bustour duerch Eschs Innovatiounsindustrie. Eng eenzegaarteg Chance, fir déi haapttechnologesch Acteuren ze besichen – dorënner zum Beispill d'CNPD, Digital Learning Hub a LuxInnovation an nach anerer, déi weider kommen.

Dat si Porte-ouverten, wou dann eeben déi Entreprisen oder Acteuren hir Entreprisen oder Organisatioune kënne presentéieren.

Dann owes, den nämmlechten Dag, eng TechNight am Kinepolis. E besonnesche Kinoowend mat véier Filmer iwwer Technologie an Digitalkultur. Zum Beispill Pixels, Emoji Movie, Ready Player One, Free Guy.

De ganze Public ass invitéiert, dëse cinetechnologeschen Owend fir nëmme 5,50 € pro Ticket unzekucken. An dat ouni Limite d'âge. Wéi gesot, och mir kënnen do déi Filmer kucke goen.

An da schlussendlech samschdes, de 5. Abrëll, d'Kiischt um Kuch. An et ass och e bëssen d'Iddi, datt et och e bësse ludique ass, datt och Animatioun do ass, och hei am Zentrum vun Esch.

Den Ofschloss vun der EschTechWeek steet am Zeeche vu Spill, Kultur a Kompetitioun op der Plaz virun der Gemeng. Diskussiounen iwwert digital Inklusioun an nei Forme vun Technologie, Gaming- a Cosplay-Concourse fir Fans vun der Popkultur, d'Finall vu Videospillturnéier MarioKart, EA FC 25, SSBU. An dann d'Ofschlosszeremonie mat der Präisiwwerreechung fir déi eenzel Turnéier.

Also wéi gesot eng Woch voller Innovatioun, Léieren a Vernetzung. D'EschTechWeek ass méi wéi just eng Konferenzrei. Et ass en Engagement fir d'Zukunft vun Esch. Dëse räichhaltege Programm suergt dofir, datt jiddereen, vu Kanner bis Senioren, d'Méiglechkeet huet, déi technologesch Welt vun haut a muer ze entdecken.

Mat Initiative wéi dëser positionéiere mir Esch als eng Stad, déi net nëmmen d'Zukunft matgestalt, mee och hir Bierger aktiv an dëse Wandel abënnt. Zesumme schaffe mir d'Stad vun der Zukunft.

A schlussendlech wéi gesot, d'EschTechWeek ass net nëmmen eng Rei vu Konferenzen oder Atelieren, et ass eng Visioun fir eis Stad. Eng Visioun, déi Technologie als Motor fir den ekonomeschen, sozialen a kulturelle Fortschrëtt gesäit.

An dofir invitéieren ech Iech all, Escher Biergerinnen a Bierger, all Acteuren aus der Wirtschaft, aus dem Bildungsberäich an aus de Verwaltungen, aktiv deelzehuelen, ze entdecken, ze léieren a sech an dës spannend Entwécklung anzebréngen.

Esch ass um richtege Wee. An d'EschTechWeek ass ee vun de Schrëtt, fir dës Zukunft aktiv ze gestalten. Ech soen Iech Merci.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Cavaleiro.

Wie wëll d'Diskussioun opmaachen? Här Faltz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Knaff, fir d'Wuert. Merci, Här Cavaleiro, fir déi Ausféierungen.

Jo, Esch ass eng Tech-Stad. Ech mengen, wéi deemools déi Cité universitaire sollt gebaut ginn, wéi dee Plang gemaach ginn ass, fir um Belval Fuerschung, also net nëmmen eng Uni, mee och eng Fuerschung hannendrun ze setzen.

Ech denken, do sinn d'Weiche geluecht ginn, fir en zweet oder elo en neit Standbee fir Esch ze maachen. Nieft der Biotechnologie, wat jo dann am Fong och Tech ass. An ech mengen, et ass och wichteg esou, dass mer deem Rechnung droen an dass mer als Stad Esch do aginn.

Här Cavaleiro, Dir hutt elo näischt gesot an et war och an der Finanzkommissioun net dovu geschwat ginn, dass iergendwellch Fonge vun der Escher Gemeng am Coût wären. Also dass dat iergendeppes géif kaschten.

Well mir haten nämlech an der Finanzkommissioun doriwwer geschwat. Wéi gesot, et konnt keen do eng Änwert ginn. Vläicht gitt Dir mir herno eng Äntwert. Wéi gesot, Dir hutt et och elo net gesot, dofir gi mer elo mol dovun aus, dass keng Suen am Spill sinn.

Ech well awer an dësem Fall bemierken, dass et keng zweet Méiglechkeet gëtt, fir en éischte gudden Androck. Ech hu mer dee Flyer do ugekuckt, well et mech och interesséiert huet. Op dem ganze Flyer steet net eng Kéier, wou et ass. Net eng Kéier.

Do steet just zu Esch drop. Dat sinn awer Flyeren, déi mer de Leit an de Grapp ginn. An et wär awer net schlecht, wann ee géif wëssen, wat wou wéini. A virun allem wou.

Och wann een elo op Är Homepage geet, da steet zwar wuel dran, déi éischt zwee Deeg ass et jo hei an der Gemeng. An dann iergendwann eng Kéier steet et, dass Der am CNPD, am Digital Learning Hub an an der LuxInnovation – ech mengen, dat ass mëttwochs, wou Der gesot hutt. Mëttwochs, oder ass dat donneschdes? Egal.

Also, dass dat deen Dag wär. Dat sinn dräi Institutiounen, déi um Belval sinn, awer net op der selwechter Adress. Dat heescht, och do, mengen ech, wëssen d'Leit net, wou se sollen higoen.

Ech well einfach bemierken, et geet jo elo net drëm, fir hei iergendeppes ze zerrappen. Mee wa mer scho wëllen déi Leit iergendwou higoen, dat muss en Easy Reading sinn. Also dat heescht, dat muss dann awer einegermoossen einfach sinn.

Also nach eng Kéier: Ech mengen, dass ech mech elo net allze vill domm gestallt hunn, fir dat doten erauszefannen.

Da schwätzt Der dovunner, an ech hunn et elo just gesot, dass mer probéieren, en ekonomescht Standbeen hei zu Esch ze maachen am Tech. Da schwätzt Der do vun Entreprisen.

Déi dräi eenzeg nominell, komm mer soen emol Partner, déi ech elo fonnt hunn – an och do korrigéiert Der mech – ass den CNPD, also d'national Dateschutzautoritéit. Dat ass eng national Autoritéit, dat ass keng Entreprise. Den Digital Learning Hub, dat ass eng Initiativ. Och dat ass keng Entreprise. An d'LuxInnovation, wat eng Agence ass, zwar fir d'Innovatioun an d'Fuerschung ze fuerderen, mee och keng Entreprise.

Wa mer vun Entreprisë schwätzen, da schwätze mer vu Value Creation. Da schwätze mer, fir domadder Suen ze maachen. Och

d'Leit dozou ze animéieren, fir e Beruff ze huelen, fir an där Techbranche dann do Fouss ze faassen, respektiv fir do hiert Liewen ze maachen.

Wat ech wierklech hoffen. Well ech menge schonn, dass mer als Esch do en enorme Virsprong hu par rapport zu anere Stied an dass mer do wierklech musse kënne scoren.

Dann ass freides owes eng Filmnight. Do ass de jéngste Film siwe Joer al. An deene Branchë geet d'Technik sou séier weider, also do hätt ee vläicht awer eppes kënne bréngen, wat e bësse méi modern ass. Ech verstinn, et ass den Emoji-Film. Okay, et ass net laanscht d'Theema. Mee ech mengen, do si besser Saachen um Marché wéi déi dote Saachen.

A virun allem mengen ech, doduerch dass se vläicht e bësse méi underground sinn a bësse méi, jo, méi manga sinn, mengen ech, och e bësse méi cool wären, fir déi ze bréngen, well se jo a priori net accessibel si fir jiddwereen, well se am Fong keng Blockbuster sinn.

An da musst Der mer eppes nach erklären. Also hunn dat de Moien um Radio héieren, Dir sidd zitéiert ginn – ech hat dat de Moie schonn am Radio gelauschtert. An do hunn ech geduecht, majo, ech gesinn hie jo haut, da froen ech hien dat. Wat heescht, mir mussen als Stad den Element federateur vun der Community a vum Ekosystem sinn?

Also ech hunn et net verstanen.

Op Ärem Flyer steet "Pilier incortounable de l'écoystème technologique luxembourgeois". Gutt, dat kënnt mer elo e bësse méi no, wann et da géif an Ëmwelttechnologie goen. Et ass awer guer net, wat Dir do gesot hutt.

Ech mengen och hei, et ass jo wichteg, wa mer wëllen déi Leit uschwätzen, déi mer uschwätzen. Dat ass einfach Sprooch. Dat ass easy Access. Si liesen et, si verstinn et a si ginn. Wann dat doten de richtege Vocabulaire ass, deet mer leed.

An dann als lescht: Wie wëllt Der dann elo reell hei uschwätzen? Dir hutt wärend enger Woch Aktivitéiten tëscht 8 a 17 Auer, zu Momenter, wou keng Vakanz ass. Wou d'Leit schaffen.

Dir sot effektiv, donneschdes ass et voll, do si Schoulen do. Mee Dir hutt awer elo just vum Donneschdeg geschwat, dass do 280 Kanner, Schüler sinn, wat topp ass. Also ech hat alt geduecht, et wär all Dag, dass Schoulen do géifen animéiert ginn, fir do matzemaachen.

Dir sot jo och, do sinn déi zwielef Representantë vun all Schoul an deem Geriicht dobäi.

Also nach eng Kéier: De Programm fannen ech topp. Wierklech topp. Ech fäerte just, dass et e Rohrkrepierer gëtt. Ech fäerte wierklech, dass et e Rohrkrepierer gëtt. An dobäi wär et wichteg, dat ass eng eemoleg Chance, fir dat dote wierklech cool ze maachen. Mir Esch als Tech-Stad. Dat si mer. Mee net esou.

Déi Kommunikatioun ass net gutt. Wierklech net gutt. Se ass net ugepasst, d'Auerzäite sinn net ugepasst. Déi eenzeg, déi Der héchstwarscheinlech elo kritt, an Dir hutt jo och vun der Inklusioun an Integratioun geschwat, dat si Leit, déi fräi sinn, an et sinn héchstwarscheinlech d'Rentner.

Wichteg, mee ech mengen, et sinn awer net nëmmen déi, wou mer wëllen hunn.

Dofir, Här Cavaleiro, also nach eng Kéier: Wann elo e Vott wär, mir géifen dat heiten haut la main matstëmmen. Mee ech fäerten, dass dat doten näischt gëtt.

Schwätzt mat Ären Dots, iwwerleet Iech do eng. Mee ech fannen dat do net gutt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Dann huet d'Madamm Weyrich d'Wuert.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Villmools merci.

Also, ech begréissen d'Organisatioun vun eiser éischter Techweek zu Esch. Fänke mer mol ganz lues un. Well et ass ee vun den éischte Bausteng a Richtung nohalteg Stadentécklung.

Jo, et si sécher e puer Feeler dobäi, mee komme mer mol lues a lues eran, éier mer ufänken iwwer de Language vun engem Flyer ze schwätzen. Pardon. Also et geet jo elo mol ëm d'Basis.

Also komme mer einfach just op d'Basics an de Grond an de Sënn vun där Organisatioun. Et geet jo dorëms, den technologesch Entwécklung mat hire wichtegen Aspekter vun eiser Gesellschaft hei méi no op Esch ze bréngen. Do ass jo d'Wirtschaft, d'Educatioun, d'Mobilitéit an d'Politik sinn dovunner betraff.

An dofir sinn e puer Méiglechkeeten, déi sech domadder opmaachen. An et sinn der zwee, op déi am Fong kuerz wollt agoen.

Éischtens, et handelt sech ëm eng Theemewoch, déi Innovatioune siichtbar maache soll mol an engem éischte Schrëtt. Dat heescht, duerch Tech-Projeten, Virstelle vu Portfolioen, Veranstaltung an Opklärung iwwer Méiglechkeeten an nei Entwecklungen.

Hei geet et virun allem drëms, Menschen aus der Kreativ- an Tech-Welt ze vernetzen. Dat heescht, och déi Leit, déi zum Beispill aktuell keen Job hunn an och tëscht deenen Auerzäiten tëscht 8 a 17 Auer vläicht verfügbar sinn, sou dass se kucke kënnen, wat d'Entreprisë vun hire Projete virstellen an déi kënne sondéieren a méiglech Kandidaten, déi se férderen, astellen an duerno ofwerbe wëllen.

An den zweeten a wuel wichtegsten Aspekt ass dat, wat dat fir Esch bedeite kann. Et ass nämlech zimmlech wichteg, dass Esch eng Schlësselpositioun an der technologescher Entwécklung anzehuelen. Jo, Esch, Tech-Stad. An dat virun allem als Unistad.

Am éischte Moment kann een dat vläicht fir onnéideg halen, mee wann ee sech ukuckt, wou d'Zukunft higeet, dann ass dat extreem wichteg ginn.

Esch kann duerch méi Visibilitéit unzéiend gi fir nei Entreprisen, déi sech hei nidderloosse wëllen. Duerch de sou entstanen Networking, deen och wärend den Aarbechtszäiten ofleeft, kënnen d'Leit hei aus dem Süden oder vläicht souguer vun Esch direkt vum Terrain an déi richteg Richtung bei der Ausbildung bruecht ginn a vu Firmen engagéiert ginn.

Et geet eis d'Méiglechkeet, iwwert d'Grenzen vun eiser Stad eraus beim Fortschrëtt a bei der Innovatioun matspillen ze kënnen a matzediskutéieren.

Nei Technologien an déi domadder verbonne Startups sinn awer och e Bausteen an der ekonomescher Entwécklung vun eiser Stad. A wann een et och nach géif schaffen, dass déi lokal Acteuren a Betriber och nach vum technologesche Fortschrëtt profitéiere kënnen, da bedeit dat eng Win-Win-Situatioun fir jiddereen.

Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Weyrich. Den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Am Fong geholl ass dat jo eng gutt Initiativ. EschTechWeek kléngt gutt an dat ass och eppes, wat een esou kann a priori ënnerstëtzen.

Et ass och vill vun Entreprisë geschwat ginn, wat mir natierlech wichteg ass. Den Tissu économique ass ni grouss genuch an et ass ëmmer gutt, wann een do ka Wuesstum kréien.

Den Aspekt, dee mir hei e bësse feelt, ass den Aspekt vum normale User. Dat heescht, vum ganz normale Bierger, dee wou sech vläicht och kéint an där Woch erhoffen, datt en do zum Beispill iwwer seng Utilisatiounen, datt en do Progrèse ka maachen an datt d'TechWeek him am Fong geholl och an deem Beräich kann hëllefen.

Do denken ech un d'Basiscapacitéiten. Ech weess net, wat do alles genau, fir déi Basiscapacitéiten ze stäerken, do virgesinn ass. Mee wann ech mer dat sou kuerz ukucken, schéngt mer dat awer e Punkt ze sinn, dee wou net genuch berücksichtegt ginn ass.

Dat wär fir mech eppes, wat wierklech wichteg ass.

An den zweete Punkt ass am Fong geholl à l'opposé. Dat heescht, d'Benotze an d'Stäerke vun der AI am Fong geholl. An zwar net déi AI, déi wou vläicht iergendwann emol wäert kommen, mee déi AI, déi wou een hautdesdaags scho benotze kann.

Ech mengen, dat wär och fir de User ganz wichteg. Datt e gewise kritt, gehollef kritt, fir déi AI-Capacitéiten, déi wou am Moment scho ginn, fir déi am Fong geholl schonn ze benotzen.

Ze benotzen, an zwar am beschtefalls déi Gratisprogrammer, wou et och scho ginn. Och AI-Basisprogrammer. Déi eng si besser wéi déi aner. Well oft, wa mer vu Gratisbenotzung schwätzen, huet ee Programmer, déi wou net vill am Fong geholl, keng grouss Capacitéiten hunn.

Mee vu que datt mer jo do op där TechWeek Spezialisten hunn, déi wou bestëmmt sech auskennen an déi wou de User am Fong geholl, also de Bierger begleede kënnen an hinne weise kënnen, wat ënnert deene ganz ville Produkter, déi wou duerch d'AI bedriwwe ginn, wellch am Fong geholl do interessant sinn. Och fir se kënne fräi ze notzen.

An dat wär an deem Sënn wichteg, well alles ass bal hautdesdaags jo leider ekonomesch. Fréier war den Netz vill méi fräi, an deem Sënn och vill méi fräi vun ëmmer direkt d'Kredittkaart ze zéien.

An Dir wësst jo och bestëmmt alleguerten, mir hunn alleguer honnertdausend Programmer, mee wann een allkéiers muss d'Kredittkaart zéien, op laang Wëll gëtt dat eng deier Rechnung. An et si vill Leit, déi hu jo net déi Capacitéiten, och déi ekonomesch Capacitéiten, fir ëmmer d'Kredittkaart ze zéien.

An dofir wier et och, zemools hei zu Esch, wichteg, vu que datt mir eng Stad sinn, déi wou sech jo ... an dat hunn ech ëmmer och ganz gutt vun Esch fonnt, och sech ëm déi Leit këmmert a bekëmmert, déi wou net onbedéngt an de beschten ekonomesche Kategorië situéiert sinn.

Dat heescht, dat wär, géif ech soen, e ganz wichtege Punkt, datt mer kucken, fir do déi AI an d'Méiglechkeeten ze fërderen an och d'Utilisatioun fir den normale User an deen ze begleeden, fir Saachen ze fannen, datt e souguer, solle mer soen, déi Saachen notze kann. Entweeder gratis oder zu engem bëllege Präis.

Do ginn et bestëmmt Spezialisten, déi wou d'Leit an déi Richtung kéinte begleeden. Dat wär vläicht e wichtege Punkt, wou een hei

wärend där Woch och kéint no vir dreiwen. Ech hoffen, datt dat dann am Prakteschen och iergendwéi wäert geschéien. Ech si mer do net sécher, mee d'Hoffnung bleift, datt dat trotzdeem och kéint an déi Richtung goen.

Eng drëtt Klengegkeet. Do ginn et jo natierlech Internet. Do hat ech och vu Fräiheet geschwat, vun ekonomescher Fräiheet. Mee do ass et och nach déi aner Fräiheet, déi wou wichteg ass. Dat heescht, déi Fräiheet vun der Liberté d'expression.

An ech fannen do och wichteg, datt een de Jonke mat op de Wee geet, datt ee sech am Fong geholl um Internet ganz fräi beweege kann, sech fräi äussere kann, datt et just am Fong geholl eng Grenz gëtt. Dat heescht, datt een net däerf géint d'Gesetzer verstoussen, wat jo logesch ass.

Mee dann trotzdeem déi Fräiheet, déi Ur-Fräiheet, wou och am Internet dra war vun Ufank un, datt een déi och färdert an datt een net de Jugendlechen d'Gefill gëtt, elo ass et eriwwer, elo hutt der de Corset hei. An dat ass fir mech en essentielle Punkt.

Ech weess net genau, wéi deen hei behandelt gëtt. Et ass vu Soziale Medien och geschwat. Mir wësse jo, déi eng si fir quasi eng global Fräiheet, wéi zum Beispill ech och. Déi Meenung däerf ee jo hunn. An et sinn anerer, déi hätte gär awer Begleetmesuren, Barrikaden, also datt alles iergendwéi vill méi an eng gelenkt Richtung geet. Wéi mer warscheinlech och bestëmmt hei vill Leit hunn, déi wou déi Meenung vertrieden.

Mee wéi gesot, à l'origine däerf ech Iech erënneren, war den Internet eng komplett fräi Saach. An et wär och schéin, wann en trotzdeem nach géif zum groussen Deel op d'mannst deen initiale Fonke kéint a géif behalen an datt mer d'Leit och an déi Richtung géife begleeden an ënnerriichten.

Voilà, dat war meng Meenung zu dësem Theema. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Funck huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci de Virriedner.

Also, d'Madamm Weyrich huet hei gesot, mir sollen net iwwer de Language diskutéieren. Ech mengen, wa mer sou e fancy Slogan wéi EschTechWeek hunn, da kënne mer och iwwert de Language schwätzen. Dass mer eis do mol eens sinn.

Mee ech muss awer op en anere Punkt drop ze schwätze kommen, wou ech elo mam Här Schmit senger Interventioun iwwer AI a sou weider, an AI, déi nach kënnt ... AI ass do.

An déi lescht Deeg an de Medien, an d'Kolleegen, déi an der Chamber sëtzen, wëssen dat, d'Land investéiert därmoossen doranner, fir dass mer eng Virreiderroll doranner kréien. A mir profitéieren elo dovunner. An ech si frou, dass mer dat do zu dësem Moment maachen, fir dass mer déi Méiglechkeete jidderengem kënne weisen.

Ech si beim Här Faltz, wann hie seet, et kéint vläicht schwiereg ginn déi éischt Kéier, mee mir sollen dru festhalen, dass mer dat dote maachen.

Mir solle generatiounsiwwergräifend jidderengem weisen, wat fir Capacitéiten do hannendru stinn. Wat fir Méiglechkeeten et ginn. Vu klenge Startuppen, mee och kleng a mëttelgrouss Betriber, déi schonn usässeg

sinn, kënnen dovunner profitéieren. Kënne sech sou op eng vläicht méi séier Aart a Weis weiderentwéckelen an Nische fannen.

Ech si ganz éierlech doranner, mir wënschen eis, dass dat doten e Succès gëtt. Mir hoffen awer och, dass dat do net déi eenzeg, dass dat do déi eenzeg Saach bleift, déi mer an deem dote Kader maachen.

Jo, mir hunn d'Uni hei um Terrain, jo, mir hunn eng Incubateuren hei um Terrain. Mee jo, mir hunn och Méiglechkeeten als Land, fir do kënne weiderzekommen. A mir sollen als Stad Esch dovunner profitéieren, fir do kënne weider drun ze schaffen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Den Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Gutt, villmools merci fir Är Interventiounen.

Bon, mir organiséieren eng éischt Editioun vun där EschTechWeek. An au départ, wann ee verschidde Saache kuckt, huet ee verschidden Ängschten, wat ech och ka verstoen. Ech hunn awer d'Impressioun, Dir géingt éischter hoffen, dat do géing an d'Box goen, Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Nee, nee.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Et ass e bëssen Impressioun, wou Dir mer ginn hutt. Ech ka vläicht et falsch verstanen hunn. Mee wat ech Iech awer wëll soen, ass, mir fillen eis alleguer ëmmer als de Kannapee-Trainer an allen Domänen. An hei wëll ech Iech just soen, déi Kommunikatioun oder déi Presentatioun, wou Der am Dossier kritt hutt, ass eng éischt Presentatioun.

Net méi spéit wéi gëschter gouf de ganzen Detail mat Daten a mat Plaze verdeelt. An dat doten ass eng Communication crescendo, déi ab dësem Weekend, wéi gesot, komplett online kënnt. Mat allen Informatiounen zu de Plazen, zu den Acteuren. Et ass nach eng oder déi aner Entreprise, déi och nach wäert dobäikommen.

Ech hu probéiert, a menger Presentatioun wierklech ganz detailléiert ze sinn. Obwuel een net ëmmer detailléiert ka sinn. An ech hoffen, datt ech wierklech an alle Beräicher Erklärunge konnt ginn. Dat war op jidde Fall meng Impressioun.

An ech wënsche mer wierklech, datt mer hei e volle Succès kréien. Den Invest vun eise Servicer. An do wëll ech wierklech de Service de la Jeunesse enorm luewen, ënnert der Responsabilitéit vum Hélène Moench, wat déi lescht Wochen a Méint eng groussaarteg Aarbecht geleescht huet an deem dote Kontext.

An ech kann Iech nëmmen alleguer invitéieren, dohinner ze kommen. Et gëtt dëst Joer déi éischt Initiativ, an de But ass, dat doten alljoers an der nämmlechter Period ze halen. Dir musst wëssen, dass dat och an der Vakanzenzäit vun de Schüler stattfënnt, sou datt se och méi fräi kënnen dohinner kommen.

Dofir kommt all dohinner. Et wäert e Succès ginn. Ech sinn iwwerzeegt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Cavaleiro.

**8.1.1. Convention bipartite relative au service d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés pour l'exercice 2025 ; décision**

**8.1.2. Convention bipartite relative au service d'éducation et d'accueil pour enfants non-scolarisés pour l'exercice 2025 ; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer elo bei d'Konventiounen, wou mer elo wéi eng Fusée doduerch wäerte goen. Ech ginn als éischt d'Wuert dem Här Sehovic fir d'Punkten 8.1.1 an 8.1.2, d'Konventioune mam Educatiounsministère.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech ka mech ganz kuerz faassen. Et ass den alljärlechen Exercice. Zwou Konventiounen, déi ech och géing proposéieren, en bloc ze diskutéieren an ofzestëmmen, reegelen eigentlech déi finanziell Participatioun vum Staat am Bedreiwe vun eise Structure d'éducation et d'accueil, also eise Maison-relaisen.

Et ass de selwechten Exercice wéi all Joer. Dowéinst bleift vu menger Säit eigentlech net méi vill ze soen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Froen oder Remarken dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**8.2. Convention avec le Ministère des Sports relative à la mise en œuvre de la charte « Meng Gemeng lieft Sport » ; décision Convention Ville Esch / Ministère des Sports cc. mise en œuvre de la Charte « Meng Gemeng lieft Sport »**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann de Punkt 8.2. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir haten am leschte Gemengerot iwwer d'Charte hei diskutéiert an och ofgestëmmt. Ech mengen, dat ass de Leitfaden zu däser Konventioun. De 27. ass se virgestallt ginn, de 27. Februar ass se virgestallt gi vum Ministère. Et ware 44 Gemengen, déi present waren an déi hunn och alleguer hiren Accord ginn, fir do matzeschaffen.

Zu der Konventioun selwer mengen ech, wëll ech awer e puer kuerz Detailer ginn. Ech mengen, den Engagement vun der Gemeng ass jo wierklech an déi Richtung, fir e Coordinateur sportif à plein temps einfach anzestellen. Dat muss bannent sechs Méint geschéien.

Doriwwer eraus huet een eng ganz Rei vun Obligatiounen, déi een einfach muss maachen, déi een einfach och als Aarbechtinstrument kritt huet. An dat gëtt dann och vun eis als Gemeng begleet an dat muss och da bannent zwee Joer all Etapp virgewise ginn an deementsprechend dann och geschafft ginn.

Déi Konventioun huet eng Liewensdauer sou laang, wéi näischt changéiert gëtt, wou och näischt gefrot gëtt vu Gemenge par rapport zum Ministère. An domadder verbonnen natierlech sinn och Obligatiounen, déi mir alleguerten hunn.

An de Coordinateur selwer huet 13 Krittären, déi hie muss erfëllen – hien ass eigentlech de Faciliateur am Gemengeberäich. Fir ze kucken, dass hien all déi Programmer a Koordinatioune mécht, Realisatioune vun all deem, wat hie gefrot gëtt. An ech mengen, mir sinn do e bësse besser opgestallt, well mir scho viru Joren e Coordinateur opgestallt hunn.

Eppes ganz Wichteges ass och d'Participation financière vum Staat. Déi ass ausgeweit ginn op maximal zéng Joer an doriwwer eraus. Fänkt bei 80 % un an ab dem véierte Joer geet se kontinuéierlech ëm 10 % erof, fir dann am zéngte Joer op 20 ze bleiwen. An dat bleift se awer och éiweg op 20 %.

Ech mengen, dat ass e bëssen dat, wat ech einfach wollt soe vun dëser Konventioun. Wéi gesot, ech wär dann och frou, wann Dir deem och géift zoustëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, zum Sport muss ech jo bal eppes zielen.

Also et freet eis natierlech, also mech am speziellen als een, dee sech dem Sport e bëssen hierginn huet, wann esou e Projet vun engem Sportskoordinator presentéiert gëtt. Dir sot zwar elo, et wär schonn een agestallt sinn, mee awer sinn ech der Meenung, dass e Koordinator am Sport par la lettre eppes ass, wat Esch wierklech brauch.

Dir hat et op der Gala gesot, Esch huet 99 Sportsclibb. Ausser vläicht elo no Futtballsterrainen – an och do sinn entre-temps d'Rugbysleit, déi do an déi Futtballsterrainen erastiechen – si ganz vill vun de Sportsinfrastrukture multidisziplinär. Dat heescht, wou vill Clibb déi selwecht Sportsinfrastrukturen notzen.

An dat funktionéiert am Fong doduerch gutt, well dat am Fong geholl iergendwéi mat der Zäit gewuess ass, mee dat muss net ëmmer sou sinn. An dofir mengen ech schonn, dass e Koordinator am Sport awer eppes wär, wat Esch sou brauch.

Zemools mengen ech, déi Subventioun vun 80 % vun de Lounkäschten, dat ass eng gutt Ënnerstëtzung. Dat stelle mer net a Fro. Wat mer awer a Fro stellen, dat ass elo déi reell Plus-value vun dëser Konventioun um Terrain vum Escher Sport.

Well d'Fro muss gestallt sinn, gëtt dann elo opgrond vun dëser Konventioun eng nei Persoun agestallt. Ech mengen, Dir hutt bal d'Äntwert selwer ginn. Well mir wësse jo

alleguer, dass déi Persoun, déi déi Funktioun am Kader vun der Konventioun iwwerhëlt, am Fong scho laang op der Gemeng schafft.

An awer: Wat kënne sech d'Clibb dann elo erwaarden, nodeem déi Ënnerschrëft gemaach ass? Déi Persoun huet schonn eng Funktioun, an déi ass manifestement net d'Koordinatioun. Mécht déi déi Aarbecht dann elo net méi? Mécht se dann elo richteg Koordinatioun? Also do wär ech frou iwwer eng richteg an eng kloer Äntwert.

Well d'LSAP hat an hirem Walprogramm eng administrativ Hëllef fir eis Sportsclibb virgesinn. An Dir wësst et, well – an déi Dénge gëtt ëmmer méi haart –, dass d'Kommiteeën eng Erliichterung vun hirer Aarbecht brauchen.

Et gëtt elo vläicht dee Punkt, dee schlussendlech awer sou oder e bëssen änlech et an Äre Koalitiounsaccord gepackt huet, endlech ëmgesat. Dat géif eis freeën. Well de Programm ClubeeClub ass zwar eng Erliichterung, an dësem Fall kann et awer an dësem Moment net sinn, well dee gouf scho virun de Wale lancéiert. Dat ass also net déi aktiv Hëllef, déi eis Clibb doriwwer eraus bräichten.

Déi Aarbecht, déi entre-temps vun enger ëmmer méi klenger Zuel vu Benevollen ze stemmen ass, ass considerabel. An et gëtt der ëmmer méi. Also ech kann Iech wierklech e Liddchen dovunner päifen.

Well wann de Sportminister seet, dass d'Sue géifen op der Strooss leien a kee se wéilt oprafen, da mierkt ee gutt, dass den Här Minister nach ni en Dossier Qualité+ huet missen ausfëllen, well soss géif hien net sou schwätzen.

Well mir stellen eis wierklech eng substanziell Fro an iwwer déi konkreet Verbesserung fir d'Situatioun vun eise Clibb am Alldag. An et ass un Iech, fir eis a fir d'Clibb dovunner ze iwwerzeegen, dass dës Konventioun net just eng finanziell Entlaaschtung fir d'Gemeng ass.

Iwwerzeegt eis, dass dës Ënnerschrëft dem Escher Sport an de Clibb wierklech eppes bréngt. Also natierlech zousätzlech zu deem, wat de Sportservice am Moment scho fir de Sport leescht.

Wat eis an deem Kader an doriwwer eraus brennend interesséiert, a wat awer och Deel vun der Aarbecht vun deem Coordinateur, wou et dann och ëm Infrastrukture geet. An d'Action communale dans le secteur du sport ass vläicht nach en anert Theema.

Well mir haten Iech de 26. Januar eng ganz Rei Froen zur aktueller Sportinfrastrukturpolitik gestallt. Ënner anerem, firwat d'Escher zënter Joren d'Onwourecht gesot kréien, wat déi ominéis Sportarena ugeet. Also schlussendlech ass dat eng vun den dräi Haaptpunkte vun der CSV-Agenda zënter de Walen 2017.

Dobäi war et spéitstens 2021, a spéitstens Januar 2023 gewosst, dass dat näischt géif ginn. Firwat gouf eréischt, wou déi marod Clôture am Dezember 2024 ëmgefall ass, dann endlech gesot, dass d'Sportarena net an den nächsten zéng Joer gebaut ka ginn?

Well schlussendlech gouf och vun dem aktuelle Buergermeeschter laang nodeems de Projet gestuerwe war, nämlech an de Budgetsdiskussioune fir d'Joer 2024, den Escher nach gesot, dass déi Arena géif gebaut ginn an dass déi éischt Aarbechten imminent wieren, fir unzefänken.

Also gouf wéinstens wärend engem ganze Joer Vorspiegelung falscher Tatsachen. Fir et net méi däitlech ze soen.

Dir hutt nämlech 11 Milliounen an Äre Budget pluriannuell agesat, fir dat bis 2028

a Sportinfrastrukturen ze investéieren. Mir wäerten herno vläicht, wann d'Zäit et erméiglecht, nach eng Kéier drop hikommen.

Dofir interesséiert den Escher Sport virun allem, wéi et dann elo weidergeet mat de Sportaktivitéiten an der Hal 1 an an der Hal 2, wann déi sole renovéiert ginn. Well et ass jo dann awer eng Zäitfënster, déi manifestement keng Sportaktivitéiten, virun allem keng Matcher viru Publikum kënne stattfannen. An den neien Hale geet dat jo net.

Hutt Der do e Plang?

Mir als LSAP wäre frou, wann date sou wär. Well et ass manifestement am Interêt vun der Stad an hire Sportsclibb. Dofir hoffe mir, dass eis Froe schnellstens beäntwert ginn.

Loosst lech eppes gesot ginn: Dëst Theema interesséiert eng ganz grouss Zuel vun Escher. A besonnesch déi, déi am Escher Sport natierlech aktiv sinn, awer och Aktiver an Zuschauer aus den Nopeschgemengen, déi um Sportsliewen hei deelhuelen.

Well vill schwätzen a sech als Sportshaaptstad oder als European City of Sports duerstellen, ass relativ einfach. Eng Konventioun ënnerschreiwen, ass elo och net sou schwéier. Mee mir brauchen awer Äntwerten op konkreet Froen. Dat par conter ass schwéier.

Well all Sportspolitik fänkt mat Äntwerten op déi fundamental Froen un. Déi do heeschen: Wou spillen déi Veräiner Matcher, wann d'Hale renovéiert ginn? An et ass elo un lech als Majoritéit, endlech konkreet Äntwerten op déi dréngend Froen ze ginn.

An ech sinn och dovun iwwerzeegt, dass mer dat am beschten zesummen hikréien. Dir wësst et, mir wëssen et. Dir sidd net immens vernetzt an de Clibb. An ech mengen, dass mir dee ganzen Discours solle grouss opmaachen. An zwar mat de Responsabele vun de jeeweilege Clibb, déi betraff sinn. Dat mécht Decisiounen, dat mécht Léisunge fanne vill méi einfach.

Dofir beäntwert eis Froe sou séier wéi méiglech. Well et sinn déi Froen, déi aktiv Sportler zu Esch sech am Moment stellen. A wierklech: Zesumme kréie mer déi Kou do vum Äis. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Et gëtt soss keng Wuertmeldung, dann einfach zu der Form par rapport zu der Fro, déi Der gestallt hutt, virun e bësse méi wéi engem Mount, wëll ech lech soen, dass mer de Moien d'Äntwert ënnerschriwwen hunn an dass Der déi dann haut zougestallt kritt.

Et huet e bësse gedauert, well deen Exercice, wou Dir gemaach hutt als LSAP an Ärem Historique, deen Dir an Ärer Fro formuléiert hutt, wou Dir lech virun allem op Aussoe par rapport zu CSV-Mandatairë baséiert hutt, deen hu mir natierlech och gemaach.

Also hu mer gekuckt, wat fir en LSAP-Minister, zum Beispill Sportminister, zu wat fir engem Moment Formulatiounen zu der Sportarena gemaach huet. Ënner anerem de Georges Engel, deen nach virun de Chamberwalen 2023 an engem Interview confirméiert huet, dass natierlech d'Sportarena an de Sportmusée géingen zu Esch kommen. Dat war also nach nodeems Dir déi Formulatioune par rapport zu mengem Virgänger gemaach hutt. Soit.

Also liest lech och eng Kéier deen Detail duerch, well do muss ech lech eppes soen. Dir hutt net de Monopol bei der Wourecht vun der Sportarena an dem Sportmusée, sou wéi mir deen och net hunn.

An tatsächlech ass do eng Kou um Äis, wou ech mengen, d'Responsabilitéiten anescht opgedeelt sinn, wéi Dir et wëllt duerstellen, wéi déi dorobber komm ass. An natierlech musse mer déi elo zesummen erofkréien. Mee Detailer dozou gëtt et.

Genausou wéi Dir och net de Monopol hutt, och wann Dir dat gär hiergitt, zu de Sportveräiner an zu der Basis an de Kontakter zu de Sportveräiner.

Ech mengen, dass do den Här Zwally wonnerbar an der Positioun ass mat sengem Service, fir kënnen awer da Froen zu der Konventioun kënnen ze beäntweren.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Dann zu der Konventioun. Ech mengen, Dir hutt hei geschwat vum Koordinator. Mir sinn eis bewosst, dass dat eng Aufgab ass, déi net einfach fir hien ass. Dir hutt vun 99 Veräiner geschwat. Effektiv.

De Service des Sports ass a reegelméissegem Kontakt mat hinnen. Si wëssen och, u wat fir eng Adress si sech ze mellen hunn am Fall, wou eppes net klappt. A si sinn all Woch ëmmer solicitéiert vu sämtleche Veräiner, wann iergendwou eppes ze maachen ass.

Mir sinn insofern frou, well dat do elo mol aktéiert ass. A well mir wierklech op de Wee ginn, fir déi Qualitéit, déi deejéinegen huet, och komplett ausznotzen. Dat wäert och doranner bestoen, dass mer méi oft wäerte solicitéieren an all deenen Decisiounen, déi ze huele sinn.

Hie wäert och dee sinn, deen d'Relatioune mat deenen eenzele Veräiner wäert maachen. A wann ech vun 99 Veräiner schwätzen, da wësst Der, wat dat fir en Usproch ass, deen de Service sech selwer stellt.

An an deem Sënn hutt Der och Qualité+ ugeschwat, déi eis jo och herno d'Méiglechkeet gëtt, um Niveau vun deene Méiglechkeeten, déi mer zur Verfügung gestallt kréien, fir do dat alles auszenotzen. An do gëtt e Programm, deen dann deementsprechend ka realiséiert ginn. A mir wäerten deementsprechend eis dozou positionéieren.

Et ass natierlech en Aarbechtsgain. Et ass wéi iwwerall, wann ee sech wëll professionaliséieren. Et fänkt een u mat iergendengem Projet, wou mer da soen e Pilotprojet. Well dat heite war an deem Sënn e Pilotprojet, wat de Coordinateur ubelaangt. An duerno entwéckelt een dat.

A wa mer op de Wee kënne goen, fir herno ganz einfach méi kënne draus ze maachen, da wäerte mer dat och maachen. A wann et dorunner sollt hänken, dass ee méi muss agestallt ginn, da wäerte mer dat och maachen.

Ech wëll awer kuerz agoen op dat, wat Der elo gesot hutt. Dir schwätzt ëmmer hei am Numm vum Escher Sport. An da bréngt Der Sportarena an de Sport allgemeng op den Niveau vum Indoorsport.

Vun deenen 99 si just néng Veräiner, déi dohinner trainéiere ginn. Déi aner 90, déi sinn zefridde mat hiren Infrastrukturen. Déi sinn och déi, déi eigentlech ëmmer erëm bewisen hunn, dass dat och geet. Et ass net eleng nëmmen d'Sportarena an doriwwer eraus de ganzen Decors, deen dozou gehéiert, soll se ofhalen, fir Sport ze dreiwen.

Mee hei schwätzt Der ëmmer nëmme vun néng Veräiner. Déi néng Veräiner kréie ganz nei Infrastrukturen dohinner gesat. Si hunn herno d'Méiglechkeet, och opgrond vun deem Beräich, wou mer hunn, mat eisem administrativen Deel, wou iwwer néng Büroen

all Veräin zur Dispositioun gestallt kritt, wou ee ka ganz einfach sech zesummesetzen an dann d'Problemer och uschwätzen.

An ech mengen, dat ass schonn eppes, wat aner Veräiner net hunn.

An dofir, wéi gesot, wann Der vun 99 Veräiner schwätzt, da schwätze mer hei um Niveau vun deem Invest, dee gemaach gëtt, bei den Infrastrukturen, Indoorinfrastrukturen, schwätze mer vun néng Veräiner, déi herno kënnen dovunner profitéieren. Voilà.

An da sot Der ëmmer vun der Onwourecht. Et ass keng Onwourecht dran. Mir sinn domadder net d'accord, wat Der do sot, well dat stëmmt nämlech sou net. Wa mer nach méi wäit kucke ginn, an de Buergermeeschter huet dat och gesot, et ass ugaange just kuerz virun de Walen, wou och d'LSAP eigentlech deen dote Projet mat an d'Renne bruecht huet.

An och gesot huet, do kéinte mer roueg bauen, obschonn zu deem Zäitpunkt an och herno nach ëmmer déi Zone non-aedificandi bekannt ass. An haut nach ëmmer besteet. A wou ëmmer awer gesot ginn ass, okee, dat geet fir eis an d'Rei. Op Regierungsniveau gëtt dat dote komplett ënnerstëtzt.

Ech mengen, mir schaffen drun. Mir wäerten och, an dat kann ech Iech versécheren, zesumme mat de Veräiner no der Ouschtervakanz eis zesummesetzen. Mir wäerten och eng Visitt maachen, dat wëll ech Iech schonn direkt soen, mat de Veräiner, wa mer se allguerte kréien. Well si kréie jo schlussendlech awer Infrastruktur dohinner gesat. Da kënne si dat och kucke goen.

An da schwätze mer natierlech iwwer dat, wéi si sech dat virstellen. A wéi mer kënnen an deem ganzen Dossier oder an der ganzer Evolutioun vum Sport weiderkommen. Ech mengen, dat ass de richtege Wee.

An duerno kënnt et natierlech hei an de Gemengerot an da wäert de Gemengerot och invitéiert ginn, fir déi Bijoue kucken ze goen, déi do entstane sinn. An da wäert Der gesinn, déi Loft, déi Der elo opbaut, déi wäert da séier verblose sinn. An da wäert och jiddwereen domadder zefridde sinn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Zwally. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 8.3. Convention tripartite de soutien financier à l'Entente Mine Cockerill ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Eng Konventioun mat der Entente Mine Cockerill. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Bon, ech sinn och houfreg, fir déi hei kënne virzestellen. Ech mengen, wann een d'Geschicht vun der Entente Mine Cockerill kennt, da weess een, dass déi komplett verankert ass bei eis. Och an hiren Aufgaben an Aarbechten, déi se an all hirer Zäit elo geleescht hunn. An duerch d'Neiorientéierung vum Service an och duerch d'Kreatioun vum Departement si mer mat hinnen zesummekomm des Ëfteren. Net eleng mat hinnen, mee och mat deenen aneren, déi bei eis hei um Terrain täteg sinn.

A mir hunn dann zesummen déi Konventioun hei ausgeschafft. Wou ech awer kuerz vläicht wëll agoen, wat de Changement ass. Well déi lescht, déi mer hei haten, dat war 2016. An déi vun 2016 ass adaptéiert ginn, net eleng juristesch, well mir hunn et och juristesch e bëssen opgepëppelt. Well Dir wësst, dass mer och eise Service juridique op all Konventioun mat eranhuelen, fir en Avis ze kréien.

Mee ech géif awer kuerz agoen op de Sujet, op den Objet, dee mer zesumme mat hinnen ausgehandelt hunn. Mir waren der Meenung, dass et wichteg wier, fir eng Orientatioun ze huelen, wat dann déi dräi grouss Paliere sinn, déi si einfach gär wëlle realiséieren.

Dat eent ass d'Konzeptioun vum Musée. Mir sinn der Meenung, dass de Musée als sollches, sou wéi en do steet a wéi e bedriwwe gëtt, nach muss ausgebaut ginn. Dat ass d'Orientatioun, déi mer zesumme mat hinne geholl hunn. An dat gëtt och gemaach.

Do hu mer een engagéiert, deen eigentlech scho Fachmann ass, wann ëm déi doten Ausriichtung geet. A si sinn och domadder d'accord, fir déi Modernisatioun vun der doter Presentatioun, wat d'Entente a wat de Musée ubelaangt, fir déi mat ze ënnerstëtzen.

Dann ass den anere Volet, dat ass d'Exploitatioun vun der Minièresbunn. Si hunn eng Visioun, fir ze soen, komm, mir maachen eng kleng Bunn, déi sech dann aus de Gebaier vun der Entente eropfiert, laanscht dem Banz seng Gebaier, plus nach eventuell e bësse méi wäit, fir dass se kënnen en Tour mam Zuch maachen, mat de Kanner respektiv och mat de Leit.

Ech mengen, dat ass eppes, wou mir net eleng zoustänneg sinn. Mee do ass och de Ministère, dee mat agebonnen ass. Do muss fir d'éischt gekläert ginn, wat fir eng Proprietéitsverhältnisser op de Stécker leien. A wa mer dat da fäerdegbréngen, mengen ech, hu mer och gesot, wiere mer bereet, zesumme mam Ministère a mat anere Leit, déi sech wëllen engagéieren, do mat unzepaken.

An déi drëtt Orientatioun ass natierlech den Accès; eppes, wat hinne scho méi laang um Häerz ass. Dat ass nämlech, fir de Trapeschacht an d'Minn erof ze assuréieren. Si hunn och do Viraarbechte geleescht, zesumme mat ArcelorMittal a mat der ITM, wou en 3D-Scan gemaach gouf. An dat ass eppes, wou mir domadder d'accord sinn.

Virausgesat ass ëmmer, dass d'Sécherheet garantéiert bleift bei esou Projete wéi deen doten. Well wann ee weess, wann een erof an de Buedem geet, wann een e Programm realiséiert, fir kënnen eng Visitt ze maachen, da muss dat komplett ofgeséchert bleiwen.

Ech mengen, dat sinn déi dräi Haaptobjeten, déi mer eigentlech elo mol festgehalen hunn, zesumme mat der ganzer Entente.

D'Durée vun der Konventioun ass festgesat op ee Joer. Firwat ee Joer? Majo, mir hunn elo festgestallt, dass ëmmer Changementer kënne kommen. An déi Changementer wëlle mer dann, wa mer dann déi Kommissioun

bis en place gesat hunn, wou jeeweils vun deenen Acteuren, déi mat an der Associatioun deelhuelen, zwee Leit wäerten nominéiert ginn, fir dee Kommitee eigentlech ze begleeden.

An dee soll och minimum zweemol am Joer zesummekommen. An dat ass och eigentlech deen, deen d'Orientatioun ugëtt, wann et dohinner geet.

A sollte Changementer gemaach musse ginn, opgrond vun engem Avenant, deen dann eeben am nächste Joer muss geschéien, da wäerte mer dat deementsprechend och maachen.

Bon, zu der finanzieller Participatioun, do sinn ech och houfreg drop, well Dir musst wëssen, dass alleguerten déi lescht Konventiounen, déi da fënnef a sechs Joer laang gedauert hunn, nëmme 25.000 € bereetgestallt goufen.

Mir hunn hei d'Propos gemaach, well mer och wëssen, dass Professionaliséierung muss virugedriwwe ginn, fir all Joer 25.000 € ze ginn. Dat ass net näischt. Ech mengen, dat ass eppes, wat jo fënnefmol méi ass wéi dat, wat virdrun de Fall ass. An domadder kënne si selbstverständlech och schaffen.

Dann ass nach d'Konservatioun vun den Archiven. Mir hunn hinne scho gehollef, fir den Inventaire ze maachen. Mir hunn do een zur Dispositioun gestallt. Do ass wärend sechs Méint eng Archivéierung komm, opgrond vun deem, wat do besteet.

An ech mengen, mir offréieren och alleguerten den Associatiounen – net eleng hinnen, mee och anerer –, fir en Depot kënnen ze maachen. Well dat ass jo och eng vun den Ausriichtungen, déi mer hu par rapport zu eisem neie Service.

Do kënnen d'Veräiner zesumme mat all deem, wat se hunn, bei eis kommen. Si ginn do ënnerstëtzt a si kréien och dann e Depot, dee si bei eis da kënnen assuréiert kréien, deen dann och am Kader vun der professionaliséierter Form wäert stattfannen.

An dann, wéi gesot, ass den Artikel 10, deen e bëssen Diskussioune war. Also um Niveau vun der Dissolutioun. Ech mengen, mir wären net frou – bon, ech mengen, dat ass de Worst Case, dee mer net wënschen. Mee dat weess ee jo ni.

Mee dann ass awer och juristesch festgehalen, wéi gesot, am Fall, wou géif opgeléist ginn, wat geschitt da mat all deene Saachen, mat all deem Bien, deen eigentlech existéiert, dee mir och mat finanzéiert hunn.

A mir wëllen, dass dat Patrimoine vun der Escher Gemeng bleift. Dass en herno net verschwënnt an iergendenger privater Sammlung oder an iergendengem Musée, deen net zu Esch gehéiert. An dat ass eigentlech deen Deel, dee bei enger Dissolutioun zur Geltung kënnt. A wou mir och der Meenung sinn, dass dat sou an der Rei wier

Voilà, dat wieren dann déi Haaptelementer. An an deem Sënn wär ech och frou, wann Der dat géift matstëmmen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Zwally. An och merci, dass Der an d'Kommissoun komm sidd, dat heite virstellen. An d'selwecht wéi an der Kommissioun wäert Der och hei eis vollst Zoustëmmung kréien, well mer dat dote ganz gutt fannen.

Ech kommen awer just vläicht op zwee Aspekter zeréck. Well deen ee war, wou ech gefrot hat, mat der Méiglechkeet, dass mer dann, wa mer den Archiv ubidden, och Digitaliséierung zäitgläich kënne mat op d'Schinne setzen. An hei fannen ech et ganz gutt, well domat kréie mer nach aner Méiglechkeeten, dass dat och méiglech ass.

An déi zweet Saach ass mat deenen zwee Representantë vun der Stad Esch, déi do an deem Kommitee géife sinn. An ech mengen, dass et vläicht wichteg wär, dass mer géife kloer mentionéieren, dass et net politesch Leit sinn, déi do dranner kommen. Mee dass et Beamten aus de Servicer sinn, déi och do kënne weider positiv Aspekter a positiv Saache mat op de Wee ginn an an d'Diskussioun mat erabréngen.

An ech soen, et kann ee souguer scho praktesch soen, aus wéi enge Servicer se kommen. Wann ech elo deen heiten Dossier kucken, kann ee jo soen, dass een aus dem Patrimoine industriel ass a beispillsweis firwat net een aus dem Tourismus ass. Vu que dass dat heiten eng Attraktioun ass, wou vill Leit dofir op Esch kommen.

Wéi gesot, solle mir eis net dat ginn, dass mer dat kloer festschreiwen? Dann ass och vläicht manner déi Angscht do, fir zwee Leit do mat dran ze hunn. An da wësse se, dass et net e politeschen Dossier ass, mee dass et wierklech d'Volontéit ass, fir dat dote weider mat no vir ze bréngen.

An dann, wéi gesot, fir eis super ze héieren ass eeben deen Artikel 10, dass deen do mat dra verankert ass, fir ze garantéieren, dass mer dee Patrimoine behale kéinten als Stad Esch. Well ech mengen, déi Saache sollen net iergendwou herno an enger Dreckskëscht oder Gott weess wou landen, mee sollen am Patrimoine vun der Stad Esch bleiwen.

Mir hu schonn oft vun engem lokale Musée geschwat. Wann dee lokale Musée da bis fäerdeg ass, wär et bestëmmt flott, wa mer do vill Erënnerungsstécker kënnen dran halen, déi soss anerwäerts vläicht verschwonnen oder ewechgeheit gi wären.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Also och mir deelen natierlech d'Ënnerstëtzung fir déi onheemlech wäertvoll Aarbecht, déi d'Etente Mine Cockerill an der Vergaangenheet scho gemaach huet an déi se och weider wëll maaachen.

Ech hunn awer dräi Punkten, déi mir net ganz schlësseg sinn. Ech fannen op der enger Säit, datt effektiv déi Aufgaben, déi si hunn, enorm sinn. Also d'Konzeptioun vum Musée, d'Exploitatioun vun der Minièresbunn, den Accès zum Trapeschacht, mat Obligatioune „Réalisation de travaux de sécurisation, Aménagement des accès, Installations des équipements de sûreté, Mise en place d'une signalétique".

Dat ass wierklech vill Aufgaben, déi si hunn, par rapport zu enger Konventioun vun awer nëmme 25.000 €. Wou och nach eng Kéier dra feststeet, datt just 5 % dovunner kënnen an d'Personalkäschte sinn.

Wou mer ech mer dann awer och d'Fro stelle vun der Organisatioun hier: Wie mécht

dann do den daily Suivi? Firwat gëtt et déi Begrenzung vun deene 5 %? Wat dann an der Wierklechkeet 1.250 € sinn, déi een héchstens als Personalkäschten däerf ausginn.

An dann hunn ech mer effektiv d'Fro gestallt – ech verstinn de Gedanken, fir ze soen, dee Patrimoine däerf net verluer goen. A wann och wann iergendwann eng Kéier aus wéi enge Grënn och ëmmer d'Entente Mine Cockerill net méi sou funktionéiert, datt d'Stad Esch déi kritt.

Ech stelle mer awer wierklech d'Fro – d'Entente Mine Cockerill ass eng ASBL. An all ASBL steet an hire Statutten, wat en cas de dissolution mam Patrimoine geschitt. Dat heescht, dat hei wär eng Dispositioun, déi, fir kënne rechtskräfteg ze ginn, misste si och hir Statutten änneren an dat hei ganz kloer an hire Statutte verfaassen.

Dofir meng Fro: Ass dat an hire Statutte sou virgesinn? Well soss si mer an engem zumindest Vide juridique. An do stellen ech mer d'Fro, ob een net hätt kënnen eng Formulatioun fannen, datt en cas de dissolution d'Gemeng e Virkafsrecht oder sou, datt een eng Formulatioun fonnt hätt, déi vläicht net grad esou e Changement vu Statutten – ech weess net, ob se gemaach gi sinn oder net – géif bedeiten.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, wéi gesot, nach eng Kéier och merci dem Här Zwally, datt hien an d'Kommissioun komm ass an eis dann dat doten erkläert huet.

Natierlech, d'Entente Mine Cockerill ass fir Esch an de leschte Jore wichteg gewiescht, e wichtegen Aspekt vun eiser historescher Vergaangenheet, wou dat dann doduerch nach besser en valeur gesat gëtt.

Hei ass och, mierken ech, virsiichteg virgaangen. Datt d'Sécherungen am Fong geholl an där heiter Konventioun mat dobäi sinn, fir datt am Fong geholl normalerweis jo näischt kéint schifgoen, ausser vläicht, wéi gesot, datt een nach misst en Duebelcheck maache mat de Statutte vun der ASBL Mine Cockerill.

Awer an deem Prinzipp, wann dat heiten esou sollt, datt ee sech doru kann halen an dat och géif am Problemfall esou ausgoen, wéi et hei drasteet, kann een dat jo nëmmen ënnerstëtzen.

An et ass wouer, datt de Präis, vu que datt ech meeschtens ëmmer d'Tendenz hunn, op de Budget opzepassen, datt ech fannen, datt 25.000 € an deem Fall fir alles, wat geleescht gëtt, wierklech net ze deier ass.

An dat ass dann och derwäert, datt een dat dann och eemol beliicht, wann et fir mech an déi absolutt gutt Richtung geet an negociéiert ginn ass. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech wëll dann awer kuerz op déi Froen äntweren. Den Här Funck huet gefrot, dass een dat soll definéieren. Mee mir wollten dat net definéieren, well mir gesinn hunn, dass

déi lescht sechs Joer effektiv nëmmen zwou Sitzunge stattfonnt hunn. An ech mengen, vun der haiteger Oppositioun war deemools vun der Majoritéit den Här Faltz mat am Kommitee.

A wat ee ka mierken, dat ass, wann op eemol Leit verschwannen, net méi do sinn an aus iergendengem Grond net méi opdauchen. A wann een dann higeet an och als, wéi mir elo, als kommunal Administratioun a soen, hei, mir maachen dat net breet op a mir soen exklusiv, datt et nëmmen een ass vun eisem Departement industriel respektiv och vun engem anere Beräich.

Ech mengen, eis ass et wichteg, dass mer een dohinner setzen, deen eppes dovunner versteet an deen och weess, a wat fir eng Richtung dass et ka goen.

Dat kléngt e bësse paradox, mee dat ass awer e bëssen, sou wéi ech wëll funktionéieren. Well ech wëll keen dohinner setzen, dee vun Tellerwäschen oder wat och ëmmer näischt versteet. Ech wëll dat ganz kloer sou definéiert hunn. An ech mengen, dat ass déi Ausriichtung, déi ech och an deem Sënn wäert hei ëmmer vertrieden.

Den Här Baum huet dräi Froe gestallt. Dat eent ass, ech kommen elo mol op dat, wat déi 5 % Personalkäschten ubelaangt. Déi hu mer dragesat, well mer der Meenung sinn, dass si och vu sech aus kënnen, wa si wëllen, e Student oder wat och ëmmer engagéieren, da kënne si dat maachen.

Mir ginn awer net op de Wee a mir stelle 25.000 € zur Dispositioun, fir verschidden Aufgaben op sech ze huelen. Mir hunn dat an der Vergaangenheet gesinn. Ech brauch nëmmen ee Beispill ze ginn, dat Der och kennt, mat deene 7 Milliounen, déi mer zur Verfügung gestallt hunn. Wou mer gemierkt hunn, dass am Laf vun de Joren, Méint a Jore Leit agestallt gi sinn, ouni eis ze froen.

Mir haten do einfach näischt, wou mer hätte kënnen drop awierken an deem Sënn. A wéi et du fäerdeg war, da waren der 15, déi agestallt goufen. An herno ass da gesot ginn, Dir kënnt dat dote guer net opléisen, well Dir hutt Iech net ëm d'Personal bekëmmert, obscho mer dat ëmmer gesot hunn.

An dofir ass eigentlech dee Garde fou agesat ginn, fir ze soen, mir si bereet, Suen auszeginn, mee wann et ëm d'Personal geet, gi mir gär gefrot. An dofir hätte mer och gär, dass de Kommitee funktionéiert. An an deem Kommitee gëtt dann déi Decisioun geholl, dass et an déi dote Richtung geet.

Haut ass et och esou, dass bei der Entente Mine Cockerill een agestallt ass, deen déi ganz Visitten an och d'Ouverturen assuréiert. Mee deen ass nämlech vun der ANF agestallt ginn. Dee gëtt vum Ministère bezuelt.

An dofir soen ech, wa mer d'Personalpolitik wëlle richteg och an eise Konventioune funktionéieren dinn, dann ass fir eis déi 5 %-Klausel eng vun deene Klauselen, déi mer einfach wëllen opstelle par rapport zu den ASBLen, sou wéi si dat gesinn hunn.

D'Statuttenännerung hu si gemaach. De leschten Dënschdeg hate si hir Assemblée générale. Do ass eng Statuttenännerung gemaach ginn. Ech weess awer elo net, ech wëll do éierlech mat Iech sinn, wat dat vun Ännerunge war. Ech sinn ze spéit komm, dofir hunn ech net alles matkritt.

Mee wéi gesot, mir ass opgefall, dass si gesot hunn, si hätten eng Statuttenännerung gemaach, an ech hoffen och, dass dat an dësem Kader hei dann déi Fro beäntwert, wat dann hire Patrimoine ubelaangt.

Par conter hunn ech awer och gemierkt, an dat hu si och zouginn, dass si selwer Schwieregkeeten hunn, fir eigentlech déi

Donatiounen an e juristesche Kader ze setzen. An do ass e bëssen, wou d'Angscht bei hinne virkënnt.

Et kënnt een dohinner an hie gëtt eppes of an da seet hien zu hinnen, hei, ech ginn dir dat, an domadder war et dat. A si kënnen haut net méi recenséieren, wien dat war. A wann d'Famill kënnt – an do ass e bëssen déi Angscht, déi bei hinne stécht – an dee seet, ech hätt gär dat doten erëm, mäi Bop huet dir dat ginn, weis mir dat, dass du dat kritt hues.

An dat ass e bëssen de Kader, dee mer do wëlle schafen, wou mer soen, Dir sidd e Musée, mee passt awer wannechgelift op, wann Der eng Donatioun kritt, wann Der iergendeppes hutt, da musst Der Iech juristesch ganz kloer ausriichten, fir dass dat doten net virkënnt.

An an deem Sënn schaffe mer och bei hinnen op deem Volet. Engersäits vun eis, well mir sinn ausgerüst. Fir eis ass dat absolutt kee Problem. Mir hunn do eis Servicer, déi hunn dat wärend dräi Joer ausgeschafft, dass mer do juristesch ofgedeckt bleiwen. A mir hoffen, dass si dat och hikréien.

Voilà, ech mengen, dat ass dat, wat eigentlech als Äntwert ech Iech wollt ginn. An an deem Zesummenhang, wéi gesot, ech kommen nach eng Kéier drop zeréck: d'nächst Joer ëm dës Zäit sollt et am Kommitee gutt funktionéieren, sollt et dann aner Ännerunge kommen, am Text, Avenanten, da wäerte mer dat selbstverständlech och maachen.

Mee awer nach, dat hunn ech elo awer ganz interessant fonnt, och fir mäi Ressort. Et gëtt iwwerall elo méi Geld gefuerdert – dat ass tipptopp. Ech wäert dat am Hannerkapp behalen.

Ech sinn och der Meenung, dass 25.000 € exklusiv nëmmen dofir kënne sinn, fir dass si kënnen hir Aarbecht am Alldag maachen. Wa mol sou eng Saach kënnt wéi de Schacht, dee muss erneiert ginn, extern speziell Subsiden, och d'Minièresbunn.

Ech mengen, dat ass eppes, dat méchs du net mat 25.000 €. Ech hunn hinnen dat och gesot, da solle se komme mat engem Subside extraordinaire. A sou wéi ech dat elo och verstinn, wäerte mer dat da selbstverständlech och gemeinsam hikréien. An deem Sënn merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

No sou vill Enthusiasmus, au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.4.1. Convention avec l'association CND Luxembourg ; avenant ; décision

### 8.4.2. Convention avec l'association Independent Little Lies ASBL ; avenant ; décision

### 8.4.3. Convention avec l'association Kulturfabrik ASBL ; avenant ; décision

### 8.4.4. Convention avec l'association Luxembourg Pride ASBL ; avenant ; décision

### 8.4.5. Convention avec la Fondation Musée National de la Résistance ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei eng ganz Rëtsch Konventiounen am Beräich vun der Kultur, wou den Här Knaff se zesumme wäert presentéieren. Et kann awer natierlech och herno eenzel ofgestëmmt ginn.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Et geet hei ëm fënnef Avenanten am Beräich vun der Kultur. Dat eent ass den Avenant par rapport zum Concours national de Danse. Do hu mer par rapport zum leschte Joer eng Augmentatioun vun 3.600 op 6.000 € an der Contributioun vun der Stad.

Dat hänkt domadder zesummen, datt den Theater, wou dee Concours ofgehale gëtt, also eisen Theater, datt do d'Locatiounsfraise méi deier gi sinn a mir dat gär hëllefen, ze couvréieren.

Independent Little Lies, déi ware konventionéiert op 120.000 d'lescht Joer. Si kréien 150.000 € dëst Joer, well si den 30. Anniversaire feieren. Am Kader vun hirem 30. Anniversaire, do wäerte se notamment e Film och dréien iwwer déi 30 Joer Existenz. An ech mengen, dat wäert schonn e wichtegen Zeitzeuge ginn, wéi Independent Little Lies entstanen ass, sech developpéiert huet a wat se haut sinn. Ech mengen, dat gëtt e gudden Invest.

Dann eis Contributioun zur Kulturfabik. Do gëtt et eng Augmentatioun vun 1,575 Milliounen Euro op 1.689.000 €. Do geet et surtout ëm d'Augmentation vun der Masse salariale. Dat heescht, de Coût vun der Aarbecht gëtt méi deier duerch d'Indextranchen. An déi hu mer iergendwéi misse probéieren, auszegläichen, well soss d'Aktivitéit vun der Kufa hätt wierklech missen zeréckgeschrauft ginn. An dat wollte mer awer net.

Do ass och nach ëmmer ze regrettéieren, datt no deem Modell, deen ausgemaach gi war am Ufank vu 50:50-Contributiounen, vum Staat a vun eis, datt de Staat nach ëmmer net sech do adaptéiert huet un eis Contributioun. An ech mengen, do misste mer wierklech nach eng Kéier kucken, datt do de Staat seng Responsabilitéit iwwerhëlt.

Wat d'Luxembourg Pride ugeet, do bleiwe mer beim selwechte Montant wéi de Subsid vum Joer 2024.

A beim Musée national de la Résistance, do ass et eng Augmentatioun vu 550.000 € op 698.000 €, well do eng Persoun weider agestallt gëtt. En Universitaire, deen d'Reie vum Personal vum Musée wäert vervollstännegen. An dofir mussen déi zwee Träger dann do e bësse méi bäileeën.

Voilà, dat sinn déi fënnef Avenanten, déi ech lech géif bieden, ofzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci. Also mir wäerten déi fënnef Avenanten natierlech och matstëmmen.

Vläicht just eng Suggestioun, well dat herno mat der nächster Konventioun och kënnt. Ech weess, datt déi Organisatiounen alleguer och Rapport-d'activitéë maachen all Joer. Sou wéi ech weess, gi si sech och zimmlech vill Méi.

An et ass eng Suggestioun, datt mer vläicht an Zukunft bei Konventiounen, déi awer e gewësse Montant iwwerschreiden, 10.000, 15.000, 20.000 €, datt mer dann och als Conseilleren déi Rapport-d'acitivitéë kréien.

Dat ass, mengen ech, am Interêt vun eis alleguer, datt mer och wierklech gesinn, wat déi maachen, déi Associatiounen. A gläichzäiteg ass et och eng minimal Kontroll awer, déi mir als Gemengerot iwwer den Emploi vun deene Suen hunn, déi mer ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Tonnar.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Jo, mir ënnerstëtzen dat natierlech och.

Den Här Knaff ass mer schonn zevirkomm. De Liblingssujet, dass de Staat net kapabel ass, dee 50:50 ze respektéieren. Ech géif lech nach eng Kéier wierklech bieden, do ze intervenéieren.

Et ka jo net sinn, dass dann op eemol gespuert gëtt beim Staat, wou déi Suen absolutt néideg sinn a wou mer nach ëmmer virgaange sinn a gewisen hunn, dass mer déi Kufa brauchen an dass se gutt funktionéiert. An dass et net méiglech ass, dass do keng Sue solle sinn, fir dat 50:50 ze maachen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Wann dat all d'Wuertmeldunge sinn, kucken ech an d'Ronn, kënne mer se zesummen ofstëmmen. Solle mer se getrennt ofstëmmen? Zesummen. Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ≡ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ganz kuerz.

Maja, wéi gesot ginn ass och scho virdrun. Wat déi Konventiounen am Kulturberäich ugeet an och am Generellen, wann de Montant am Fong geholl, géif ech soen, vläicht kéinte mer eis op 10.000 € da festsetzen.

Wann et iwwer dee Montant erausgeet, wär et awer wierklech gutt, net nëmme vläicht

e Joresbericht, mee dann och e klenge Budget dobäi ze kréien, fir datt ee weess, wat mat deene Suen am Fong geholl an de grousse Linnen – et muss jo net am Detail sinn – geschitt, wou mer dann hei dofir ënnerschreiwen an eis Responsabilitéit am Fong geholl engagéieren.

Dat heescht, jo, ech géif dann déi Propos maachen. Da kéint ee vläicht de Montant vun 10.000 huelen an der Zukunft, wann dee Beräich géif iwwerschrëdden, iwwerschrëtt géif ginn, datt een dann e Bericht am Fong geholl kritt. A vläicht nach souguer méi wichteg, e Budget, fir och genau ze wëssen, fir ongeféier ze wëssen, wat mat deene Suen dann och wierklech geschitt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Knaff preziséiert, dass mer och vun all Organisatioun e Rapport d'activité hunn. A mir stellen déi dann nodréiglech no.

Wann dat lech dann iwwerzeegt, fir d'nächst Kéier matzestëmmen, dann ass ëmsou besser.

### 8.5. Convention avec l'association Transition Minett ASBL; avenant; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei eng Konventioun mat Transition Minett ASBL. Den Här Sehovic, deen huet eis scho missen op de Ministère verloossen, mee Dir hutt déi ganz Dokumentatioun zu Transition Minett kritt.

Et geet ëm e Subsid iwwer 762.000 € fir déi ganz Aktivitéiten, déi eeben um Territoire vun der Stad Esch gemaach ginn. Ech mengen, dass mer allequer Transition Minett kennen, alleguerte scho reegelméisseg begéint hunn.

An ech kucken an d'Ronn, ob et Wuertmeldungen dozou gëtt. Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Weis.

Jo, et geet e bëssen an déi selwecht Richtung, wéi hei vis-à-vis elo gesot ginn ass. Ech mengen, den Här Sehovic hat e gudde Reflex d'lescht Kéier, wéi mer hei nach iwwer ganz grouss Zomme geschwat hunn als Subsid fir eng ASBL, dass hien do bereet war, fir eis den Dossier eranzereechen.

Elo bleiwen ech awer leider Gottes och hei, schléissen ech mech dann och dem Här Baum un, e bëssen op mengem Honger sëtzen, well et awer wichteg wär, dass mer och géife wëssen, wat da reell mat deene Sue geschitt ass.

Si ginn eis eng Aussiicht, wat si wäerte maachen. Mee ech mengen, datt et genausou wichteg ass, ob et och realiséiert ginn ass. Ech mengen, et ass ëmmer en Ënnerscheed tëscht Wëllen a Maachen. An ech denken, dass dat am Sënn vun eis allequer an och an der Kredibilitéit vun der ASBL.

Et sinn dann awer Zommen, 750.000 €, dat sinn d'Personalkäschte vun engem Service vun der Gemeng. An dat soll een dann och an där Richtung e bëssen händelen. Déi hunn e Restaurant, si hu PV-Anlagen, si hunn de Facilitech. Ech mengen, mir stellen dat alles net a Fro, mee et wär net schlecht, wa mer awer do e richtegen Aktivitéitsbericht hätten, wat déi dann un Onkäschte mat sech droen. Ob déi Zuel dann och ugepasst wär. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wann et soss keng Wuertmeldunge gëtt, au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ≡ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da kënnt eng Konventioun par rapport ...

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Ech hat Abstention.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Jo, mer begrënnen nach d'Abstentioun.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Gutt. Merci, Här Buergermeeschter.

Just nach eng Kéier, fir ze soen, Dir hat mer virdrun am Fong geholl gesot, de Bericht wär dobäi. Dat ass gutt. Mee wann et iwwer 10.000 € geet, wär et am Fong geholl gutt, et wär e Bericht dobäi an och e Budget, fir datt ee weess, wat hu se an der Vergaangenheet domat gemaach a wat wëlle si an Zukunft mat deene Sue maachen, wou se kréien.

Dat ass just alles.

## 9.1. Office social; convention tripartite pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Elo ass et um Här Cavaleiro zum Office social. Här Cavaleiro, Dir hutt d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech mengen, lues a lues si mer an der Zäit, dofir denken ech, jiddwereen huet d'Konventioun gelies, jiddweree kennt d'Konventioun. Et ass näischt Neies.

Et ass eng Conductioun. D'Beträg si jo bekannt. Mir schwätzen hei vun engem Total vun 2.634.926,21 €. De Ministère dréit 50 %, mir 50 %, sou datt eis Participatioun fir 1.317.463,11 €, an dat agedeelt a véier Tranchen. Véier Avancen, déi wärend dem Joer ausbezuelt ginn.

Ech géif soen, ech froen Äre Vott.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Et ass keng nei Konventioun dat do. Dat kenne mer vum leschte Joer. Gëtt et Froen dozou? D'Madamm Ragni.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Ech wollt just eng ganz kleng Suggestioun maachen.

Ech hu mer soe gelooss vun de Leit, déi zum Beispill op den Office social ginn, fir eng Adress ze kréien, datt se dann dee Moment en Datum matgedeelt kréien. De Problem ass awer bei deene Leit ganz oft, dass se ganz vill Saachen hunn oder ganz vill Datumen hunn an dat mol gär vergiess gëtt.

An et wär vläicht just eng Suggestioun, fir ze soen, okee, da kéint een eventuell e Rappel erausschécken deene Leit, déi dann d'Adress erneieren, dass den Datum ofleeft. Einfach soen ech, well wa se dat net maachen, dann hu mer duerno erëm vill méi Problemer, déi bäikommen. Zum Beispill, datt se dann hir Aarbecht verléieren, well se keng Adress hunn etcetera.

Just eng kleng Suggestioun. Ech hunn dat matgedeelt kritt. Dat heescht, ech wëll elo do guer net an där Aarbecht intervenéieren. Ech si mer sécher, dass den Office eng ganz gutt Aarbecht mécht. Ech wollt dat just eng Kéier hei weiderginn, dass dat ka vläicht eng Kéier un den Office weidergeleet ginn, dass ee vläicht do e klenge Rappel un déi Leit kéint maachen, fir déi Adress dann nach eng Kéier ze erneieren. Voilà, ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

ça va. Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Ech kann dat natierlech weiderginn. Mee et muss een awer och wëssen, hei geet natierlech ëm Matschaffen an ech mengen, datt dat och de Minimum ass vun de Clienten, datt se och wëssen dee Moment, datt se och hannendrun Obligatiounen hunn. Mee ech ginn de Message natierlech och weider.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↝ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 9.2. Office social ; convention AIS avec la Fondation pour l'Accès au Logement ; avis

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

E weidere Punkt vum Office social. D'Konventioun mat der AIS. Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech ginn do awer e bëssen an den Detail, well et awer trotzdeem en neien Dokument ass, deen et virdrun net gouf. Et ass just fir en Avis ze stëmmen.

Hei stellen ech dann, wéi gesot, den Avis fir d'Konventioun tëscht dem Office social an der Fondation pour l'Accès au Logement vir.

Dës Konventioun ass en entscheedende Schrëtt an der Kooperatioun tëscht den ëffentlechen Autoritéiten an de sozialen Organisatiounen, fir d'Liewensbedéngunge vu vulnerabele Persounen ze verbesseren. Besonnesch am Beräich vum bezuelbare Wunnen.

Hei eng kuerz Beschreiwung vun der Konventioun tëscht dem Office social Esch an der Fondation pour l'Accès au Logement. Am Unhang fannt Dir de Modell, wéi gesot, vun der Konventioun mat den Annexen, sou wéi se ënnerschriwwe gouf.

Dës Konventioun erlaabt et dem Office social, dass 30 Demandeurs d'aides vum Office social kënnen eng Wunneng vun der Fondatioun, déi am Kader vun der Gestion locative sociale an dem Projet vun der Agence immobilière sociale vun der Fondation pour l'Accès au Logement bei private Proprietären ugelount ginn, kréien.

D'Demandeure vum Office social ginn dofir op enger spezifescher Waardelëscht vun der Fondatioun gefouert an d'Wunnengen no de Krittäre vun der Fondation pour l'Accès au Logement besat. Dës Krittären enthalen de Rang op der Waardelëscht, d'Conformitéit vun der fräier Wunneng zur Composition de ménage an d'finanziell Méiglechkeete vum Menage.

D'Fondatioun mam Office social decidéiert zesummen, wéi e Suivi social déi logéiert Leit brauchen. Dëse gëtt da vum Office social an Zesummenaarbecht mat eventuelle Partner, wéi zum Beispill der Ligue, fir de Suivi finanzéiert, duerchgefouert.

An der Theorie gi Wunnenge fir eng Durée vun dräi Joer verlount, mat der Méiglechkeet, dës Durée ze verlängeren, aktuell bis zu fënnef Joer. De Contract de mise à disposition gëtt vun der Fondatioun geréiert, déi sech och ëm d'Wunneng këmmert.

An d'Haaptpunkte vun der Konventioun si wéi follegt. Ëmsetzung vun 30 PISen, also Projet d'inclusion sociale, an dräi Joer. D'Fondatioun engagéiert sech, fir d'Ëmsetzung vun deenen 30 Projeten, déi duerch d'Demande vum Office social realiséiert ginn.

Sozial Begleedung. Den Office social garantéiert eng individuell sozial Begleedung vun de Beneficiairen, fir eng besser sozial a finanziell Stabilitéit ze erreechen.

An dann och nach eng finanziell Bedeelegung vum Office social bei zwee technesche Mataarbechter an der Karriär C3 vum CCT-SAS, déi dës Missioun ënnerstëtzen. 7,5 % op der Masse salariale fir Frais de gestion wärend der Dauer vun der Konventioun. An eng eemoleg Frais d'equipement an Héicht vun 2.500 € pro Wunneng ginn och nach vum Office social gedroen.

Finanziell Transparenz. D'Fondatioun ass verflicht, reegelméisseg finanziell Dokumenter an Decomptë virzeleeën, déi dem Office social iwwerpréift kënne ginn.

An dann d'Flexibilitéit, flexibel Adaptatiounen. Falls néideg, kënnen Ännerungen an der Konventioun all Joer bis den 30. Juni of-geschwat an ëmgesat ginn.

D'Dauer vun der Konventioun. Dësen Accord trëtt den 1. Mäerz a Kraaft a gëtt automatesch fir ee Joer verlängert.

D'Finanzéierung vun dësem Projet geschitt iwwer d'Moyenen, déi den Office social vun der Lotterie nationale zur Verfügung gestallt kritt. Dat bedeit, dass déi finanziell Mëttel, déi bis elo fir d'Participatioun vum Office social un der Compensation de l'allocation de vie chère vun der Gemeng bäigesteiert goufen, elo net méi dofir benotzt ginn. An dësem Kader wäert d'Gemeng natierlech déi Compensation de l'allocation de vie chère eleng finanzéieren.

Dës Konventioun gesäit vir, datt d'Beneficiairen net nëmme Wunnraum kréien, mee och sozial begleet ginn, fir sou hir Autonomie ze stäerken an hinnen eng Perspektiv fir d'Zukunft ze bidden.

Dës Approche huet schonn an anere Gemengen hir Effizienz gewisen an et ass e wichtege Schrëtt an der Lutte géint sozial Inklusioun.

Ech géing lech da bieden, deen Avis positiv ze aviséieren. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Da stëmme mer deen Avis. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10.1. Acte de vente portant sur un appartement sis 56, Rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

## 10.2.1. Compromis de vente relatif à un appartement sis 52, Rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

## 10.2.2. Compromis de vente relatif à un appartement sis 56, Rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

## 10.3.1. Contrat de location d'un emplacement intérieur dans la Résidence Mont Blanc (lot 6N) ; décision

## 10.3.2. Contrat de location d'un emplacement intérieur dans la Résidence Mont Blanc (lot 6N) ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Acte-de-venten, Compromis-de-venten oder Contract-de-locationen, déi alleguerten de 6N betreffen. Dowéinst huelen ech se och zesummen duerch.

Et handelt sech ëm een Acte de vente, oder zwee Compromis-de-ventë fir Appartementer am Lot 6N. Domadder si mer bei 13 vun 19 Appartementer, déi da verkaf géinge ginn. Dat am Bail emphytéotique. D'Appartementer hunn tëscht 82 an 88 m² a se kaschten, no Ofzuch vun de Subsiden, toutes taxes comprises, tëscht 418.000 a 460.000 €.

An dann hu mer och nach zwee Contract-de-bailen am 6N fir jeeweils 145 € de Mount ofzestëmmen.

Mir haten eng Versammlung och par rapport zu der Vente an den Nonnewisen. Do kritt Der Ufank vun der nächster Woch e Rapport zougeschéckt, fir ze iwwerliesen

an ze confirméieren, ob dat d'Konklusioune waren, déi mer un de Schäfferot kënne weiderginn.

Awer ech froen elo, ob et Froen zu dësen Akten hei gëtt? Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10.4. Avenant II à la convention avec Bonaria Frères SA relatif à l'immeuble sis 375, Rue de Belval ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

En Avenant zu enger Konventioun mat Bonaria Frères. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Et ass eigentlech de leschten Avenant, dee mer wëlle stëmmen. Bis den 31. August hu mer mat Bonaria Frères ausgemaach, fir dass se hir Saachen, déi se bei eis stockéiert hunn, beim Parisotto, ewechhuelen. A si sinn och domadder d'accord. An an deem Sënn kréie mer dann e bësse méi Raum.

Dir wësst, dass de Parisotto-Site nach wie vor ëmmer besat ass. Mee Ausgangs des Joers wäert en och disponibel si fir eis Gemengeservicer, an da kënne mer e bësse méi Stockage halen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.5.1. Acte de cession gratuit de la part de la société de développement AGORA SARL de parcelles sur le site Belval ; décision

### 10.5.2. Intégration de plusieurs parcelles dans le domaine public communal ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann huelen ech d'Punkten 10.5 zesummen.

Hei geet et ëm Parcellen, déi mer vun Agora an eisen Domän iwwerschriwwe kréien. Dat heescht, eng Kéier musse mer stëmmen den Acte de cession gratuit an eng Kéier d'Integratioun an eisen Domaine public communal.

Et si sechs Parzellen, déi mer kréien. Dat ass eng Kéier d'Parzell tëscht dem Agora-Gebai an dem Tuerm vum Fonds Belval, zwou Parzelle bei der Porte des Sciences an en Deel vun der Rue de la Fonte. Eng Parzell, wou et aus dem Parkhaus Plaza 1 erausgeet, respektiv och eng Parzell, wou et vun do aus an d'Rue du Swing weidergeet. An eis Stroossesäit vun der Rue du Bataclan.

Et ass esou, dass dat en Exercice ass, dee mer reegelméisseg maachen, well Agora selwer net fir d'Erstelle vun deenen dote Beräicher, vun den Infrastrukturen zoustänneg ass, mee duerno gëtt dat un d'Gemeng iwwerschriwwen.

Hei si Parzellen, déi an engem gudden Zoustand sinn, wou keng Aarbechten à l'imédiat ustinn a wou mer dann och dowéinst wëllen unhuelen an an eisen Domaine public integréieren.

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.6. Contrat de location portant sur un local sis 98, Rue de l'Alzette (Exposition 'Verschwonne Gebaier') ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer e Contrat de location fir e Lokal an der Uelzechtstrooss, wou Der am Moment kënnt eng exzellent Ausstellung iwwer verschwonne Gebaier besichtegen. Dat ass e Kontrakt vum 1. Mäerz bis den 30. Abrëll. De Loyer pro Mount läit bei 2.000 €.

Froen dozou? Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Nee, et ass keng Fro. Et ass just eng Suggestioun, dass mer wierklech méi Reklamm nach sollte fir déi Ausstellung maachen. Se ass nëmme ganz kuerz do a se ass wierklech gutt. An de Virdeel ass, d'Leit brauchen net vill Zäit, fir do kënnen doduerch ze goen, sech dat ukucken ze goen.

Dofir den Appell: Komm, mir maachen do wierklech nach méi Reklamm. Well dat doten ass nämlech och e gutt Beispill dofir, wéi een eng eidelstoend Geschäftsfläch kann notzen an d'Leit op Esch zéien.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech huelen déi dote Felicitatioune weider un den Här Zwally an u seng Servicer, déi do eng gutt Aarbecht gemaach hunn a roueg encouragéiert solle ginn, dat weider ze maachen.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10.7. Convention avec la société CREOS relative à la construction d'une nouvelle ligne souterraine à haute tension raccordant le poste d'Ehlerange au nouveau poste de Sanem ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Elo kënnt nach eng technesch Geschicht. Doweinst den Här Zwally zu enger Konventioun mat Creos.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci. Ech mengen, et ass séier gedinn. Creos ass un eis erugetrueden, fir kënnen eng nei Leitung ze leeën op der Héichspannung tëscht dem Posten Éilereng an dem Poste vu Suessem.

Dat ass eng gängeg Geschicht a mir hunn natierlech och eisen Accord ginn. An dofir géif ech Iech dann och bieden, fir deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Keng Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 11. Questions de personnel traitées en séance publique

### 11.A.1. Création d'un poste de fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, auprès du service des Sports ; décision

### 11.A.2. Création d'un poste dans la carrière C6 (CCT SAS) auprès du service social d'interventions urbaines – suppression poste de fonctionnaire dans la carrière A2 ; décision

### 11.A.3. Création d'un poste dans la carrière C6 (CCT SAS) auprès du service social d'interventions urbaines – suppression poste dans la carrière C4 ; décision

### 11.B.1. Réduction du stage de Madame Jill Schmitz, fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif ; décision

### 11.B.2. Réduction du stage de Monsieur Mike Bertemes, fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique ; décision

### 11.B.3. Réduction du service provisoire de Madame Cynthia Trinjean, employée communale dans le groupe d'indemnité B1 ; décision

### 11.C. Prolongation de stage de Monsieur Mike Bertemes, fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir sinn elo Véierel op eng. Ech proposéieren, dass mer duerch d'Personal ginn, de Pluriannuel fir haut erofhuelen an op den nächste Gemengerot verleeën. An dann nach d'Devisen, d'Relevéen an esou awer nach duerchstëmmen, wann dat elo okee ass.

Ech géif dofir proposéieren, mir maache mam Personal weider. An duerno de PPF, da stëmme mer deen erof herno.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech ginn da séier doduerch a maachen et wéi allkéiers. Mir hunn am Service des Sports eng Kreatioun vun engem Redakter, déi mer maachen, am Grupp B1. Awer gläichzäiteg maache mer och eng Suppressioun vun engem Fonctionnaireposten am C1. Déi Madamm ass an d'Pensioun gaangen, sou dass mer en Upgrade maachen op eng Karriär vun engem B1.

Dann hu mer natierlech an der Coordination sociale, sou wéi den Här Cavaleiro dat scho gesot hunn, d'Creation de poste am Statutt vum Salarié à la tâche intellectuelle an der Karriär C6. Gläichzäiteg maache mer och eng Suppressioun vun deene Leit, déi an der entsprechender Karriär waren.

An dann och nach zousätzlech den zweete Posten, deen annoncéiert gouf, an der Karriär vun engem Salarié à la tâche intellectuelle, an och déi Suppressioun.

Dann hu mer bei dem anere Volet d'Reduction-de-stagen, do sinn dräi Leit, déi eigentlech gefrot hunn. Déi erfëllen och alleguer déi Konditiounen, sou dass mer deenen dräi Leit dat kënnen accordéieren.

An dann hätte mer nach eng Prolongation de stage. Do ass den Examen d'admission nach net ganz fäerdeg. An ech géif lech dann och proposéieren, deem doten zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 12.1. Plan Pluriannuel de Financement (PPF) 2026 - 2028 ; présentation et discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da meng Propos, fir de PPF vum Ordre du jour ze stëmmen.

Also de PPF, dat ass en Dokument, dat muss een ëmmer bis Mëtt Februar un den Interieur schécken an duerno gëtt et dann diskutéiert. Den Interieur huet et kritt am Delai. Mir kënnen dat och an dräi Wochen diskutéieren an eis déi Zäit do huelen, well et jo awer ëm Milliounen a Millioune geet, an eng grondsätzlech budgetär Diskussioun eigentlech och.

Mir missten et, mengen ech, awer erofstëmmen. Oder Här Sekretär?

*(Confirmatioun)*

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 12.2.1. Concept de surveillance caméra – espace public ; devis estimatif ; décsion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Devisen.

Do hu mer den éischten Devis virleien, wou et ëm d'Installatioun vun de Sécherheetskameraen am Secteur Gare routière/ Boulevard Kennedy an op der Passerell geet, déi da mam Visupol verbonne wäerte sinn. Deelweis en direct, awer och nach bis 14 Deeg kënnen déi Video nodréiglech nach gekuckt ginn.

Et ass virgesinn, 24 Kameraen ze installéieren. Technesch Detailer vun de Kameraen, d'Installatioun, wéi dat technesch viru sech geet, dat hutt Der alles am Dossier gehat. Do waren och d'Pläng, wou Der ganz genau konnt identifizéieren, op wat fir Punkten d'Kameraen installéiert ginn. Zum Beispill un

d'Luuchtepottoen. An och wat fir Opnamen, also wat fir e Beräich déi matfilmen.

Dat hate mer och alles schonn eng Kéier hei am Gemengerot, wou mer och schonn eng Kéier en Avis dozou gestëmmt hunn. Mat enger Majoritéit, wou och presentéiert ginn ass, wéi dann déi Restriktioune sinn, wat däerf gefilmt ginn a wéi däerf gefilmt ginn. All dat, dat entsprécht och dann den Avisen oder de Virgaben, déi mer vum Interieur an den zoustännege Kommissioune kréien.

Dës Installatioun fir dës Plaz ass en Devis, dee virläit mat Estimatiounen iwwer 865.000 €.

Ginn et Wuertmeldungen dozou? Den Här Tonnar.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Also mir sinn der Meenung, dass awer bei 865.000 € e puer Detailer kéinte sinn.

Dat eenzegt, wat ee liest – dat ass formidabel: de Coût total. De Coût des travaux ass 500.000 €, an da kënnt e Posten „Divers travaux imprévus": 100.000 €. An dann en drëtte Posten: Estimations imprévues et révision de prix 115.000 €.

Et deet mer leed, dat do ass de Geck mat eis gemaach. A soss guer näischt. Dat do stëmmen ech op jidde Fall net. An do, wou ech d'Procuratioun hunn, stëmmt dat och net.

Et kann een net op déi do Aart a Weis soen, et kascht 500.000 €, an da kascht et der op eemol 865.000 €. Haalt op, awer do de Geck ze maachen.

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Ramdedovic ... also, ech äntweren awer direkt, well et eng Formsaach ass.

Am E-Conseil konnt Der ganz genau alleguer d'Detailer vum Devis zënter iwwer enger Woch nokucken, wéi d'Installatioune sinn, wat fir eng Apparater. All dat ass opgelueden.

Dir wësst, dass mer zwar e Pabeierdossier hunn, mee am E-Conseil ëmmer nach supplementaire Elementer pour information dra sinn.

Den Här Baum an den Här Ramdedovic.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech enthale mech net wéinst der Form, mee wéinst dem Fong. Mir haten déi Diskussioun. Dofir wäert ech deen heiten Devis net matstëmmen.

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Dann den Här Ramdedovic.

**M. Dejvid Ramdedovic (CSV)**

Merci fir de Wuert.

D'Installatioun vu Kameras ronderëm d'Escher Gare huet vill Virdeeler. D'Sécherheet geet verstäerkt an erlaabt et, Vandalismus, Ugrëff a Klauer ze verhënneren, sou datt de Reesender, d'Personal an de Bewunner vu Gare a besonnesch vu Boulevard Kennedy méi Rou hunn.

Hëllef an Echtzäit duerch Biller, déi gefangen ginn, kënnen de Forces de l'ordre hëllefen, séier op d'Incident oder eng Notsituatioun ze reagéieren. Am Fall vu kriminellen Akten oder Accidenter sinn d'Videoopname wichteg Beweiser, fir Enquêten ze léisen.

D'Presenz vun der Kamera berouegt Passagéier an dëst desorientéiert de Mënsche mat schlechten Absichten a ka méi Leit encouragéieren, d'ëffentleche Verkéiersmëttel ze benotzen. De gratis Transport ass och d'Zil, fir ëffentlecht Transportsystem maximal ze benotzen.

Ech sinn der Meenung, datt d'Installatioun vu Kamera an e puer Quartiere vun Esch verbreede muss, wéi zum Beispill am Quartier vum Brill am Place de la Résistance. Kierzlech hat ech d'Méiglechkeet, dëst Sujet mat Bewunner ze diskutéieren, déi ganz no oder op der Place de la Résistance wunnen.

Et ass och eis Verantwortung, hinnen eng Stäerkung vun der Sécherheetsgefill ze bidden. Wëssen, datt d'Zonen iwwerwaacht sinn, kann de Residenten, d'Händler berouegen, wat zu enger méi roueger Atmosphär an de méi sensibele Quartiere bäidréit.

Ech hoffen, dat ass net déi lescht Installatioun vun de Kamera op enger Plaz zu Esch ass, mee dass mir weidermaachen, datt déi Installatiounen, fir eng besser Sécherheet a Rou fir eise Bierger ze bidden.

Ech soen Iech Merci.

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Ramdedovic. Den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, ech si frou, awer ze gesinn, datt et nach Leit ginn, déi wou am Fong geholl heiansdo meng Commentairen deelen.

A generell wëll ech domat nach eng Kéier soen, wann iwwer grouss Zommen, surtout iwwer grouss Zommen ofgestëmmt gëtt, ass et net nëmme gutt, datt e Bericht am Dossier läit an net nëmmen op engem digitale Medium.

An et ass och wichteg doriwwer eraus, datt een eng Diskussioun kann doriwwer féieren. An dat kënnt heiansdo hei ze kuerz. An do kann ech nëmmen soen: Wat richteg ass, ass richteg. An an deem Punkt musse mer eis verbesseren.

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann äntweren ech nach eng Kéier op der Form, dass tatsächlech et keng Verflichtung ass vun der Gemeng, fir komplett all Dokument auszedrécken an de Conseilleren zur Verfügung ze stellen.

Dir hutt, wann Der dat wëllt a wann den Dossier Iech esou net duergeet an Der net wëllt an den E-Conseil goen, hutt Der nach ëmmer d'Méiglechkeet, och sur place d'Dokumenter aliesen ze kommen. Wann dat dann eng aner Alternativ ass.

Mir schwätzen do wierklech, wa mer alleguer déi Devisen, wou Säiten a Säiten a Säiten ausmaachen, ëmmer ganz komplett géinge mat ausdrécken, dann hätte mer nach en zweeten Dossier.

Dowéinst, deen Tri do gouf gemaach, mee et war alles am Delai am E-Conseil, wou Der och alleguerten en iPad zur Verfügung gestallt kritt hutt vun der Gemeng, Material, souguer eng Imprimante normalerweis doheem hutt, wann Der Iech et wëllt ausdrécken. Ech kann Iech dann nëmmen uroden, dat och ze notzen.

An ech ginn elo au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz** ↻ (Jean Tonnar)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 12.2.2. École et maison relais Lentille Terres Rouges - construction ; devis estimatif ; décision

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei en Devis, deen nach e ganz anere Montant ass: 75 Millioune fir de Bau vum Campus op der Rouder Lëns.

Ech betoune Campus. Et geet net nëmmen ëm eng Schoul hei, et geet och ëm eng Crèche, eng Maison relais, déi op deem Site wäerte sinn. D'Schoul wäert esou gebaut sinn, dass och Centre-de-compétencë mat erakomme kënnen, dass mer herno iwwer 360 Kanner do kënnen accueiléieren.

Et ass esou, dass den Här Sehovic scho fort ass. Ech weess awer, mir schwätzen hei iwwer en décke Montant an elo wäert warscheinlech hei gesot ginn, et ass net genuch presentéiert ginn. Mir hätten et hei misse presentéieren.

Mir wäerten dann, mengen ech, och d'Presentatioun vum Projet u sech nach eng Kéier d'nächst Kéier presentéieren hei am Gemengerot. Ech wëll awer och drop verweisen, dass de Projet, sou wéi en do läit, schonn an der Schoulkommissioun war, schonn an der Finanzkommissioun war. Et Elementer gëtt. An dowéinst géing ech awer gär dat haut zum Vott stellen an d'Diskussioun opmaachen.

Gëtt et Wuertmeldungen? Den Här Pulli.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Jo, ech wollt awer och nach eppes dozou soen. Mir hate schonn e puermol ubruecht, dass eng modern Schoulplanung eigentlech doraus besteet, dass een als éischt e pedagogescht Konzept huet an dann d'Schoul ufänkt mat plangen.

Mir hu schonn e puermol dat hei ugeschwat. An hei hu mer erëm e relativ groussen Devis a mir hunn nach ëmmer kee pedagogescht Konzept virgestallt kritt. Och ass kee pedagogescht Konzept an der Schoulkommissioun virgestallt ginn à ce stade. Dofir fanne mer dat e bëssen, jo, dat feelt eis.

An et feelt eis och, dass d'Escher Enseignanten do net agebonne ginn, fir do bei där Planung matzehëllefen. Ech wollt déi zwee Punkten awer just umierken.

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli.

Also d'Escher Enseignementen, déi ginn als éischt emol vertrueden duerch d'Direktioun. An d'Direktioun kennt de Projet hei ganz gutt. Well de Projet ass awer och presentéiert ginn am Groupe de travail

Maisons relais et écoles, wou d'Direktioun vertrueden ass.

Genausou wéi d'Presidente vun deene verschiddene Schoulentitéiten, déi och jo d'Representantë vum Léierpersonal sinn. Dat heescht, déi kennen en och ganz gutt.

Elo kann ee soen, d'Enseignantë musse schonn nach virdru mat agebonne ginn an d'Konzeptplanung, mee eigentlech gëtt et e Kader, dee gesetzlech virgëtt, och fir eng Schoul ze bauen, ze orientéieren, a wat fir eng Richtung et do soll goen.

An déi do Diskussioun ze féieren, dat ass e bëssen, ass als éischt d'Ee do oder als éischt d'Hung. Well d'Enseignanten, déi verschidden Niveauen, déi gréisser Niveauen, also d'Direktioun an d'Presidenten, déi si scho mat agebonne ginn. An déi Leit, déi herno dann an déi Schoul enseignéiere kommen, déi ginn zu engem anere Moment mat agebonnen.

Ech ginn lech d'Beispill vun der Wobrécken-Schoul. Do hu mer dräi Joer, éier dass d'Ouverture komm ass vun der Schoul, dunn hu mer eng Ausschreiwung gemaach, fir ganz genau déi Leit erauszesichen, déi herno mat an déi Schoul plënneren. Do hir Coursen ubidden. An déi sinn och ganz aktiv agebonne ginn. An do sinn och nach Mauere geréckelt ginn oder Elementer am Bau anescht ëmmodeléiert ginn.

Dat ass e bëssen de Problem, dat hu mer och Erfarungen an anere Schoule gemaach, dat hu mer awer och – ech war op Diddeleng deemools, hunn ech déi Erfarung gemaach, dass e Constat war, dass zum Beispill och scho Schoule gebaut goufen a matgeplangt goufe mat Enseignanten.

An dee Moment, wou dunn d'Schoul opgaangen ass, ma do sinn déi Enseignanten an d'Pensioun gaangen oder déi ware fort. Dat heescht, et muss een einfach do méi flexibel sinn an et kann een net mengen, dass vun Ufank un déi selwecht Ekipp deen ee Projet bis zum Schluss duerchgëtt.

D'Enseignantë wäerte mat agebonne ginn, dat, mengen ech, zum richtege Moment. Hei si mer op enger Base vun engem Projet, sou wéi en am Kader einfach fir eng Schoul mat zwee Zich ze definéieren ass.

D'Kommissiounen hunn et gesinn, wou d'ailleurs och d'Léierpersonal dra vertrueden ass. An ech mengen, dass mer dofir awer au vote haut kënne goen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, just kuerz, datt ech eeben net komplett vun deem Dossier iwwerzeegt konnt ginn. A jo, dofir déi Abstentioun.

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci.

## 12.2.3. Immeuble Avenue des Terres-Rouges, 1 – aménagement ; devis estimatif ; décision

**Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer e weideren Devis. Do geet et ëm 1 Millioun fir d'Amenagement vum Gebai 1, Terres Rouges. Dat ass dat aalt ARBED-Mines-Gebai, dat elo an eise Besëtz gaangen ass 2023, wou d'Archiven, d'Fotothéik, awer och nach Raimlechkeete fir de Conservatoire solle spéider amenagéiert ginn.

Dat wat elo hei gemaach gëtt, dat als éischt emol Grondelementer: d'Fënsteren, d'Energie, d'Usträichen. Sou dass op d'mannst een Deel um Rez-de-chaussée elo mol prettgemaach gëtt, fir dass de Service vun den Archive kann als éischt an dat Gebai eraplënneren, éier d'Renovatioun dann duerno weidergeet.

Mir schwätzen do vun engem ganz schéine Gebai, sou dass eigentlech och d'Volontéit ass, do keen, soen ech elo, ganz modernen architekturelle Projet draus ze maachen. Mee virun allem d'Iddi ass, et esou ze erhalen, sou wéi d'Aarbechter op der ARBED et kannt hunn, an dee Charakter einfach soll erhale ginn.

Dat hei ass eeben elo en éischten Invest. Wéi den Invest duerno weidergeet, dat bleift awer nach ze definéieren. Ginn et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 12.2.4.1. Rue des Acacias – renouvellement des canalisations E.U. et E.P. ; devis estimatif ; décision

## 12.2.4.2. Rue des Acacias – crédit spécial budget extraordinaire ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer nach Devisë fir d'Rue des Acacias, respektiv e Crédit spécial, dee mer mussen hei stëmmen.

An der Rue des Acacias soll d'Kanalisatioun erneiert gi fir d'Waasserreseauen. D'Aarbechten, d'Schätzung beleeft op 3 Milliounen Euro, wouvunner scho fir dëst Joer 840.000 € zu Buch am Budget virgesi sinn.

Et gëtt en neien Artikel opgemaach. Dat heescht, am Moment sinn déi Sue mat an der Enveloppe ageschriwwe fir alleguer d'Aarbechten un de Reseauen. Dës ginn erausgeholl an da gëtt en neien exklusiven

Artikel fir d'Rue des Acacias agefouert. Wat dann eebe bedeit, dass mer dofir och nach de Crédit musse stëmmen.

Mir kënnen déi zwou Saachen zesumme stëmmen. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 12.3.1. Relevé et rôle principal de la taxe chiens pour l'exercice 2025 ; décision

## 12.3.2. Relevé et rôle supplétif de la taxe chien pour l'exercice 2024 ; décision

## 12.4. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer de Relevé et rôle. Do hu mer op der enger Säit zweemol fir d'Hondsteier, eng Kéier de Principal fir 2025, eng Kéier de Supplétif nach fir 2024. An och d'Grondsteier, de Relevé et rôle.

Gëtt et Froen heizou? Wuertmeldungen? Kënne mer et zesumme stëmmen? Au vote.

- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 13.1. Règlement communal de circulation ; modification ; décision

## 13.2.1. Confirmation des règlements temporaires de la circulation ; décision

## 13.2.2. Règlement temporaire de la circulation ; Kermesse de Pâques 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer Circulatiounsreglementer, wou ech och ni geduecht hätt, dass ech déi eng Kéier däerf virstellen am Gemengerot.

Dat eent, dat ass en definitiivt Circulatiounsreglement an der Schëfflenger Strooss. Do ass de Besëtz nei definéiert ginn, sou dass mer do och elo eng Zone30 kënne aféieren, wat dann och hei proposéiert gëtt.

An da gëtt et zwee temporaire Circulatiounsreglementer, déi Dir am Dossier leien hat. Eent par rapport zu der Kiermes, wou Der déi ganz Stroosse kënnt noliesen, wou et do zu Ännerunge kënnt.

An dann hat Der natierlech nach, wou Der erakomm sidd, och eng Rëtsch mat weidere Modifikatiounen op Ärer Sëtzplaz leien.

Wuertmeldungen dozou? Au vote. Alles zesummen.

- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 14.1. Contrats de bail et avenants ; décision

## 14.2. Contrat de bail GLS ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann hu mer nach Contrat-de-baile virleien. Eng Kéier véier nei Kontrakter a fënnef Avenanten zu Contrate fir Sozialwunnengen. D'Präisser, d'Meterkareeën, all dat am Dossier a konnt Der nokucken.

An dann hutt Der och gesinn, dass nach eng GLS-Wunneng vun eis ugelount gëtt, respektiv dass dat hei en Avenant zu engem Kontrakt virläit. Dat heescht, wa mir e Logement uloune bei enger Privatpersoun an deen dann herno sozial weiderverlounen.

Gëtt et Froen heizou? Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 15. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann ofschléissend hu mer d'Commisions consultatives, Modifikatioune vun Déi Lénk a vun der LSAP virleien. Dir hutt se ausgedeelt kritt, ech wäert ech se net all virliesen.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Da stëmme mer déi of. Dat geet iwwer e Vote secret.

En attendant soen ech virun allem deem, deen nach hei sëtzt, Merci, dass Der duerchgehalen hutt bis dëse Moment. Et war e laange Gemengerot.

Ech invitéieren Iech, fir duerno mat op d'Inauguratioun ze goen, déi nach Loscht an Zäit hunn, vum Chemin Ruby Bridges bei der Wobrécken-Schoul. An dann invitéieren ech och nach jiddereen, fir dëse Weekend d'Fuesend ze feieren, wann Der nach wëllt drun deelhuelen an och op d'Tribün wëllt kommen, sollt Der Iech beim Organisateur, beim Här Oliveira mellen.

An dann hoffe mer och, do kënne mat der Conseillère Broers unzestoussen, well déi feiert haut hire Gebuertsdag, wann ech dat richteg gesinn. Alles Guddes vun eiser Säit.

Mir zielen hei aus.

Dann hu mer 13 Mol Jo. Ech wënschen Iech e ganz schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV